

anere Präis ze verkafen, wéi wann se - entschëllegt den Ausdrock, deen net péjorativ soll sinn - e Fabriksbrout verkafen.

Ech sinn also der Meenung, dass dat hei keng aner Konsequenzen huet, wéi déi, dass mer méi Qualitéitsprodukter kréien; dass déi Leit, déi Qualitéitsprodukter herstellen, och e fairë Präis kréien; dass et awer doduerch op d'Präisser vun deenen anere Produkter an der Bäckerei, vun deenen déi meescht scho liberaliséiert sinn, kaum wäert Konsequenzen hunn.

Merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Ech hatt nach zwou Froe gestallt:

1) Ass nach geplangt fir an anere Secteuren och déi Präisser ofzeschaffen; dat ergëtt sech sou bëssen aus deem Brëif deen de Minister gestallt huet?

2) An dann, d'Roll vum Office des prix an der Zukunft?

**M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.**- Entschëllegt, ech hat gemengt ech hätt dorop geäntwert. Ech wäert d'Chamber - Ufank nächstem Joer spëtstens - mat engem Projet de loi iwwert d'Schafung vun enger Direction de la concurrence befaassen, wou gläichzäiteg och den Office des prix ofgeschaaft gëtt. An ech wollt gläichzäiteg drop hiweisen, an ech hat zitëiert, wat de Conseil européen a senge "Grandes Orientations de GOPE'N", wéi dat technesch genannt gëtt, fir Lëtzebuerg gesot huet, dass mer sollen d'Praxis vun de festen an administréierte Präisser ofschafen. Doduerch, dass mer d'Législatioun iwwert den Office des prix ofschafen ass dat implizit och de Fall, an et kënnt also - wéi soll ech soen - méi Fräiheet an d'Präisgestaltung eran, wéi dat bis elo de Fall war.

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Merci, Här Minister.

#### 4. Débat sur la Politique de Coopération et d'Action humanitaire

**M. le Président.**- Nodeems den Här Minister Charel Goerens de leschten Donneschdeg eng Regierungserklärung iwwert d'Entwécklungspolitik gemaach huet, kënnt d'Chamber haut de Mëtteg zum Débat. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt an Dir kennt d'Zäiten, déi virgesi sinn; ech gleewe kaum, dass jiddereen déi Zäite wäert an Usproch huelen. Als éischte Riedner huet sech den Här Mosar ageschriwwen.

Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

**M. Laurent Mosar (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Minister fir d'Coopératioun, den Här Charel Goerens, huet eis de leschten Donneschdeg en ausféierlechen Iwwer- an Ausbléck op d'Aarbecht an d'Prioritéite vun der Lëtzebuurger Entwécklungspolitik ofgeliiwwert. De Minister huet a senger Ried preziséiert,

datt seng Bestandsopnam dëst Joer ënner anere Virzeechen, wéi am Abrëll 2000 stoung. Zum engen huet de Ministère eis en exhaustiven a kloer strukturierte Rapport annuel 2000 iwwert d'Lëtzebuurger Entwécklungszesummenaarbecht virgeluegt. Zum aneren huet d'Cour des Comptes vun hirer Facultéit Gebrauch gemaach, an hirersäits eng ausféierlech Analys iwwert d'Verdeelung vun de Fonge fir d'ONGe virgeluegt, ob déi ech herno nach ze schwätze kommen.

D'Debatt, déi mer haut de Mëtteg hei féieren, ass eng wichteg Debatt, well se dozou bäidréit, d'Lëtzebuurger Bevölkerung kritesch an transparent iwwert d'Lëtzebuurger Entwécklungshëllef opzeklären. De Minister huet an senger Ried nach eng Kéier de Sënn vun enger adequater Informatiounspolitik bekräftegt, an d'Sensibiliséierung fir d'Entwécklungspolitik ervirgehewen. Et ass wichteg op Prioritéiten a Lacunë vun der Entwécklungspolitik opmierksam ze maachen an awer och Erfolleger ze vermëttelen, well eist Land zitt e fundamentale Bénéfice aus der Kooperatioun, nämlech dee vun enger gesteigerter Presenz a Réputatioun an der Weltpolitik.

Ech wëll aleedend op déi weltpolitesch Lag agoen, a mech duerno der internationaler Kooperatioun, a besonnech natierlech der Lëtzebuergescher Entwécklungspolitik, zouwennen.

Här President, dem Entwécklungsminister seng Stellungnahm war méi, wéi nëmmen en Etat des lieux vun der exécutéierter Kooperatiounspolitik. Et war en Appell fir méi international Zesummenaarbecht no deene vill zitëierten Evénementen vum 11. September. De Minister plädéiert fir eng staark an handlungsfähig UNO an engem, ech zitëieren: "Monde à réinventer".

Hien huet kloer gemaach, dass Lëtzebuerg bei den Erausforderunge prett ass, fir säi Bäitrag ze leeschten. Meng Fraktioun begréisst ausdrécklech dësen Appell, d'UNO verstärkt a Konfliktpreventiounen a Solutiounen mat anzebezéien. Speziell am Hibleck op d'Situatioun am Afghanistan müssen d'Veereent Natiounen e Konzept fir en demokratesche Stat virleeën, dee sech op d'Prinzipie vun der Rechtsstaatlechkeet a vun de Mënscherechter baséiert, an deen all Volleksgruppéierung mat abezitt.

Ech hat an deene leschte Wochen ëmmer e bëssen d'Impressioun, dass d'Terrorattacken zu New York a Washington vum 11. September fir bal alles hu missten duerhalen. Et vergeet keen Dag, wou net an de Medien iwwert d'Konsequenzen fir d'Weltpolitik, d'Wirtschaft an d'Finanzen a fir eis Sécherheet méi oder manner gutt Iwwerleeungen ugestrengt ginn. Ech wëll net an dësen Tenor mat afalen. Et fällt awer schwéier am Kontext vun der Lëtzebuurger Entwécklungspolitik, déi aktuell Situatioun am Afghanistan ze ëmgoen. Schätzungsweis hunn zwou Milliounen Afghanen hir Stiet verlooss, a sinn an déi ländlech Regiounen oder a Pakistan an

Usbekistan geflücht. D'Tatsaach, datt déi sougenannten Nordallianz strategesch a politesch wichteg Stiet ageholl huet, soll eis net zur Konklusioun verleeden, datt dës Kris amgaangen ass op en Enn ze goen. Bien au contraire. Den Opbau vun engem Land, dat duerch 23 Joer Krich, Ennerdrückung a Misère a senger Entwécklung an d'Mëttelalter zrëckgefall ass, brauch Gedold, Zäit an eis Ennerstëtzung. Et ass, no de Wieder vum fir Entwécklungshëllef zoustännegen EU-Commissaire Poul Nielson, ech zitieren: "A new Chapter in an old story".

Säit zéng Joer strengt d'Europäesch Unioun all hir Moyenen un, fir um Niveau vun der humanitärer Hëllef am Afghanistan sou schnell wéi méiglech nëmmen ze hëllefen. Eleng dës Joer huet d'Kommissioun als direkt Äntwert, op d'Fuerderunge vun der UNO an op déi kommend humanitär Erausforderungen, nach eng Kéier 100 Milliounen € zur Verfügung gestallt. Et ass kloer, datt weider Gelder mussen opbruecht ginn, dës am Aklang mat aneren internationalen Organisatiounen. Vläicht wär et och ubruecht, datt Lëtzebuerg sech weider engagéiert, an aus dem Afghanistan, à moyen terme, e Pays cible vun senger Entwécklungspolitik mécht.

Et waren net d'Événementer vum September vun dësem Joer, déi eisem Land d'Erkenntnis bruecht hunn, Verantwortung an der Welt ze iwwerhuelen, an an deene Länner ze wierken, wou et am Néidegsten ass. E Bléck op d'Drëtt Welt erlaabt et net, eis op deem Erreechten auszerouen, well de Bilan iwwert d'Drëtt Welt an de vergaangenen 30 Joer ass duerchwuess. Et ginn eng ganz Rei Erfollegsmeldungen ze verzechnen. Dozou zielen eng steigend Alphabetiséierung vun den Erwuessenen an eng Steigerung vun der Liewenserwaardung. Den Zougank zu Drénkwaasser huet sech an der Campagne verfënn effacht. Och ass d'Tendenz zu méi Rechtsstaatlechkeet a méi Fräiheeten an de Länner vun der drëtter Welt net ze verkennen. A ville Länner sinn Demokratiséierungsprozesser amgaangen, déi zwar nach fragil sinn, mä déi sech dach wäerten duerchsetzen. Dat vergaangent Jorzéngt huet gewisen, datt sech e Mentalitéitswandel an de Käpp vum afrikanesche Vollek vollzunn huet, wat déi autoritär Regimer net méi wëll erdroen.

Mä d'Entwécklungspolitik kann an där sech net ausschliesselech un dës positiven Entwécklungen orientéieren, déi iwwert déi regional Disparitéiten ewechtäuschen. Sou leien haut d'Länner am südasiateesche Raum, an d'Länner vun der Afrique subsaharienne, nach wäit hannert de Fortschrëtter um Niveau vun der Longévitét, vum Wëssen a vun der Wirtschaftskraaft. Aner Länner an Ostasien an aus dem pazifische Raum hunn an dësen Domainë grouss Fortschrëtter erziilt.

D'Weltgemeinschaft ass haut Zeien vun enger Aarmutt vun engem bis dato net gekannten Ausmooss. An déi

aktuell Entwécklung schénkt d'Globaliséierungsgéigner vu Genua, Göteborg a Seattle an hiren Ängschten an düstere Viraussoen ze bestätegen, datt et d'Drëtt Welt erëm wäert sinn, déi op der Verléierersäit steet. D'Kluft zwëschen der nördlecher an der südlecher Hémisphère, zwëschen deenen, déi wëssen an net wëssen, zwëschen aarm a räich, gëtt ëmmer méi grouss. De Fortschrëtt, d'Fuerschung an d'Innovatioun stinn am Dëngscht vum Marché an net am Dëngscht vun den Aarmen.

Dobäi kënnt, datt d'Démographie sech géint déi Drëtt Welt entwéckelt. Am vergaangene Jorzéngt louch den Taux de croissance démographique an den ärmste Länner vun eisem Planéit bei 2,5%. An der Moyenne louch dësen Taux dräi mol méi héich wéi hiren Taux de croissance économique, wat zur Folleg huet, datt dës Länner ëmmer méi an e Sog vun Aarmutt a Verschuldung geroden. A ville Länner an der drëtter Welt baséiert d'Economie op der Landwirtschaft. Weltwäit sinn 1,2 Milliarde Leit an der Landwirtschaft beschäftegt, wat net manner wéi d'Halschent vun der aktiver Populatioun ausmécht. Och do sinn d'Produktivitéitsécarten zwëschen Nord a Süd an deene leschte Joren explodéiert, wat zu engem Zesummebroch vun de Präisser an zu enger Zounahm vun der Aarmutt vun der ländlecher Populatioun gefouert huet. Grad an dësem Kontext ass d'Schafung vu regionalen a wirtschaftlechen Zesummeschlëss zwëschen deenen ärmste Länner, déi sech op vereenzelt Wirtschaftssecteuren, wéi d'Landwirtschaft, bezéien, ze begreissen an ze ënnerstëtzen.

Laut de Statistike vun der Weltgesondheetsorganisatioun gëtt et zur Zäit ëm déi 36 Milliounen Menschen, déi mat HIV infizéiert sinn, respektiv un AIDS erkrankt sinn. 86% vun deene Menseche liewen an engem Entwécklungsland an Asien oder an Afrika. D'Infektioun breet sech an der drëtter Welt, wéi e Flächebrand, aus, a rafft grad déi Altersklassen dohin, déi fir d'Produktivitéit vun engem Land iwwerliewensnoutwendeg sinn. Et muss op internationalem Plang eng Léisung fonnt ginn, fir verbëllegt Medikamenter fir déi betraffe Länner zur Verfügung ze stellen. Dësen Aspekt ass menger Fraktioun wichteg, a mir hoffen, an dësem Kontext, datt déi rezent Deklaratioun am Kader vun der Welthandelsorganisatioun, iwwert d'Santé publique, an den Entwécklungslänner keng Sonnesried war.

Am Kader vun der AIDS-Problematik si Programmer néideg, wéi d'UNO-SIDA, déi sech ënnert der Regie vun internationalen Organisatiounen dëser Problematik unhuelen, a konsequent weidergefuert ginn. Lëtzebuerg leescht hei e wichtige Bäitrag bei de Programmer vun der Europäescher Unioun a vun der UNO, an huet konkret Projeten am Niger an am Burkina Faso initiéiert. AIDS ass awer net deen eenzege gesondheetleche Fléau an der drëtter Welt. Ech wëll drun erënneren, datt haut

d'Bevölkerung an den Entwicklungsländer nach u ganz anere Krankheete stierft, wéi zum Beispill d'Tuberkulos, déi mir op der nördlecher Hallefkugel scho säit Joren ënner Kontroll hunn.

De Welthandel gëtt zu 70% vu 500 Entreprises a Multinationalen dominéiert. 1% vu weltwäit allen Entreprises réalisieren eleng d'Halschent vun den direkten Investissementer am Ausland. De Minister fir Entwécklungshëllef huet sech, a senger Interventioun fir d'Schafung vun engem Code de bonne conduite, fir Multinationalen ausgeschwaat. Och si musse sech hirer Responsabilitéit vis-à-vis vun der Bevölkerung bewusst sinn, a sech vehement géint d'Exploitatioun wennen, dëst virun allem wat d'Kanneraarbecht betrëfft. Traditionen a Kulture gëllt et ze respektéieren. Op d'Problemer vun engem Land gëllt et Rücksicht ze huelen. Et ass wichteg, der politescher, wirtschaftlecher a kultureller Klass vun engem Entwicklungsland, mat Toleranz a Respekt vis-à-vis vum deem aneren, ze begéinen.

An Afrika verléieren all Joers duerch Biergerkrich méi wéi 200.000 Leit hiert Liewen. Kriminalitéit a Schattenwirtschaft ënnerhielegen Demokratisierungsprozesser an entwécklungspolitesch Moosnamen. De Prinzip, vun der sougenannter "Bonne gouvernance", ass an den EU-ACP-Accorden vu Cotonou verankert ginn, a reit sech domat nierft de Respekt vun de Mënscherechter, vun den demokratesche Valeuren a vum Rechtsstat an. Europa muss sech mat aller Kraaft géint déi organiséiert Kriminalitéit zur Wier setzen, well se d'Demokratiesbestriewungen a Gefor bréngen, an d'Fortschrëtter an der Entwécklungspolitik zerstéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Entwécklungsminister huet, am Kontext vun der humanitärer Hëllef, en treffenden Saz gesot, dee sech speziell op déi aktuell weltpolitesch Lag bezitt, ech zitieren: "Notre action commence là, où s'arrête celle de CNN.", a kritiséiert implizit déi subjectiv Berichterstattung an de Medien. Humanitär Katastrophen, ervirgeruff duerch Krich an Naturkatastrophen, ginn an de Medien net laang beliicht, a schnell duerch méi quoteräich Biller ersat. Wat bleift, si Mënschen, déi oftmools alles verluer hunn, hir Familljememberen, hiert Heem, hir Récolte an hire Courage fir erëm vu vir unzefänken. Dëse Leit gëllt et, dauerhaft zur Säit ze stoen.

An deem Kontext fällt der humanitärer Hëllef eng Schlësselfall zou. No enger Etüd vum Wëssenschaftszentrum Berlin ass et zwëschen 1946 an 1999 zu engem rasanten Ustieg vun humanitärer Katastrophe komm, déi deels duerch d'Natur, deels duerch Mënschenhand ervirgeruff gi sinn. Dës Entwécklung wäert sech an de kommende Joren zouspëtzen. Dat heescht deemno och, datt déi industrialiséiert Stategemeinschaft verstärkt mat humanitärer Katastrophe konfrontéiert gëtt. Et gëllt dorobber Äntwerten ze fannen.

Zum enge muss déi humanitär Hëllef e méi grouse Poids an der Kooperatiounspolitik anhuelen. Zum anere mussen d'Industrienatiounen hire Verflechtungen um Niveau vun enger weltwäiter nohalteger Entwécklung nokommen. Dëst betrëfft un aller éischter Linn d'Ëmsetze vun den Engagementer vu Kyoto, mä doriwwer eraus mussen d'Industrienatiounen à moyen terme versichen, sech nei Produktiounsmodeller ze ginn, déi manner un eisen natierleche Ressourcen zieren.

Den zoustännegen Minister huet an senger Deklaratioun och kloer gemaach, datt grad Europa der Globalisatioun eng human an ethesch Komponent muss ginn. En Europa, dat op Wäerter vu Fräiheet a Rechtsstaatlechkeet, vu sozialem a wirtschaftlechem Fortschrëtt an op de Grondsätz vun der sozialer Maartwirtschaft am Dëngscht vum Mënsch opgebaut ass, däerf am Hëllef op d'Globaliséierung hir ursprüngelech Ideale net aus den Ae verléieren.

Den 10. November 2000 hunn de Conseil européen an d'Europäesch Kommissioun sech op en Dokument geeenegt - mat de grouse Prioritéiten vun der europäescher Kooperatiounspolitik, déi sech nohalte fir eng kohärent AIDS- an Drogepolitik, a géint d'Mines terrestres anti-personnelles asetzt - a sech bei de Programme vun aneren internationalen Organisatiounen engagéiert. E Bléck op déi bereitgestallte finanziell Ressourcë vu 14,6 Milliarden € fir de Fonds européen au Développement, ënnermaueren d'Engagement vun Europa.

Déi eenzegaarteg Zesummenaarbecht zwëschen Europa an de sougenannten ACP-Länner ass haut an den Accorde vu Cotonou vum 23. Juni 2000 verankert. Dës preferentiell Zesummenaarbecht ass e besonnesche Volet an de Relatiounen zwëschen Europa an der drëtter Welt. Nom éischten histoireschen EU-Afrika-Sommet zu Kairo am Abrëll 2000, huet den 11. Oktober 2001 zu Bréssel dat éischt EU-Afrika-Ministertreffen stattfonnt, fir d'Acquisé vu Kairo ze konsolidéieren an de politeschen Dialog zwëschen deenen zwee Kontinenter oprecht ze erhalen. Dat klengt Lëtzebuerg muss, besonnesch an dëse Forté, seng Stëmm zum Ausdrock bréngen, fir déi ambitiéis Virsätz konkret, och Hëllef, suivéieren ze loossen.

Déi lescht Woch huet sech d'Welthandelsorganisatioun WTO zu Doha am Qatar getraff, fir iwwer eng nei Verhandlungsrund ze beroden. Dës Organisatioun regroupéiert méi wéi iwwert d'Halschent vun den Entwicklungsländer an, an hirer Ofschlosserklärung vum 14. November 2001, hunn d'Ministère hir Absicht bekräeft, de Marginalisatiounsängscht vum den Entwicklungsländer entgéintzewierken, a verstärkt d'Entwicklungsländer an den internationalen Handel anzubannen, a sech hiren Interessen a Fuerderungen unzuhuelen.

Doriwwer eraus encouragéiert d'WTO d'Schafung vun internationalen Handelszumeschlëss am Hibleck op eng Libéraliséierung vun de Mäert a vun enger Expansioun vun den Handelséchangén. Och Europa muss seng Marchéë fir Produiten aus den Entwécklungslänner méi opmaachen. Mat mir hofft meng Fraktioun, datt dëst net nëmmen eng huel Absichtserklärung bleift, mä datt sech eng dauerhaft, a fir d'Entwécklungslänner profitabel, Integratioun an den internationalen Handel vollzitt. Et muss Lëtzebuerg dru geleeë sinn, datt sech Prinzipie vun enger sozialer Maartwirtschaft och an den Entwécklungslänner duerchsetzen.

Här President, ech wëll elo op d'Erausfuerrunge vun der Lëtzeburger Entwécklungspolitik agoen, déi sech an deem aktuelle Kontext ofspillen. Lëtzebuerg ass an enger komfortabler Positioun wann, am Mäerz 2002, zu Monterrey, d'Konferenz iwwert d'Aide publique fir Entwécklungshëllef aberuff gëtt. Um EU-Sommet zu Göteborg hunn d'Memberstaaten hire Wëlle bekräftegt, en Taux vun 0,7% vum Produit national brut ze erreechen. Lëtzebuerg huet dësen Taux schonn am leschte Joer erreecht, a wäert och an den nächste Jore weider dorobber hischaffen, dësen Taux am Joer 2005 op 1% ze hiewen. Déi 0,71% vum PNB hunn am Budget 2000 eng Zomm vu 5,5 Milliarden uitgemaach – wat an der heiteger Budgetterminologie ongeféier 136 Milliounen € ausmécht.

Wa mer zrëckkucken huet sech de Budget fir d'Kooperatioun rasant entwéckelt. 1995 stounge ronn 46,2 Milliounen € zur Verfügung, wat e Prozentsaz vun 0,34% vum PIB uitgemaach huet. An e puer Woche läit de Budget 2002 an der Chamber zur Ofstëmmung vir. Nodeems de Budget 2001 en Taux vun 0,76% vum PNB fir d'Entwécklungspolitik erreecht huet, gesäit de Budget 2002 eng Zomm vun 204,4 Milliounen € vir, wat engem Taux vun 0,8% vum PNB entsprécht.

Et ass bedauerlech, datt weltwäit d'Tendenz no ënnen weist. Den OECD-Duerchschnitt louch am Joer 2000 bei engem bemierkenswäert déiwen Taux vun 0,22%. Et si vir allem déi grouss Industrienatiounen, déi hirer Verantwortung net gerecht ginn. Am September 2000 hunn d'Stats- an d'Regierungschefen zu New York en Engagement geholl, fir bis 2015 d'Proportioun vun deenen Äermsten vun den Äermsten ëm 50% ze reduzéieren. Dëst Engagement kann awer nëmme realiséiert ginn, wa sech d'Industrienatiounen hirer Verantwortung méi bewusst ginn, an déi budgétaire Linnen vun der Entwécklungspolitik op e raisonnablen Taux erhéijen.

Här Prääsident, ech wëll nach e puer Wuert iwwert déi inhaltlech an organisatoresch Gestaltung vun der Entwécklungspolitik verléieren, an e puer méi kritesch Bemierkunge maachen. Dës bezéie sech virun allem op de Choix vun de Pays cibles, d'Zesummenaarbecht an d'Kooperatioun mat den ONGen, an op de Finanz-

ement vun den ONGen, dëst och op der Base vum Avis vun der Cour des Comptes.

Entwécklungspolitik bedärf engem héije Grad u Koordinatioun a Kohärenz. Dofir huet sech de Ministère säit e puer Joer dozou entschloss, nëmmen zéng Zillänner an d'Konzeptioun vun der Kooperatioun mat anzebezéien, déi zu den Äermsten um Globus zielen. Et sinn dës sechs Länner an Afrika, zwee an Asien an zwee a Mëttel- a Südamerika. Mat aneren ehemolegen Zillänner hu mir och haut nach enk Verbindungen op entwécklungspoliteschem Plang.

Dës ass eiser Meenung no de richtege Wee fir konkret, visibel an erfollegsekréinte Projeten an d'Weeër ze leeden, an eng Kontinuitéit an der Kooperatioun ze schafen. De Minister huet awer an deem Kontext nëmme wéineg Erklärungen geliwwert, an ech muss soen, dass ech do e bëssen op mengem Honger setze bliwwen sinn. Ech wollt virun allem no de Kritäre froen, déi ze erfëlle sinn, fir als Pays cible och an Zukunft éligibel fir d'Lëtzeburger Entwécklungspolitik ze sinn. Wéi sinn d'Erfolleg an engem Pays cible moossbar, fir eventuell no enger Zäit aner Länner mat eranzehuelen?

Och am Hibleck op déi aktuell Situatioun am Hindukush stellt sech d'Fro, a wéifern humanitär Katastrophen an hir laangfristeg Konsequenzen, e Kritär kënnen sinn, fir aus engem Land e Pays cible ze maachen. Et ass gewosst, datt am Fall vun enger Kris eng ganz Regioun affectéiert ass, wéi dës am Afghanistan de Fall ass. Ass et deemno net opportuon driwwer nozedenken, fir dës Länner an engem regionale Kontext mat anzebezéien? Vläch kann de Minister dono nach méi ausféierlech op dës Froen agoen.

D'Lëtzeburger Asylpolitik ass an de leschte Jore mat eiser Entwécklungspolitik ëmmer méi koordinéiert ginn. Dës ass richtig, an et ass fir eis Fraktioun vun enger fundamentaler Wichtigkeet, mat deene Länner um entwécklungspolitesche Plang weider ze kooperéieren, déi och an eiser Asylpolitik implizéiert sinn.

En anere Volet vun eiser Kooperatioun ass hir Ausféierung, an domat wëll ech mech e bësse méi hei befaassen. Eng pluriannuel a programmatesch Gestaltung vun der Entwécklungspolitik kann awer nëmmen hir Friichten droen, wann eis Kooperatiounslänner sech aktiv un dëser Politik bedeelegen. Dës Länner weisen grad déi Defiziter op, déi ech virdru versicht hunn ze belichten. D'Ouverture vun enger Missioun am Senegal intensivéiert den Dialog mat eise Kooperatiounslänner an Afrika, an optimiséiert a begleet d'Aarbecht vun eisen Acteuren. Et ass wichteg, datt all Acteur, sief dës um Niveau vun der Lëtzeburger Säit oder op der Säit vun de Partnerlänner, vun den ONGen oder vun der Regierung, vun der Zivilbevölkerung oder vun den Autoritéiten an den Zillänner, "à poids égal" an der Konzeptioun, der Ausféierung an der Evaluéierung vu bi- wéi multilaterale Projekte mat intégréiert ginn.



Et ass wichteg, sech am Virfeld iwwert d'Defiziter, d'Traditiounen an d'Spezifitéiten an eise Partnerlänner e kloert Bild ze maachen, fir adequat Projeten ze konzipéieren. Dëst ass de Sënn vun enger Approche participative, déi dorobber ziilt en héije Qualitéitsniveau ze erreechen an op déi spezifesch Problemer an den Entwécklungslänner Äntwerten ze fannen, déi dauerhaft an nohalteg Léisunge fir d'Bevölkerung duerstellen. Eng Approche participative beinhalt och d'Konzept vun der Hëllef zur Selbsthëllef. Eise Partnerlänner muss kloer gemaach ginn, datt et och an hiren Hänn läit, fir aus de Klaue vun Aarmutt a Misère erauszekommen. Et ass den Autoritéiten hir Responsabilitéit, déi Opportunitéiten, déi sech aus der Entwécklungshëllef erginn, ze notzen an ëmzesetzen, an do weiderzefueren wou eis Hëllef ophält.

Eis bilateral Hëllef a Programmer sinn an éischter Linn op de soziale Secteur ausgeriicht an orientéiere sech op eng nohalteg Approche. E Bléck op de Budget 2000 verréit eis, datt d'Education an de Gesondheitssecteur e Groussdeel vun de Gelder anhëlt. Den Transfert vu Know-how, d'Vermëttlung vu Wëssen, souwéi d'professionnell Formation, sinn onerlässlech am Hëllef zur Selbsthëllef. D'Distribution an den Assainissement vum Drénkwaasser ass en net manner wichtige Posten. Aner Secteure si virun allem d'Produktionsinfrastrukturen um Niveau vun der Landwirtschaft, den Handel, den Tourismus an déi handwierklech Industrie. E Brochdeel vun eiser Hëllef ass fir Projete virgesinn, déi secteuiriwwergräifend sinn, an den Ëmweltschutz an d'Protection vun de Ressourcë mat abezéien. Och hei weist sech, datt d'Lëtzebuerger Entwécklungspolitik op Nohaltegkeet ausgeriicht ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Entwécklungspolitik ass net denkbar an net ëmsetzbar, wa mer net den Engagement, de Courage an d'Kompetenz vun eisen ONGen zur Verfügung hätten. Déi Leit um Terrain an déi, déi hei bei eis zu Lëtzebuerg eng onermiddlech Aarbecht verrichten, verdéngen eisen opriichtege Merci a Respekt. Hiren oftmools selbstlosen Asaz huet e groussen Undeel un der Success-story vun der Lëtzebuerger Entwécklungspolitik.

Et ass haut awer ëmmer méi schwéier Persounen ze fannen, déi sech an der Entwécklungspolitik wëllen engagéieren. Et wier dofir ze iwwerleeën, ob et net méiglech wier méi Ureizer ze schafe fir Leit, déi sech an der Kooperatioun iwwert de Wee vun ONGen engagéieren. Et waren am Joer 2000 net manner wéi 75 ONGen, déi sech an der Lëtzebuerger Entwécklungspolitik engagéiert hunn. 13,6% vum 2000er Budget, also 750 Milliounen Lëtzebuerger Frang stoungen den ONGen zur Verfügung. Par rapport zu 1998 huet sech dës Budget ëm 65% erhéicht. Lëtzebuerg steet domidden un der Spëtzt vun der Europäescher Unioun.

Et muss ee sech awer an deem Kontext d'Fro stellen, ob d'Zuel vun de 75 ONGen net d'Effizienz vun der Aarbecht ënnergrueft, an ob et net sënnvoll wier, Fusiounen zwësche verschiddenen ONGen an d'Aen ze faassen. Dëst ass sécherlech e schwierigen Exercice, well keng ONG hir Autonomie wëllt opginn. Et geet awer drëm Gemeinsamkeeten zwëschent den eenzelnen ONGen erauszeschelen a Kapassitéiten ze regroupéieren.

Ech hat a menger Interventioun vum leschte Joer scho gefrot, ob sech d'Zuel vun den ONGen entre-temps scho verklengert hätt an ob et Beméiunge ginn dës Zuel an ofsehbarer Zäit erofzesetzen. De Minister huet a sech a senger Deklaratioun heizou keng Aussoen iwwer eventuell d'Schwieregkeeten an der Zesummenaarbecht mat den ONGen gemaach. Et wier awer wichteg ze wëssen, wéi d'Zesummenaarbecht an d'Koordinatioun mat, an ënnert den ONGen fonctionnéiert, a wat fir eng Schwierigkeeten de Ministère an dëser Zesummenaarbecht begéint.

De Ministère huet, à l'égard vun den ONGen, an deene leschte Joren eng Politik ageschloen, d'ONGen nach méi an hirer Aarbecht ze fuerderen. Am Joer 2000 konnten aacht Accords-cadres zwëschtent dem Stat an den ONGen ofgeschloss ginn; fënnef weider Accords-cadres sinn am Joer 2001 ofgeschloss ginn oder um Wee dohinner. Doriwwer eraus gouf d'lescht Joer e Bureau d'Assistance technique geschaf, deen den ONGen bei der Konzeptioun vu Programmer a bei der Formation vun hire Mataarbechter, a bei Informatiouns- a Sensibiliséierungscampagnen, zur Säit steet. Dëse Bureau ass sécher eng wichteg Stäip an der Aarbecht vun den ONGen a bei der Ëmsetzung vun Hëllef-aktiounen.

Et ass schwéier direkt moossbar Fortschrëtter ze erzilen. Dofir si pluriannuel Programmer laangfristeg ausgeriicht. Der Evaluatioun vu Projeten a Programmer fällt duefir eng Schlüsselroll zou, fir Verbesserungen unzereegen, Feeler auszemäerzen an do weider ze fuere wou spierbar Progrèsen erreecht gi sinn. Och do muss all Acteur seng Contributioun maachen an zu Protokoll ginn, wat un der Konzeptioun an un der Ausféierung vun engem Projet gutt oder schlecht war. Nëmmen esou léisst sech eng falsch finanziell Planifikatioun vermeiden, an nëmmen esou kann een eng zilgeriichte Kooperatiounspolitik effektiv ëmsetzen a weiderféieren.

Här Präsident, fir d'CSV-Fraktioun ass de Finanzement vun den ONGen vun enger fundamentaler Bedeitung. Et ass awer e bëssen schued, datt den zoustännege Minister net méi zum Avis vum Rechnungshaff Stellung bezunn huet. Dëst ass emsou méi bedauerlech, well d'Cour des Comptes eng ganz Rei konstruktiv Iwwerleeungen a Kriticken ervirbruecht huet, op déi de Ministère zwar schrëftlech reagiert huet, mä wou de Minister net vun der Geleeënheet profitiert huet,

öffentlech, am Plenum, déi vereenzelt Kriticken opze-gräifen. De Minister kéint an dësem Kontext vläicht herno generell op de Finanzement vun den ONGen agoen a méi prezis Aussoe maachen, wéi et mat den Auditen weidergeet ...

**M. le Président.-** Här Mosar, den Här Minister wollt lech eppes soen.

**M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.-** Et ass well ech den zoustännige Kommissiounen, der Commission des Affaires étrangères an och der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire, wollt d'Primeure vun där Diskussioun ginn, wat mer och gemaach hunn. An dat an deenen allerbeschtméiglechen Délaien.

**M. Laurent Mosar (CSV).-** Eng luewenswäert Initiativ, Här Minister.

**M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.-** Ech ginn awer herno ganz gären op dat do an, wat der als Fro opgeworf hutt.

**M. Laurent Mosar (CSV).-** Am Kontext vu méi Transparenz kann ee sech d'Fro stellen, ob d'Resultat vun deenen Auditen an der zoustänneger parlamentarescher Kommissioun net soll virdiskutéiert ginn.

D'Cour des Comptes begreisst dann och d'Méiglechkeet vun enger externer Evaluatioun wéi d'ONGen hir Projete finanzéieren, bedauert awer datt dësen Exercice net systematesch ass. Et geet der Cour virun allem drëm, hei gemaachten Dépensen ze retracéieren, an op der Plaz ze kontrolléieren. De Minister hält a senger Äntwert entgéint, datt et schwéier ze definéieren ass, wat en zefriddestellenden Audit ass. Et wier virun allem e Mangel u budgétaire Méiglechkeeten an u Personal, deen et net erméiglecht bei der Kontrolle vun de Finanzen méi an d'Déift ze goen. Meng Fro un de Minister ass, ob et à moyen terme net nach Spillraum gëtt, fir qualifizéiert Personal anzustellen, fir dëser wichtigerer Aufgab gerecht ze ginn.

En anere Kritikpunkt betrëfft d'"donation globale", déi nëmmen e Contrôle ex-post virgesäit, an net eng ex-ante Evaluatioun, wéi bei engem Cofinancement. De Minister huet do eng législativ Upassung un déi géigewäerteg Praxis virgeschloen. Meng Fro ass: Wéini kann esou eng Modifikatioun vum 96er Gesetz an Ugrëff geholl ginn?

Op Grond vun den Dispositiounen zum Accord-cadre, huet d'Cour des Comptes gemengt, datt den Accord-cadre u sech keen neie Finanzéierungsmodell fir ONGen ass. De Ministère gesäit dat awer net esou, a geet a senger schrëftlecher Äntwert op d'Dispositiounen aus dem Kooperatiounsgesetz an, fir de Contraire ze beweisen. Vläch kann de Minister nach eng Kéier op d'Ënnerscheeder vun deenen eenzele Finanzéierungsinstrumenter hiweisen.

Här Präsident, mat dëse Froen un de Minister kommen ech zu menger Conclusioun. Et gëtt e Konsens an der Entwécklungspolitik, an zwar deen, datt den Aarmutt an der Welt nach ni esou grouss war ewéi haut, an datt mer duerfir müssen aktiv ginn. Ech plädéieren duerfir um Niveau vun der Entwécklungspolitik all parteipolitesch Considératiounen op der Säit ze loossen, a gemeinsam dëse gewaltegen Défi opze-gräifen, an d'Politik vun der Regierung ze ënnerstëtzen.

Mat menger Fraktioun stellen ech fest, datt mer der Kooperatiounspolitik vun der Regierung eng gutt Zensur kënnen ausstellen, well se drëm beméit ass, nohalteg op d'Problemer an der drëtter Welt ze äntworten. Op bi-wéi multilateralem Plang sinn am kommende Jorzéngt awer nach Ustrengungen noutwendeg, fir op d'Entwécklung vun der Mondialisatioun anzewierken, fir datt se sech net géint eis Partnerlänner an der drëtter Welt richten. Doniewent bleiwen Efforten ze maachen, wat d'Effizienz, de Finanzement a besonnesch d'Kooperatioun zwëschen den ONGen betrëfft.

Meng Fraktioun ass awer der Meenung, datt d'Ausrichtung vun der Kooperatiounspolitik vun der Regierung méi wéi richtig ass, an dofir kënne mir och dem zoustännige Minister Charel Goerens eis voll Ënnerstëtzung zousoen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Den nächsten Orateur ass d'Mme Lydie Err. Mme Err, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Lydie Err (LSAP).-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt haut op e puer Saachen, déi am direkten Zusammenhang mam Rapport iwwert d'Kooperatioun stinn, méi prezis agoen, well et hängt jo mam Rapport zesummen, dass mer am Fong geholl dës Kéier dës Debatt iwwert d'Kooperatioun eréischt Ausgangs des Joers hunn.

Ech mengen och, dass dat eng richtig Demandé war, an ech fannen et och gutt, dass dëse Rapport als Basis vun den Diskussiounen soll déngen. Ech stellen awer fest, dass an der Ried vun der leschter Woch eigentlech ganz wéineg iwwert de Rapport geschwat ginn ass, mä am Fong éischter iwwer Conclusiounen, déi een aus dem Rapport kann zéien, sou dass ee praktesch scho muss Fachmann oder Fachfra sinn, fir sech eleng am Rapport erëmzefannen.

Ech hunn also du probéiert dee Rapport mat engem naïve Bléck ze kucken, fir ze versichen erauszefannen, ob een och kann, wann een net virbelaascht aus, eppes, wat ee wëllt, aus dem Rapport erauszefannen; an dat ass leider net op alle Punkten de Fall, an ech denken, dass et dofir interessant ass ze kucken, wéi dee Rapport do kéint geännert ginn, fir dass en am Fong méi dat erëm gëtt, wat an der Praxis effektiv stattfënnt, a wat de Moment net onbeding dra steet.

Am Ufank gëtt natierlech gesot, dass d'Joer 2000 sech duerch e puer Elementer charakteriséiert, déi net ze beschreiwe sinn, déi et awer derwäert si widderholl ze ginn. Dat ass, dass d'Accorde vu Cotonou ënnerschriwwen gi sinn, dass 0,7% vum PIB fir Lëtzebuerg erreecht ginn ass, dass zu Dakar, wéi soll ech soen, eng Plaz opgaangen ass fir d'Gestioun vun eise Projeten a Westafrika ze koordinéieren, dass déi éischt Journée de la coopération war, an dass den éischten Accord-cadre ass.

Ech mengen dat ass wierklech ganz wichteg, allerdéngs ass et e bësselche "Moutarde après dîner", wann ee wees, wat dono alles passéiert ass, net nëmmen an der Kooperatioun, mä virun allem an der Welt. An och wa mäi Virriedner hei op dësem Pult dat net esou gesäit, mengen ech, dass et schwéier ass iwwer Kooperatioun ze schwätzen ouni den Datum vum 11. September dëst Joer ze nennen an ouni vun Doha ze schwätzen an et ass wäit vum Bericht iwwert d'Kooperatioun an sech ewech.

Ech perséinlech fannen et e bësselche frustrant, dass déi eenzeg Plaz, wou mer wierklech iwwert dee Rapport do geschwat hunn, an der zoustänneger Kommissioun de 7. September war, wou mer allerdéngs de Rapport eréischt an der Sëtzung selwer kritt hunn, a wou mer eis Remarken a Reflexiounen aus dem Stegreif doriwwer gemaach hunn, ouni dass nach eng Kéier doriwwer geschwat ginn ass.

Ech denken, dass den Audit vun der Cour des Comptes a verschidden Zuelen aus der Kooperatiounshëllef eis nach eng Kéier d'Geleeënheet ginn hunn, iwwert d'Instrumenter vun der Kooperatioun ze diskutéieren. An ech wëll eigentlech net méi op deen Audit agoen, well ech an zwou Kommissiounssëtzungen d'Geleeënheet hat meng Meinung zu dëse Punkten ze soen, an et a mengen Aen am Fong technesch Iwwerleeunge sinn, déi hiren Nidderschlag an enger Gesetzesännerung fanne mussen, an do komme mer jo nach geleeëntlech - huelen ech un - drop zréck.

Fir op de Rapport selwer zréckzekommen, deen 210 Säiten huet, dovunner si 50 Säiten Annexen, wat ech e bësselchen déroutant fannen, an denken, dass eng aner Proportioun, tëschent den Annexen an dem Rapport selwer, do besser adaptéiert wier.

Ech huelen déi éischt Säiten, Här Minister, Säit 16 a 17, wou d'"Aide publique au développement du Luxembourg en 2000 par Ministère" op de Frang opgeléicht ass. Dat ass sécherlech ze begrëssen, well et fir d'éischt ass, dass an engem Rapport annuel dra steet, wat vu Suen an anere Ministèren an der Kooperatioun verwalt ginn. Da stelle mer awer fest, dass praktesch vun deene 5,5 Milliarden, déi do sinn, 25% - also  $\frac{1}{4}$  - vun anere Ministère verwalt ginn, an doriwwer am Rapport weider näischt steet wéi eng Zuel.

Ech fannen dass, engersäits, d'Tatsaach dass et hei dra steet, eis natierlech d'Geleeënheet gëtt ze wësse wat lass ass, mä, anersäits, misst een et dee Moment awer och kontrolléiere kënnen. Wann ech da weider op deen éischten Tableau deen dra steet kucken, da steet do, dass notamment 4,6 Milliarden vum Ministère verwalt ginn - de Ministère de la Culture 9 Milliarden an sou weider - an da kënnt en Divers - dee menger Meinung no enorm héich ass - vun 9,18% vun deem Ganzen, a wou dobäi steet "comporte notamment la part de la contribution au budget de l'Union européenne hors faits". Wa mer hei vun esou vill Sue schwätzen, mengen ech, dass et derwäert wier, fir e wéineg ze erklären, wat, somme toute, deen Zéngtel vun der ganzer Lëtzebuerger Kontributiounshëllef géif duerstellen.

Ech mengen och, dass wann et ze begrëssen ass, dass déi Ministèren hei opgezielt sinn, Prezisiounen awer misste gi sinn, an et vläicht och en Encouragement wier, fir Gemengen a Schoulen, déi sech mat der Kooperatioun ausenee setzen, an deem Bericht hei ze ernimmen, wéi beispillsweis och Klinicken ernimmt sinn, déi, am Kampf géint de Sida, Jumelagë mat verschidde Klinicken aus den Entwécklungslänner hunn.

Ech denken och, dass et derwäert ass, datt et Schoule ginn - a mir hu just haut de Mëtteg eng Invitatioun kritt, wou eng Initiativ iwwer Kooperatioun an enger Schoul ugaangen ass -, wou probéiert gëtt zesumme mat de Profen a mat de Kanner eppes ze maachen; zum Beispill gëtt et den 23. November eng Manifestatioun vum Lycée technique vun Esch wou eng agréiert ONG "Enfants de l'espoir" virgestallt gëtt.

An ech fannen dass dat eppes ass, wat d'Kooperatioun de Leit méi no bréngt; grad esou wéi Initiativen an de Gemengen, wéi beispillsweis Diddeleng- oder Beetebuerg-Hëllef, an dass et derwäert wier unzestriewen - an ech weess dass Dir dat maacht, Här Minister - fir Jumelagen tësche verschidde Gemengen ze sollicitéieren, well déi Saachen domat bei de Leit vill méi konkret ginn, a well d'Leit, just dee Moment wou se d'Problemer konkret kenneléieren, motivéiert ginn aktiv ze ginn, an dat kann am Fong der Crédibilitéit vun der Entwécklungshëllef zu Lëtzebuerg nëmmen dénglech sinn.

**Une voix.-** Sot dem Här Wolter dat och!

**Mme Lydie Err (LSAP).**- Ech schwätzen haut mat mengem Interlocuteur deen hei ass, mä ech si sécher, dass hien dat, wat net un hien adresséiert ass, weess un déi richteg Adress weiderzeginn.

Zvou Suggestiounen, déi ech schonn iwwert d'Lesibilitéit vun dësem Rapport gemaach hunn, leie mer um Häerz, Här Minister.

Ech mengen, dass et wierklech net duergeet, dass mer einfach Chiffres bruts an de Chiffere pro Land, pro Pays cible dran hunn, ouni vergläichen ze kënnen a wat fir eng

Zäitspann sech dee Programm do aschreift, wat an deenen nächste Jore virgesinn ass, wat virdu lass war a wéi d'Evolution gëtt. Ech mengen och, dass et absolut noutwendeg wier, dass wichteg Projeten, déi vill Sue kaschten, e Minimum géife beschriwwen ginn, an ech denken och, dass et ebenfalls absolut noutwendeg wier datt am Rapport selwer géif dra stoen, wat Lëtzebuerg fir e Programme de développement mat senger Pays cibles huet a virun allem och wéi sech dee Programm vu Lëtzebuerg an de Programme national de Développement aschreift. Nëmme da kann ee sech e Bild maachen iwwert dat, wat um Terrain geschitt, a wéi wäit dat, wat an engem Konzept steet, seng Gëltegkeet huet.

Da wëll ech nach zu e puer Budgetsartikele kommen, mä ech hale ganz schnell domat op, well et ass wierklech net mäi Lieblingsthema.

Ech hunn hei probéiert mech nach eng Kéier duerch déi verschidde Lignes budgétaires duerchzeschaffen, an ech froe mech, Här Minister, ob déi - menger Meinung no relativ lästeg - Geschicht vun de Frais administratifs, ouni elo laang wëllen ze diskutéieren, net ze léise wier, andeem een e speziellen Artikel, eng speziell Ligne budgétaire géif maachen, fir d'Argumenter vun der Cour des Comptes, engersäits, a Considération ze huelen a fir dass et andersäits awer - ouni wëllen de Forfait administratif ofzeschaffen, well ech dovun iwwerzeegt sinn, dass wann ee beleëe kann, dass déi Projeten, déi op d'Jore virdu gaange sinn an op déi ee sech baséiert, fir e Forfait festzesetzen - méiglech muss sinn, fir och déi kleng ONG weider ze ënnerstëtzen, besonnesch elo wou mer wëssen, dass den Accord-cadre déi jo awer e bëssen désavantagéiert par rapport zu deene Groussen.

An et ka jo awer net sinn, dass ee bei de Frais administratif, iwwert de Wee vun der Ofschaffung vum Forfait, de Bénévolat op dese Beräich géif wëllen zréckstëtzen. Dat ass eppes wat kee sech kann erlaben, besonnesch net e Land wéi Lëtzebuerg, wat d'Prétention huet weider Augmentatioun vu sengem Budget op deem Punkt virzugesinn.

Da wollt ech eng zweet Fro stellen. Et ass eng Differenz um Budgetartikel 010 an 011 - ech hat ëmmer e bësse Schwierigkeete fir d'Differenz ze gesinn - a wann ech richtig verstinn ass et esou, dass den 010 Subside sinn fir ONGen "pour promouvoir l'aide au développement", a beim 011 steet net Subside, mä "participations aux ONG en raison de l'opinion publique luxembourgeoise".

Wann et dat ass wat ech mengen, an ech huelen dat staark un, da gesinn ech awer wierklech net an, firwat am Ausland, wa fir d'Opinion publique Promotion au Développement gemaach gëtt, dat Subside sinn, dat heescht, dass 100% vum Coût kann en charge geholl ginn, an dass, wann déi Sensibilisation vun der Opinion publique zu Lëtzebuerg gemaach gëtt, dat dann eng Participation aux Frais des ONG ass.

An ech wëll hei profitéieren, fir de Souvenir vun engem Coopérant, notament dee vun der Visions in Action ze mentionnéieren, dee jo am Burkina Faso bei enger Missioun verscheet ass, de Pierre Ferron, deem seng lescht Demande d'Fro u mech war: Kënn net Lëtzebuerg, wat jo souvill Suen a säi Budget de la Coopération stécht, net och Subside gi fir Sensibilisationsaktiounen, déi zu Lëtzebuerg stattfannen?

Dat ass seng lescht Fro gewiescht an ech fannen, dass dat eng justifiéiert Fro ass. Dat ass awer anscheinend net esou an och déi Campagne, déi elo d'nächst Woch leeft, "Paroles d'Afrique" iwwert de Burkina Faso - déi notament nach vum Pierre Ferron virbereet ginn ass -, déi ass anscheinend net total vum Ministère financéiert, sou dass déi ONGen ëmmer nach aner Aktivitéiten opbrénge mussen, fir e minimum vu Startkapital ze hunn.

Ech denken, dass et keng Justifikatioun gëtt, fir Sensibilisations-Aktiounen am Ausland anescht ze behandle wéi déi heiheem, a wann et misst sou sinn, da missten dës zu Lëtzebuerg eigentlech besser behandelt ginn wéi déi am Ausland.

E Wuert zum Audit. Eng Evaluatioun war jo eigentlech net dat, wat mat verschidde ONGen am Moment geschitt ass. Interessant war et, wat den Accord-cadre ubelaangt, well et beweist, dass wéi een och ëmmer interpretéiert wat en Accord-cadre ass oder soll sinn, dass muss légiféiert ginn, a wa légiféiert gëtt, a wat fir engem Sënn och ëmmer, mengen ech geet et an engems fir aner Froe mat ze toiséieren. Notament déi vum Statut vun den Agents de la Coopération, déi um Ministère schaffen, well dat ass wierklech eng Situatioun, déi onzoumuttbar ass an déi matsechbréngt, dass d'Mouvementer, sou wäit wéi ech dat aschätze kann - och vun e bësse méi wäit - am Ministère wierklech grouss sinn, an dass dat net am Intérêt vun der Saach ka sinn.

Eng aner Fro iwwert d'Ligne budgétaire "Formation et recherche", déi eng vun de Lignes budgétaires ass, déi net absorbéiert sinn, grad sou wéi déi iwwert de Projet de la coopération. Ech mengen, dass sech och do eng Modifikatioun, wat d'Gesetzgebung ubelaant, opdrängt, well 177.000 Frang als Congé de la coopération, fir all déi Leit, déi an der Kooperatioun schaffen, dat ass wierklech net genuch. A wann et sou weening ass, da gëtt et do sécherlech Ursaachen, déi net nëmme mam Délai zesammenhängen, wéi ee muss am Viraus dee Congé umellen, mä och nach mat anere fundamentale Saachen, an dofir mengen ech, dass dës Gesetz op deem Punkt do elo largement misst geännert ginn.

Da wëll ech nach dräi Wieder iwwert de Fong vun 3,5 Milliarde verléieren, deen natierlech virun allem an d'Pays cibles geet.



An nodeem wat hei bei mengem Virrieder ugeklungen ass, wëll ech ee Wuert dozou soen, wéi déi Pays cibles sengerzäit erausgesicht gi sinn. Do ass gekuckt ginn, wéi den Indicateur de développement humain war, an et ass gekuckt ginn, fir e regionale Regroupement vun deene Länner do ze kréien. Et ass allerdéngs e bësselchen erstaunlech, wann een elo d'Evolutioun kuckt par rapport zu deem Moment wou déi Länner erausgesicht gi sinn, an ech mengen, dass ee wierklech kéint drun denken, fir verschidde Länner, déi de Critère régional net méi erfëllen, erauszehuelen, an eventuell aner Länner, wou schonn eng Kooperatioun op engem aneren Niveau besteet, eranzehuelen.

Wat mech perséinlech awer am meeschte stéiert - net nëmmen am Rapport, mä och an der Praxis -, dat ass, dass d'Pays cibles zwar eng Theorie ass déi besteet, mä wann ee kuckt wat d'Pays à projet vu Sue beneficiéiert hunn, da freet ee sech wierklech: Wat ass dann nach den Intérêt? An den Här Mosar huet d'Fro gestallt, wat fir Lëtzebuerg Pays cibles sinn.

Ech soen lech elo hei just e puer Zifferen. Am Joer 2000 hat Tunesien, wat Pays cible war mä net méi ass, en Déboursement fir 60 Milliounen, Südafrika fir 55, de Marokko fir 75, d'Ile Maurice fir 50 an Indien fir 57 Milliounen. Doniewent waren an Zentraleuropa e puer Länner dobäikomm, déi sech sécherlech duerch d'Situatioun justifiéieren: de Montenegro, de Kosovo, Kroatien, Bosnien an Albanien. Mä ech soen lech elo e puer Chifferen, wou ech gären eng Erklärung drop hätt.

Wa mer elo just hei Zentraleuropa huelen, da wier et jo eigentlech logesch, dass déi Länner, déi am schlechtesten dru sinn déi meeschten Hëllef kritt hätten. Sou gesäit et awer allerdéngs net onbedingt aus.

Albanien, wat sécherlech eent vun deene Länner wär, krut 15 Milliounen, Montenegro 55, de Kosovo 40, Kroatien mat engem klengen Montant war och dobäi, a Bosnien krut 30 Milliounen. Dat werft a mengen Ae Froen op.

Firwat déi Länner, déi net méi Pays cibles sinn, an déi am Fong kee spezielle Lien méi mat Lëtzebuerg hunn, am Joer 2000 Déboursementen kruten, déi iwwert déi Montanten erausginn, déi d'Pays cibles haten?

Wann de Burundi an de Ruanda, déi keng Pays cibles sinn, d'lescht Joer Montante vun Déboursementen vu 50 a vun 90 Milliounen haten, fannen ech dat an der Rei, well dofir ginn et Explikatiounen; do war e schreckleche Krich an do huet erëm missen opgebaut ginn. Ob Pays cible oder net, mengen ech, dass déi Reconstruction, déi Réhabilitatioun ubruecht ass.

Déi Argumenter gëllen absolut net fir aner Länner an ech wär wierklech frou fir dozou Explikatiounen ze kréien. Ech mengen, dass et net ka sinn, dass een engersäits vu Pays cibles schwätzt, an anerersäits anere Länner méi Suen débourséiert, wéi deenen, déi eigentlech Pays cibles sinn.

Ech denken dofir och, contrairement zum Här Mosar, dass et evident muss sinn, dass am Afghanistan, a ronderëm, massif gehollef muss ginn. Dat heescht, Rehabilitatioun à moyen terme maachen, an net nëmmen Aide en urgence. Dass een dat awer parfaitement am selwechte Kader ka maachen, wéi bei deene Länner, déi duerch Krich oder spezial Situatiounen geschiedegt sinn - wéi dat jo och elo hei geschitt ass -, ouni en neie Pays cible dobäi ze setzen - well e Pays cible ass net eppes, wat op ganz kuerz Zäit ugeluegt ass -, ouni dass een elo grouss Theorien dorunner hänkt.

De Choix vun de Pays cibles ass dat, wat no baussen d'Leit terribel interesséiert. An ech mengen, et wär och interessant, fir haart doriwwer nozedenken, wat een envisagéiere kéint. Ech mengen och, dass et onbedingt misst sinn, dass déi Länner, déi net Pays cible sinn, e Programm misste kréien fir dass hir Hëllef op kuerz oder op moyen terme ausleeft. Dat schéngt zwar absolut net de Fall ze sinn, obschonn et misst esou sinn.

Et ass och absolut noutwendeg sinn, fir ze wëssen - an dat ass nach méi wichteg wéi d'Definitioun oder Redefinitioun vun de Pays cibles -, wat fir eng Strategie Lëtzebuerg en général an deene Länner, déi Pays cible sinn, poursuivéiert.

D'Partenariat ass am Rapport ugeschwat ginn, an dat ass wierklech ganz wichteg; Partenariat, Appropriatioun, Evaluatioun, Identifikatioun, all dat sinn Notiounen, déi wichteg sinn, mä si misste sech awer menger Meinung no an engem Strategiepabeier erëmfannen, fir dass een d'Méiglechkeet hätt ze kucken ob déi Strategie, déi Lëtzebuerg huet, engersäits ugewannt gëtt, an anerersäits ob se am Zesammenhang mam Plan de développement national ass, deen an de Länner selwer besteet.

Ech ginn lech just zwou Prioritéiten mat op de Wee. Mir wëssen, dass Eradiction de la pauvreté am Gesetz steet, an all Mensch huet datselwecht Objektiv; mä et kann awer net sinn dass dat duer geet. D'Prioritéiten musse gesat ginn, an ech denken, datt d'Aktiounen op d'Demographie eng vun deene Prioritéiten sinn, déi Lëtzebuerg misst fir sech fixéieren.

Ech liesen lech elo e puer Reien aus dem Rapport vir, deen déi viregt Woch hei virgestallt ginn ass: "La fécondité est la plus élevée dans les pays les plus pauvres et parmi les plus pauvres de ces pays. (...) Il faut prévenir ou retarder la prochaine grossesse, la mortalité maternelle est élevée et les taux d'utilisation des contraceptifs sont faibles."

Wa mer wëssen, datt d'Fraen dat Element an der Gesellschaft sinn, wat a sämtleche Gesellschaften an den Entwécklungslänner am meeschte fragiliséiert ass, dann ass et kloer, dass net nëmmen d'Demographie,

d'demographesch Froen, mä dass och d'Fraen, als Haaptacturen, als Destinataire, sech an där Strategie missten erëmfannen. Mir wëssen, dass d'Evolution vun der Populatioun a 50 Joer net méi déi ass, déi mer haut hunn, mä dass praktesch an deenen zéng gréissten, meescht bevölkerte Capitale vun dëser Welt, an 30 Joer keng méi aus der sougenannter Entwécklungswelt dobäi ass. Dat misst eis, mengen ech, ze denke ginn, an eis et einfach maache Prioritéiten esou festzesetzen.

Mer wëssen och, dass zenter 1970 bis elo d'Dépenses de consommation doubléiert hunn, dass awer 50% vun der Populatioun an der Welt mat manner ewéi zwee Dollar liewen. Dat gëtt engem ze denken, mä et kann ee sech am Fong net virstellen, wat déi Referenz vun zwee Dollar soll heeschen.

Wann ee weess, dass op der Welt genuch produzéiert gëtt, fir 18 Milliarde Leit nom System wéi e Bauer am Bengladesch, mä nëmme fir 700 Milliounen wéi e Stieter aus der entwéckelter Welt ze ernähren, da muss ee wëssen, dass d'Populatioun an d'Demographie déi Bomm ass, déi muer kann explodéieren, wa mer net probéieren dorop anzewierken.

Mä fir op déi zwee Dollar zrëckzekomme muss ee sech d'Fro stellen: Wat ass en Dollar oder wat sinn zwee Dollar fir ze liewen, wat ass dat als Referenz? Wat ass dat par rapport zum Indicateur du développement humain? Wier et net besser a méi effikass, fir nei Instrumenter ze fannen fir d'Aarmut ze moossen, fir wierklech sécher ze sinn do ze intervenéieren, wou et am Noutwendegsten ass?

Ech fannen hei och an deemselwechte Rapport vum FNUAP iwwert d'Demographie, e Kritär, dee mir wierklech perséinlech schéngt vill vill besser ze sinn, wéi alles wat mer bis elo hunn. Well de Kritär vum Dollar ass am Fong geholl nëmme e Kritär vun Dépenses, deen näischt iwwert d'wierklech Liewensqualitéit vun de Leit ausseet. Hei gëtt en neit Instrument virgeschloen, fir d'Aarmut ze moossen, wat dräi, eventuell véier, Dimensionen hätt.

Eischtens, fir ze kucken, wat fir eng Opportunitéiten d'Leit, par rapport zum Revenu zu hirer individueller Consummatioun an zum Niveau d'inégalité op där Plaz wou se liewen, hunn. Dat heescht, dass do d'Agriculture vivrière mat en compte geholl gëtt, well déi fir ganz vill Leit, déi am Milieu agricole liewen, vun existentieller Wichtigkeet ass. Zweetens: Wéi ass d'Insertioun, wat d'Prise de décision ubelaangt, fir déi Leit wou mer wëllen intervenéieren? An drëttens: Wéi ass et mat der Sécurité matérielle vun deene Leit? An do schwätze mer net nëmme vun der Sécurité matérielle, wat eventuell Chômage oder eng Perte d'Emploi ubelaangt, mä och vun der Violence physique, also vun der materieller Sécherheet.

D'Banque mondiale proposéiert dësen dräi Dimensionen, e véiert Element dobäi ze setzen: D'Capacité et

liberté de faire des choix, accès à l'eau, éviter la réduction de la pollution, bref, d'Méiglechkeet e wierkleche Choix ze hunn, ob ee beispillsweis wëllt an enger Stad liewen oder respektiv denkt, dass d'Liewensqualitéit um Land, wéinst enger Agriculture déi durabel misst sinn, géif weider goen.

Wa mer all déi Froen hei opwerfen, da komme mer ouni Zweifel och op déi Konferenz, wou Dir, Här Minister, d'lescht Woch waart, zu Doha am Qatar, an op d'OMC. An ech denken, dass et wierklech net méiglech ass, wann een, och an den Entwécklungslänner, wëllt vun Développement durable schwätzen, ouni vun der OMC ze schwätzen, ouni iwwer Doha ze schwätzen an dat wat do passéiert ass, an dat wat eigentlech do nach misst passéieren.

D'Mondialisatioun ass anscheinend net ze évitéieren an et misst ee vläicht eng Kéier eng Definitioun dovun fannen. Ech hunn eng Definitioun - déi mir pertinent schéngt - an engem klengen Bichelche fonnt, an ech wollt lech déi matdeelen: "La mondialisation est le système qui a besoin de plus en plus de consommateurs pour faire tourner la machine économique et de moins en moins de travailleurs pour la production".

Dat gëtt a priori ze denken, a wann een da kuckt wat mat der Mondialisatioun an deem Sënn zu Doha geschitt ass, da kann ee feststellen, dass fir d'Entwécklungslänner eppes ganz guddes dobäi eraus komm ass, an zwar dat, dass de Brevet op de Medikamenter opgehewe ginn ass an dass och elo jiddereen an Afrika normalerweis misst déi Medikamenter geint de SIDA zu engem Präis kënne produzéieren, dass och d'Leit an den Entwécklungslänner dorun Accès hätten.

Wann een awer soss kuckt, wat mat der Ouverture vun de Marchéen am Norde passéiert ass, da kann een a sech net begeeschtert sinn, well wann ee gesäit wéi diskriminéierend am Fong schonn dat Gefälle tëschent dësem Marché an eise Marchéen ass, an de Marchéen an der Drëtter Welt, dann ass et kloer, dass eng weider Ouverture oder eng weider Erofsetzung vun den Tarifs douaniers nëmme dramatesch ka sinn fir déi Länner an der Welt, déi amgaang si sech frësch ze entwéckelen.

Duefir ass et am Fong ganz gutt ze verstoen, dass déi ärmste Länner vun der Welt net vun deem sougenannten neie Round begeeschtert waren, well nach net emol gekuckt ginn ass, wéi sech déi Auswierkungen vun deem Round virdrun op si individuell niddergeschloen hunn.

Ech denken awer, dass et noutwendeg ass, dass d'OMC sech demokratiséiert, datt se en Deel vun der UNO gëtt, an datt se sech effektiv ëm dat këmmert fir wat se eigentlech do ass, an net ëm alles anescht wat nach drun hänkt; notament ëm Garanties d'investissement. Ech rappeléieren just un déi Leit heibannen, déi sech nach un den AML erënneren, et ass sécher net aus-

geschlossen, dass den AMI elo erëm soll op enger anerer Plaz, wéi op der OMC optauchen, an ech mengen, dass d'UNO wierklech déi Plaz wier, wou all déi Problematiken am beschte versuergt wäeren, well et do weinstens e minimum vun demokratescher Transparenz gëtt, déi ee bei der OMC vermësse muss.

Ech wollt awer och nach e puer Resolutiounen virstellen an e puer Saachen suggéieren. Lëtzebuerg huet et fäerdegbruecht - an dat ass sécherlech ze begreifen - am Club vun deene fënnf Groussen vun der Kooperatiounshëllef ze sinn, an ech denken, dass Lëtzebuerg do, obschonn et nëmmen dat fënnf Land ass, eigentlech dat éischt misst sinn, well contrairement zu all deenen, déi méi en héije Prozentsaz vun hirem PIB - et ass net de PIB et ass de revenu minimum...

**Une voix.**- Revenu national brut.

**Mme Lydie Err (LSAP).**- ... Revenu national brut, soss hu mer ëmmer Produit gesot, wann ech elo oppassen dat richtegt Wuert ze fannen, dann soen ech e komplett falscht amplaz. Ech denken, dass contrairement zu deene Leit, deenen hire Prozentsaz besser ass, Lëtzebuerg erauszestrecken ass, well mir keng Aides liées hunn. All déi aner Länner hunn en enorme Retour op hirem Prozentsaz an soumat ass Lëtzebuerg net dat fënnf vun de Championen, mä menger Meenung no dat éischt; dat ass ze begreifen, dat ass super, an ech mengen, dass et och richteg ass, fir ze probéieren nach weider ze goen.

Ech géif awer trotzdem dovun warnen, fir zevill schnell nach méi Suen do ze investéieren, wa mer wëssen, dass, wat d'Ressources humaines um Ministère an an deenen anere Strukturen ubelaangt, op der Lux-Dev an den ONGen net onbedéngt de Volume vun de Suen suivéiert gëtt. Dir hutt et gesot an ech fannen dass dat richteg ass, dass een net soll probéieren Dag ëm Dag deen ee Prozent do ze erreechen, an zwee oder dräi Joer, mä ze probéieren, fir gläichzäiteg mat der Augmentatioun vum Budget d'Qualitéit vun der Aarbecht ze verbessern.

Mir wëssen, dass ze weening Leit do sinn, an Dir sidd gutt placéiert, fir dat kënne feststellen, an ech fannen och, dass et net gutt ass, dass et onjustifizéiert ass, fir do Leit schaffen ze loossen oder anzustellen, déi absolut keng Carrière viru sech gesinn, an déi deemno bei der éischt beschter Geleeënheet ofsprangen an enzwousch aneschtens schaffe ginn. Dat ass schlecht fir d'Aarbecht a schlecht fir d'Kohärenz vun der Equipe, déi op deene wichtege Dossierer do soll schaffen. Ech denken, dass dat wichteg ass, fir den Agents de la coopération e Statut mat enger Carrière ze ginn.

Mä net nëmmen, Här Minister. Ech fannen och, dass et skandaléis ass, dass Leit, déi sensiblement déiselwecht Aarbecht maachen, komplett aneschtens bezuelt ginn, je nodeem ob se fir e Ministère, fir d'Lux-Development oder fir eng ONG schaffen. An ech denken, dass et net

normal ass, dass just weinst der Qualitéit vun hirem Employeur, esou eng grouss Differenz an hirem Revenu ass, an dass de Coopérant misst senger Formatioun a senger Aarbecht no approximativ d'selwecht bezuelt ginn, wéi den Agent de la coopération; an och dee misst a senger Carrière eng Perspektiv hunn, wa mer gären hätten, dass en, am Intérêt vun der Saach, eng Zäitchen op senger Aarbecht soll bleiwen.

Den Audit, deen hat ech am Fong ugeschwat, mä ech weess net wou ech mat menger Zäit dru sinn, mä ech mengen, et gëtt esou lues Zäit fir zum Schluss ze kommen.

Ech hunn nach zwou Saachen, zwee wichteg Elementer vun der Kooperatiounshëllef net mentionnéiert, an dat ass engersäits d'Agence d'exécution d'Lux-Dev, wou ech denken, dass et wichteg ass, ab engem Moment, wou e Changement an der Présidence an der Lux-Dev usteet, ze kucken, ob déi Manéier, wéi op der Lux-Dev geschafft gëtt, déi beschtméiglech ass, an net ofzewaarden, ob eventuell d'Cour des Comptes, wat se dëst Joer mat den ONGen gemaach huet, an nächster Zukunft bei der Lux-Dev gedenkt ze maachen. An ech denken, dass en Audit - deen net en Audit financier misst sinn, mä en Audit organisationnel - an dësem spezielle Moment ubruecht wier.

Wat d'ONGen ubelaant, do schléissen ech mech deene Wieder un, déi den Här Mosar hei fir d'Représentanté fir d'ONGen fonnt huet; ech kënnt se net besser soen a spuere mer se dofir.

Ech wollt awer just nach e Wuert zum Bureau d'assistance technique soen. Ech fannen, dass et eng gutt Saach ass, wann déi kleng ONGen solle gehollef kréien fir hir Projeten an d'Rei ze kréien, a wann d'Formation d'éducation à la coopération zu Lëtzebuerg soll méi staark gemaach ginn. Ech froe mech awer, ob et dee richteg Wee ass, esou essentiell Missiounen aus dem Ministère esou ze soen auszesourcen.

Ech maachen hei kengem e Virwurf, well ech sinn iwwerzeegt, dass d'Intentiounen gutt waren. Ech froe mech just, ob dat normal ass, dass esou e wichtege Service, deen eigentlech misst am Ministère fonctionnéieren, vum Cercle des ONG gemaach gëtt, deen engersäits keen Agrément huet - mä dat stéiert mech am mannsten, mir sinn net hei fir op de Buschtawen ze reiden, dat kënnen aner Instanzen, déi an deenen Démarché méi staark sinn -; an ech froe mech, wéi et fir déi ONGen ass, déi net am Cercle vun den ONG sinn, fir déi Servicen do an Usproch ze huelen, a wéi wäit et normal ass, dass d'Education vun de Coopérant a vun den Agents de la coopération a vun der Opinion publique solle vun enger privater Organisatioun, esou ze soen, gemaach ginn.

Sinn dat net - an dat ass éischer eng Fro wéi e Reproche - essentiell Saachen, déi eigentlech Partie vun de

Missioun vum Ministère misste sinn? Dat sinn déi Froen, déi ech opwerfe wollt.

Eng lescht Saach nach vläicht zu den Accord-cadres, well dat jo bei der Cour des Comptes opgeworf ginn ass. Ech denken, dass den Accord-cadre e ganz wichtegt Element ass an ech froe mech och firwat den Accord-cadre sollt op ONGen zu Lëtzebuerg limitéiert sinn, respektiv op e Collectif vun den ONGen zu Lëtzebuerg.

Firwat ass et beispillsweis net méiglech gewiescht en Accord-cadre mat enger ONG internationale ze maachen, wou eng Konventioun gemaach ginn ass, déi sech eigentlech an der Coopération bilatérale erëmfënnt, während eng Coopération bilatérale normalerweis nëmmen ënner State passéiert.

Wier et net normal, fir ze probéieren Kooperatiounen vun enger ähnlecher Natur d'selwecht ze behandelen, onofhängeg vun der Tatsaach ob se sech zu Lëtzebuerg, oder an de Pays en voie de développement ofspillen.

Eng lescht Remarque awer nach, besser gesot, e Regret. Wann ech gesinn, dass Subsidien fir d'Sensibilisatioun an och fir aner Projeten do sinn, bedauern ech wierklech, Här Minister, dass e Projet, deen ech lech eraginn hat - well eng Schwäitzer Kolleegein aus dem Conseil de l'Europe mer e ginn huet -, e Mediationsprojet fir Fraen a Bosnien, fir tëschent deene verschiddene Communautéen do probéieren ze médiéieren, dat heescht mateneen en Dialogue ze féieren, deem seng finanziell Récklag am Ufank ofgeséichert war, deen awer dunn aus ierdenwelchen Ursaachen, déi u Prozeduren am Ausland gehaangen hunn, net méi konnt weidergoen, et net méiglech war, fir mat 100.000 Frang oder mat 200.000 Frang e Projet, deen ouni Zweifel op déi richteg Plaz, an déi richteg Natur, vun de Projete gaang ass, ze ënnerstëtzen. Ech mengen heiansdo ass zevill Formalismus einfach net gutt.

An dofir géif ech lech och bieden, an deenen Ofännerunge vum Gesetz, déi envisagéiert sinn, net alles wat ee kënnt reglementéieren ze reglementéieren, mä fir e bësse Flexibilitéit ze loossen, fir net ëmmer mussen op de Buschtawen ze reiden amplaz op Prinzipien ze kucken.

### Motion 1

*La Chambre des Députés*

- vu le rôle actif que le Ministère de la Coopération joue dans la promotion de la politique de coopération comme élément important de la politique luxembourgeoise;
- consciente de la nécessité d'une politique de coopération luxembourgeoise avec tous les partenaires des pays en voie de développement;
- inquiète du manque de ressources humaines qui touche le bon fonctionnement de la politique de

*coopération et l'agencement de cette politique avec les actions des ONG et d'autres acteurs de la coopération;*

- constatant le nombre inquiétant de départs inopinés notamment parmi les agents de la coopération qui affecte une continuité souhaitable du personnel de la coopération au développement;

*invite le Gouvernement*

- à renforcer de manière adéquate les ressources humaines du Ministère de la Coopération parallèlement avec l'augmentation constante de l'aide publique au développement;
- à améliorer le statut de l'agent de coopération, par la création d'une base légale menant à un statut unique, cohérent et clair.

(s) Lydie Err, Mady Delvaux-Stehres, Ben Fayot, Jos Scheuer, Georges Wohlfart.

### Motion 2

*La Chambre des Députés*

- soucieuse d'une efficacité optimale des activités de la société anonyme "Lux-Development", exécutant quasi-exclusif de la coopération bilatérale luxembourgeoise, d'un bon agencement dans la philosophie générale de la politique de coopération, d'une transparence dans les actions sur le terrain et d'une mise en oeuvre sans failles ni retards des projets de coopération;

- considérant que le changement au niveau de la direction au début de 2002;

*invite le Gouvernement*

- à élaborer un audit fonctionnel et organisationnel de cette société.

(s) Lydie Err, Mady Delvaux-Stehres, Ben Fayot, Jos Scheuer, Georges Wohlfart.

### Motion 3

*La Chambre des Députés*

- consciente du rôle-clé joué par les organisations non-gouvernementales dans l'élaboration et la réalisation de la politique de coopération luxembourgeoise;

- saluant le principe d'une assistance technique, ouverte à toutes les ONGD nécessitant un appui technique;

*invite le Gouvernement*

- à mettre en oeuvre le plus rapidement possible une campagne d'information et de sensibilisation auprès de toutes les ONGD, afin qu'elles soient informées de cet instrument mis à leur disposition;

- à assurer que les services soient effectivement à la disposition de toutes les ONGD sans être influencés d'une façon ou d'une autre dans ses démarches ou dans ses activités.



(s) Lydie Err, Mady Delvaux-Stehres, Ben Fayot, Jos Scheuer, Georges Wohlfart.

#### **Motion 4**

La Chambre des Députés

- considérant que le Luxembourg vise à consacrer 1% de son PNB à l'aide publique au développement jusqu'en 2005;

- constatant que la déclaration de la politique de coopération témoigne d'une grande ouverture, ce qui implique que l'orientation de la politique doit se déduire d'actes concrets;

- considérant la nécessité d'articuler une stratégie cohérente et durable de la politique luxembourgeoise de coopération, notamment en ce qui concerne le choix des pays cibles que celui des secteurs prioritaires d'action;

invite le Gouvernement

- à formuler et motiver ses priorités par pays et par secteur d'activité;

- à élaborer des stratégies par pays cible qui soient conformes aux programmes nationaux de développement;

• destinés à guider la gestion et le suivi des programmes et des projets;

• indiquant les domaines ciblés par les projets en question et la manière dont leur mise en oeuvre sera coordonnée avec les actions d'autres pays donateurs;

• contribuant ainsi à améliorer la planification des activités de coopération, à renforcer la coordination et la complémentarité entre les pays donateurs;

• assurant la cohérence globale de la politique de coopération luxembourgeoise;

- à établir, au moment approprié, des indicateurs de progrès pour les différentes régions, en tenant compte non seulement de l'évolution démocratique et du développement économique, mais aussi de la participation active de la femme, des dimensions culturelle et sociale ainsi que de l'amélioration de la qualité de vie;

- demande de rendre compte régulièrement de l'évolution des indicateurs de progrès;

- à veiller à la coordination et de la complémentarité avec les politiques du développement, notamment celle de l'UE et des autres Etats membres, afin d'en accroître l'efficacité et d'éviter les duplications;

- à veiller à ce que les projets soient identifiés et évalués dans le cadre des stratégies définies et les programmes nationaux de développement élaborés par les pays concernés;

- à intégrer dans la réflexion sur la coopération d'autres leviers de développement comme le commerce équitable et le développement durable.

(s) Lydie Err, Mady Delvaux-Stehres, Ben Fayot, Jos Scheuer, Georges Wohlfart.

#### **Motion 5**

La Chambre des Députés

- considérant la situation dramatique d'un nombre croissant de réfugiés et de personnes déplacées en raison de la guerre en Afghanistan;

- vu qu'il y a urgence à organiser l'aide humanitaire et la réhabilitation tant en Afghanistan que dans certains des pays limitrophes;

- vu la situation particulièrement vulnérable des femmes dans ce contexte;

invite le Gouvernement

- à accompagner l'aide d'urgence par une véritable politique de réhabilitation à moyen terme en tenant compte plus particulièrement de la situation spécifique des femmes dans le contexte (géographique) donné.

(s) Lydie Err, Mady Delvaux-Stehres, Ben Fayot, Jos Scheuer, Georges Wohlfart.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Merci Mme Err. Den nächsten Orateur ass den Här Emile Calmes.

Här Calmes, fir wéi laang hutt Dir?

**M. Emile Calmes (DP).**- Ech weess et net, esou eng Véirelsstonn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, fir unzefänken, de William Blake - dat ass en englesche Poet aus dem 18. Jorhonnert - ze zitieren, deen an engem vu senger Poème gesot huet: "Und du weisst nicht, was genug ist, bevor du weisst was mehr als genug ist".

Den Här Minister Goerens huet eis de leschten Donneschden hei gesot, wat fir eng Défië sech eis, an och eisen internationale Partner, stellen, fir dem onsägleche Leed, dat et op eng erschreckend Aart a Weis an esou engem groussen Ausmooss op dëser Welt gëtt, entgéintzetrieden. Och wa Progrèsë gemaach gi sinn, an déi Situatioun sech an deene leschte Jore verbessert huet, sou sollt ee sech dach awer dat Zitat vum William Blake zu Häerz huelen, well et kann een ni genuch maachen, fir dem Leed an eiser Welt entgéintzetrieden.

Ech begrëssen duerfir ausdrécklech, dass mer dëst Joer eent vun eisen Deelziler- wouzou mer eis och 1992 zu

Rio engagéiert hunn - erreecht hunn an esouguer iwwerschritt hunn, nämlech 0,7% vun eisem nationale Räichtum der Aide au développement ze consacrieren. Effektiv hu mer dëst Joer 0,71% vun eisem nationale Räichtum an d'Entwécklungshëllef investéiert, an dat ass vill méi, wéi dat, wat déi aner Länner maachen, well mer dat praktesch ouni Géigeleeschtung maachen; e Punkt, wat vläicht gutt gemengt ass, wat awer vläicht nach ze verbessere wier.

Mir sinn also um Wee, fir een neit, een anert Zil ze erreechen, nämlech dat, bis d'Joer 2005, 1% vun eisem nationale Räichtum an d'Entwécklungshëllef ze investéieren. Well Lëtzebuerg vis-à-vis vu sengen internationale Partner esou gutt do steet, an effektiv zu deem kleng Grupp vun de fënnef Länner gehéiert, déi d'Objektiver vu Rio erreecht hunn, kënnen mer eis - op d'mannst wat d'Entwécklungshëllef ugeet - dobausse weise loossen a brauchen eis dann och do keng Reprocher gefalen ze loossen.

Vun dëser Entwécklungspolitik, déi net nëmmen quantitativ, mä och qualitativ gutt ass, konnt ech mech iwwerzeegen, wéi ech Uganks vun dësem Joer am Februar d'Chance hat, de Kooperationsminister op enger Rees an den Nicaragua an den El Salvador ze begleeden. Hei huet et sech - fir mech op d'mannst - bewisen, dass d'Lëtzebuerger Entwécklungspolitik richteg an effikass ëmgesat gëtt; dat an Zesummenaarbecht mat de lokale Verwaltungen an den Autoritéiten. Virun allem awer och duerch d'Hëllef an d'Zesummenaarbecht mat de Verwaltungen an den Autoritéiten op der Plaz selwer, vun eisen Agents de la Coopération an awer och vun de Leit vu Lux-Development, déi dës Aarbecht fir de Ministère maachen; well ouni d'Aarbecht vun dëse Leit wär et net méiglech dës Koup vun Entwécklungshëllef ze géréieren, op mannst net fir de Ministère selwer.

Wa mer vun der Hëllef vir Uert, an hire Bien-faïté schwätzen, da wëll ech an dësem Kontext och ënnersträichen, datt d'Eröffnung vun enger Mission de la Coopération zu Deka, wierklech e weideren, logeschen a richtige Schrëtt, an der Strategie vun eiser cibléierter Entwécklungshëllef, ass.

All déi Projeten am Nicaragua vun deenen ech mech iwwerzeegen konnt - wat iwwrigens an deem Deel vun eiser Erd dat ärmst Land ass - konnte mech wierklech iwwerzeegen, datt alles dat wat mer do maachen een absolute Sënn mécht. Ob dat an der Educatioun ass, am Gesondheetsberäich, am Sozialen oder an der Ëmwelt, de Prinzip, mat bilateraler Hëllef mat de Pays cibles - zu deene jo och den Nicaragua an den El Salvador zielen - an der Strategie vun engem Développement participatif, huet sech als dee richtegen erweisen.

Geziilt Hëllef, duerch eng enk Kommunikatioun, an Zesummenaarbecht mat de Regierungen op der Plaz an den direkte Bénéficiaire vun eiser Hëllef, hu sech -

mengen ech - als enorm effikass bewisen; dovun konnt ech mech a sech och, wat de Volet vun der Aide humanitaire ubelaangt, iwwerzeegen loossen, wéi mer am El Salvador waren.

Dat war kuerz nodeem an deem Land déi grouss Äerdbiewe waren. An et impressionéiert een dach, wann een an eng Uertschaft gefouert gëtt, wou 8.000 Leit wunnen, a wou een dann op eng Plaz kënnt wou déi 1.000 Haiser vun deenen 8.000 Leit alleguer am Koup leien, an een da gesäit, dass nach eppes an där Uertschaft do steet, an dat ass de Waasserbaseng a sech, mam roude Léiw drop. A wann een dann och nach weess, dass déi Waasserversuergung konnt oprecht erhale ginn, an doduerch Krankheete konnte vermindert ginn, an och d'Nout vun de Leit doduerch konnt gelindert ginn. Da mécht dat een als Lëtzebuerger selbstverständlech houferech, zumol wann da vun der Lëtzebuerger Regierung den Engagement geholl gëtt, fir deene Leit do ze hëllefen hir 1.000 Haiser opzebauen. Dat huet mech a sech ganz houferech gemaach, an dat berouecht een am Fong geholl och, wann dat net nëmmen eidel Wieder sinn, déi do geholl ginn, datt deen Engagement och ëmgesat gëtt, an dass een elo schonn amgaangen ass, deen Uert do opzebauen; dat ass praktesch Entwécklungshëllef op der Plaz, an esou soll se och gemaach ginn.

Wann een dann och nach als Buergermeeschter do virun enger Schoul steet, déi an engem Koup läit, da funktionéiert bei eis natierlech och de Gemengereflex, an et stellt ee sech d'Fro, ob déi Hëllef, déi mer an enger Partie Länner maachen, déi zum gréissten Deel vum Kooperationsministère a vun den ONGe gemaach gëtt, net ëm eng Dimensioun kann erweidert ginn, nämlech déi vun der Kooperatioun tëschent de Gemengen aus den industrialiséierte Länner an de Gemengen aus dësen Entwécklungslänner do.

De leschte Mee war zu Bréissel de Sommet des pays les moins avancés, do hu sech d'Buergermeeschteren aus den industrialiséierte Länner an aus 49 vun deenen ärmste Länner getraff, fir eben iwwert eng Kooperatioun tëschent hire Gemengen ze schwätzen. Och dat ass eng Form vu geziilter Entwécklungshëllef, déi een nëmme kann ënnerstëtzen.

Mä een aneren, vill méi praktesche Projet, ass deen, wou d'Gemenge vu Phnom Penh mat deene vu Venedeg a Paräis zesummeschaffen, fir hir urbanistesche Problemer ze léisen. Och zu Lëtzebuerg gëtt et schonn eng Partie Gemengen, déi sech der Entwécklungshëllef verschiwwen hunn, an do wëlle ganz aktiv sinn.

Ech zielen just déi zwou nobäisten op. Dat sinn déi vu Biekerech an aus dem Präizerdall, déi decidéiert hunn, e gewësse Prozentsaz vun hiren ordinäre Recetten der Entwécklungshëllef zoukommen ze loossen. A mengem Fall sinn dat 0,5%, wou mer decidéiert hunn, vun eben 100 Milliounen, déi all Joer der Entwécklungshëllef

zegutt kommen ze loossen. Da wësst der jo och de Chiffer, deen dat ass; a géif dat vun de Gemengen alleguer an deem Sënn honoréiert ginn, da kéim hei nach e stattleche Chiffer bei all dat, wat mer maachen.

Wéi gesot, déi Erfahrungen, déi ech bei dëser Rees hei gemaach hunn, hu mech perséinlech méi räich gemaach a mech dovun iwwerzeegt, datt all Frang, deen an d'Entwécklungshëllef investéiert gëtt, deene Leit, déi et brauchen, hëlleft, an et wier och gutt, wann d'Öffentlechkeet dobausse permanent an ëmmer erëm vun der Wichtigkeet a vun der Effikassitéit vun der Lëtzebuerger Entwécklungshëllef géif gewuer ginn. Allerdéngs bedauern ech, datt déi Diskussiounen awer - sou wéi se elo verlaf sinn - ganz vill Kritikpunkten - et sinn zwar nëmme kleng Kritikpunkten - beinhalt hunn, an ech weess net ob mer dann nobaussen do dat richtegt Signal ginn.

Wann ee Betrib, wéi d'Lux-Development, aus der Entwécklungspolitik Effikassitéit a Flexibilitéit verschaaft, sou wäerte mer eis awer iergendwann, ouni dass mer dat wëllen, an och wann dat gutt fonctionnéiert, emol gefale musse loossen, dass dat eng Société anonyme ass, eng anonym Gesellschaft a sech, an do wäert dann och d'Kommissioun vu Bréssel eis iergendwann de Virwurf maachen, dass déi hei an enger Monopol-situatioun schaffen.

An ech mengen oder ech géif de Minister mol froen, ob sech scho mol doriwwer Gedanke gemaach gi sinn, wéi dass een dee Statut vun deem Betrib do - deen dach awer effikass ass - ka gestalten, fir dass dat net op eemol op Käschte vun der Entwécklungspolitik geet, wann hei, duerch eng öffentlech Ausschreiwung, Konkurrenz misst spillen.

Allgemeng mengen ech soen ze kënnen, dass déi national Entwécklungspolitik um bilaterale Plang - op mannst op deem wat ech gesinn hunn - nach ëmmer an och haut zu vollster Zefriddenheet fonctionnéiert.

D'Zäit erlaabt mer et elo net op all Punkten hei anzegoen, trotzdeem wëll ech hei, am Joer vum Bénévolat, deen immens wichtige Rôle vun den ONGen ervirsträichen, an och an Zukunft solle mer alles maachen, fir déi Leit bei hirer Aarbecht ze ënnerstëtzen.

Wann d'Zäit mer et - wéi gesot - net erlaabt op all Punkten drop anzegoen, da geet et mer domat a sech esou wéi et der Cour des Comptes och gaangen ass, wéi si dëst Joer fir d'éischt vun enger vun hire Prérogative Gebrauch gemaach huet, déi hir duerch d'Gesetz vum 6. Januar 1996 iwwert d'Coopération au développement zougestane ginn ass, an se decidéiert huet sech all Joer ee Punkt aus dem Rapport aus dem Domaine vun der Entwécklungshëllef erauszehuelen.

Dëst Joer waren dann eben d'Relatiounen tëschent dem Ministère an den ONGen un der Rei an hei - dat ass scho gesot ginn - huet d'Cour eng Partie Remarque vun éischter

finanztechnescher Natur gemaach, haaptsächlech wat d'Urechne vun de Frais administratifs ubelaangt, an et wier ze wënschen, datt hei eng Léisung zur Zefriddenheet vun en all fonnt géif ginn, awer och am Sënn vun de Reserven, dat d'ONGen elo awer net künstlech musse Waasserkäpp zesummen opbauen, fir da vum Remboursement vun den administrative Fräe kënnen ze profitéieren.

Den Avis vun der Cour des Comptes, wat d'Accords-cadres ugeet, wäert wahrscheinlech, sou wéi een dat gesäit an och héieren huet, eng Partie législatif Ännerungen um Niveau vum Kooperatiounsgesetz no sech zéien. Et ass awer wierklech schued, dass den Avis vun der Cour des Comptes iwwert d'Entwécklungshëllef eis nëmmen alljährlech a Portiounen zerwéiert gëtt.

Dat erlaabt eis dann och net mol generell iwwert d'Kooperatiounsgesetz ze diskutéieren, mä dat dann och an Dosen unzepassen. Ech weess net ob dat glécklech ass, mä dat ass nun eben emol esou.

Ech mengen, mir sollen den Débat iwwert d'Entwécklungshëllef - dee mir haut hei féieren - net notzen, fir iwwer finanztechnesch Problemer am Detail ze diskutéieren, och wann dat muss diskutéiert ginn, a wa mer eis deem musse stellen, fir dass domat den eigentleche Sënn vun dëser Debatt hei net verluer geet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der leschter Zäit, a speziell dëser Deeg, gëtt vill iwwert d'Globaliséierung an hir Auswierkungen debattéiert, an et gëtt oft gesot, dass d'Entwécklungslänner de grouse "laisser pour compte" sinn. De Guy Verhofstadt huet viru kuerzem, an engem oppene Brëif un d'Globaliséierungsgéigner, vun enger ethescher Globaliséierung geschwat. Hie seet do, dass mer eis d'Fro stelle mussen, wéi mer et fäerdeg bréngen, dass och d'Entwécklungslänner an de Genoss vun der Globaliséierung kommen, eng Globaliséierung, déi oft fir si e batteren Nogesmaach huet.

En éischte Schrëtt ass do sécherlech de Prinzip "Everything but arms", deen d'Europäesch Unioun jo och schonn am Kader vum Kyoto-Protokoll - op deem ech nach ze schwätze kommen - vertratt huet. D'Europäesch Unioun spillt am Kontext vun der Entwécklungshëllef och eng enorm wichtig Roll a muss déi och nach verstärken, schonn eleng nëmme fir ëmmer méi an hire Rôle vun engem weltpolitischen Acteur eranzewuessen. An um Niveau vun der Entwécklungspolitik brauche mer eis wierklech och net kleng ze halen.

Dass och, ënner anerem den 23. Juni vun dësem Joer, déi 40 Joer al Traditioun tëschent der Europäescher Unioun an den ACP-Staten - dat sinn d'Staten aus Afrika, der Karibik, an dem Pazifik - duerch den Accord de Cotonou - deen a sech de fréiere Lomé-Vertrag ersetzt - weider gefouert gëtt.

Den Accord vu Cotonou, deem deemnächst wäert hei an der Chamber - wann emol de Statsrot säin Avis dozou ginn huet - zur Debatt stoen, gesäit dann ënner anerem och vir, dass d'Mënscherechter respektéiert musse ginn, dass d'Korruptioun bekämpft muss ginn, an déi finanziell Ënnerstëtzung de Länner, an hirer spezifischer Situatioun, entspriechend geziilt agesat muss ginn.

Viru 14 Deeg huet zu Doha d'OMC wichteg Entscheedunge geholl, déi weisen, dass d'Suerger an den Entwécklungslänner, an den Iwwerleeunge vun där neier Verhandlungsrönn, méi wäerte berücksichtegt ginn. D'Conférence ministérielle huet awer och zu Doha däitlech d'Kooperatioun tëschent der OMC an den Ëmweltorganisatiounen encouragéiert; an dat besonnesch en vue vum Sommet pour le développement durable, deem am September d'nächst Joer zu Johannesburg stattfënnt.

En vue vun deem Sommet, si sech, op der nofolgender Konferenz zu Marrakech, d'Parteien, déi de Kyoto-Protokoll ënnerschriwwen hunn, iwwert d'Exekutivmodalitéite vun deem Protokoll eens ginn, sou dass enger Ratifikatioun, bis Johannesburg d'nächst Joer, näischt méi am Wee steet.

Vill méi wéi all aner Konventioun an der Vergaangenheet war de Kyoto-Protokoll d'Méiglechkeet vun engem neie Protokoll, vun enger neier Zort, engem neie Genre vun der Entwécklungshëllef, souwuel um private wéi och um öffentlechen Niveau. Doduerch, dass d'Entwécklungslänner Signataire vun deem Protokoll sinn - zwar ouni Engagement -, d'Industrielänner sech par contre engagéiert hunn, fir net nëmme sech ze reduzéieren, mä och d'Méiglechkeet kritt hunn, iwwer esou genannte flexibel Mechanismen, d'CDMen, dat an Entwécklungslänner ze maachen, ginn a sech, theoretesch an och praktesch gekuckt, wa richtig ugewannt, fir d'Entwécklungslänner hei enorm Chancen op, iwwert de Klimaschutz, mat den industrialiséierte Länner nei Kooperatiounsweeër ze goen.

Wa Lëtzebuerg och um Global-Environment-Facility-Programm mat enger grousser Zomm, déi bei 5,5 Milliounen Dollar läit, matmécht, wat ee Programm ass, deem a sech fir d'Finanzéierung zoustänneg ass, fir den Transfert vum Know-how, awer och fir konkret CO<sub>2</sub>-Reduktiounsprojeten ze finanzéieren, da mengen ech, musse mer awer ufänken eis Gedanken ze maachen, wat fir eng Bedeitung déi Clean-Development-Mechanisme fir Lëtzebuerg hunn.

Och wa mer dat à titre purement gratuit maachen, mengen ech, sollte mer déi Iwwerleeungen och an eiser Entwécklungspolitik féieren, a vläicht komme se eis an zéng Joer awer zegutt, och wa mer d'Absicht net hunn.

Mir mussen dat souwiesou mol maachen, well mer deemnächst mat enger EU-Direktiv befaasst ginn, déi bis 2004 soll ëmgesat ginn, an déi d'Uwendung vun de

flexibele Mechanismen ënnert den EU-Länner soll regelen. Mä egal wéi mer se uwenen, mengen ech, sinn awer eng Partie Grondfuerderungen virausgeschéckt.

Déi éischt nämlech datt, wa sou ee CDM's Projet vun enger Regierung finanzéiert gëtt, en net kann zu den 0,7% Entwécklungshëllef ka gerechent ginn. Et muss also hei en zousätzlechen Effort gemaach ginn, zudeem deem an der Entwécklungshëllef gemaach gëtt.

Zweetens muss de Projet en fonction vun de Besoinë vum Gaaschtland elaboréiert ginn, an der Nohaltegkeet vun deem Land entspriechen, an net eiser Nohaltegkeet.

Drittens muss de Projet och deem Land laangfristeg sozial Benefisser bréngen.

Véiertens muss dat Gaaschtland awer och eng minimal Ëmweltgesetzgebung hunn, an déi Projekte musse selbstverständlech konsequent sinn; et kann net sinn, dass op där enger Säit Projekte fir Uplanze vu Bësch finanzéiert ginn, an op där anerer Säit gëtt nach eemol einfach viru gefuer de Bësch ewechzeholzen, wéi dat bis ewell gemaach ginn ass.

Ech mengen dëst géif eis d'Méiglechkeet ginn, och vis-à-vis vun den Entwécklungslänner, eng ganz aner Energiepolitik ze maachen, wéi se oft an der Vergaangenheet gemaach ginn ass, nämlech andeem, dass Kraaftwierker a Stroummaste gebaut gi sinn, mä wierklech dann awer d'Potential just vun den Entwécklungslänner ze benotzen, deem haaptsächlech an der Solar- a Wandenergie läit, awer och an der Biomass, an der geothermescher Energie.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn eis alleguer bewusst, datt d'Entwécklungshëllef ee weltwäiten Effort verlaangt, fir dass d'Kluft tëschent den industrialiséierte Länner an den Entwécklungslänner méi kleng gëtt. Lëtzebuerg huet an der Vergaangenheet, a wëllt och an Zukunft, säin Deel dozou bäidroen. D'international Communautéit schéngt och ëmmer méi des Wëllens ze sinn, fir géint d'Aarmutt an d'Ongerechtegkeet an der Welt unzekämpfen; dat beweisen déi Beispiller, déi ech och elo grad opgefouert hunn, dat wäert nach net duergoen an och an Zukunft wäerten nach ganz vill Efforte musse gemaach ginn.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.-** Den nächsten Orateur ass den Här Jacques-Yves Henckes.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hu bei dëser ganz interessanter Debatt ganz vill Gemeinsamkeiten tëschent de Fraktiounen, an och mir als ADR wëlle soen, dass mer mat der globaler Orientéierung vun der Entwécklungspolitik, esou wéi se ënnert der viregter Regierung gemaach ginn ass, an och ënnert dëser Regierung gemaach gëtt, d'accord sinn.



Mir wëssen, datt mer, als eent vun deene räichste Länner op der Welt, mam gudden Beispill virgoe mussen an och dofir eng Kontributioun leeschten, déi sech ablécklech op ronn 6 Milliarden dëst Joer wäert belafen, a wat 0,76% vun onsem Revenu national brut ausmécht.

Mä et kënnt een awer och net ëmhin, fir verschidden Allgemengbetrachtungen ze maachen a sech heiansdo d'Fro ze stellen: Maache mer iwwerhaupt, iwwert dee Wee wéi mer hei schaffen, déi richteg Politik?

Ech mengen dat net esou vill um nationale Plang, mä och um internationale Plang, well sech an onsen Aen d'Entwécklungshëllef net nëmmen domat soll beschränken, fir verschiddenen ONGen oder verschiddene multilateralen Organisatiounen Hëllef zoukommen ze loosse, mä et geet och dorëm, datt een dee Räichtum, deen an der Welt geschaf gëtt, vläicht besser verdeelt.

Mir wëssen, datt duerch d'Mondialisatioun méi Räichtum insgesamt an der Welt geschaf gëtt, mä mir wëssen awer och grad esou gutt, datt dee Räichtum ongerecht verdeelt gëtt.

Dat ass ee vun deenen Défien, eng vun deenen Erausforderungen, op déi d'Politik muss eng Äntwert ginn. Dat kann zu engem Deel iwwert d'Organisation Mondiale du Commerce geschéien, et kann awer och iwwert de Bureau International du Travail geschéien, et wier besser wann déi zwee géifen zesumme schaffen.

Et muss ee sech och verschidden aner Zuelen, a verschidde rezent Faiten - notamment wat den Terrorismus ugeet - an Erënnerung ruffen, fir, a mengen Aen, zu zwou wichtege Konklusiounen ze kommen.

Als Beispill huelen ech de Kongo Kinshasa, deen hat 1986 dräi Milliounen Awunner a geet am Joer 2000 op sechs Milliounen erop - en Taux de croissance vun der Populatioun vu +2,30% -; d'Militäraufgaben si mat där héchster an Afrika; am Buedem si ganz vill Räichtumer an iwwert dem Buedem herrscht Krich oder eng Guerre civile.

Mir gesinn, datt an den Nopeschlänner d'Situatioun och dramatesch ass. Den nationale Räichtum bleift méi oder wéineger konstant oder geet nëmme liicht an d'Luucht, mä d'Bevölkerungszuele steigen a steigen a steigen.

Den zweete Phenomeen, deen ee feststelle muss, ass deen, dass ëmmer méi Leit sech speziell a groussen Agglomeratiounen, a grouse Stiet versammelen, wou een noutgedronge méi Problemer kritt wéi virduen, wou se méi verspreet waren an aggraren Occupatiounen nogaange sinn.

Mir gesinn, déi Parité de pouvoir d'achat - wéi deen Ausdrock technesch genannt gëtt - tëschent deene grouse Länner, mat iwwer 15.000 PPA, an deene Klengen, mat ënner 1.500 PPA pro Joer, datt deen Ennerscheed méi grouss gëtt an datt verschidde Länner

iwwerhaupt net méi aus den ënneschten Zuelen erauskommen.

Doduerch, datt d'Bevölkerung an deenen aarme Länner steigt a steigt, datt de Räichtum an deene Länner awer net méi an d'Luucht geet, gëtt de wirtschaftleche Kuch forcément ëmmer méi gedeelt.

An dofir mengen ech, datt eng vun deenen éischte Prioritéiten vun der Entwécklungshëllef dohi goe muss, fir Projeten ze ënnerstëtzen déi dohinne zilen, fir an deene Länner Informatioun iwwert d'Gebuertekontroll an déi néideg Hëllef ze maachen, well soss notzen eis Efforten hei an deene räiche Länner och näischt méi, soss féiere se zu näischt; et gëtt ëmmer méi eng Drëps op de waarme Steen. An ech mengen, dat ass en Défi, wou mir just nëmme kënne suggéieren, hëllef, mä wou mer awer och manifestement vun eise Partnere mussen erwaarden, dass si och hiert dozou bäidroen.

Mä mir wëllen hei op jidde Fall een Accent an deem Sënn setzen a versiche ganz speziell ONGen, déi op deem Gebitt schaffen oder Interventiounen maachen, ze ënnerstëtzen.

Mä och dat geet net duer, mir hu gesinn, datt a verschiddenen anere Länner, aus politischen Ursaachen - notamment a ville verschiddenen arabesche Länner -, d'Fraen tëschent fënnef an zwielef Kanner kréien, datt se bewosst illetréiert ginn, dat heescht, dass hinne verbuede gëtt a Schoulen ze goen, an doduerch, dass d'Frae keng Schoule matmaachen, kënne se natierlech d'Kanner och net erzéien, an doduerch, dass se vill Kanner hunn, hu se, souguer wa se géife Schoule matmaachen, och nach keng Zäit, fir d'Kanner ze erzéien. A wat ass d'Resultat? Da ginn d'Kanner, a speziell nëmmen d'Jongen deen Ablack, och nach a Koranschoule geschéckt; mat deem Resultat wat mer hei kennen.

Dofir geet et eis als ADR, mengen ech, och dorëmmer, datt ee verstärkt muss ONGen ënnerstëtzen déi fir Fraerchter anrieden, déi dofir anrieden, datt déi Fraen, jonk Meedercher, a Schoule kënne goen, datt Educatioun a Gläichberechtigung virherrschen, an datt mer speziell esou Initiative kënne duerchzéien.

Ech hu begréisst, datt mer esou e Projet zum Beispill a Palästina lafen hunn. Ech fannen, datt dat eng gutt Saach ass a mir sollen och kucken, fir ähnlech Projeten an anere Länner ze ënnerstëtzen, dat net nëmmen iwwer eis national Moyenen, mä och um internationale Plang esou Iddië verbreedene, well soss gi mer de Problem net Meeschter, mä e leeft ons au contraire ëmmer méi wäit dovun.

Déi Problemer vun der Emanzipatioun vun der Fra, vu méi Rechter fir d'Fra, datt se hiert Wuert matzesoe kritt, och an deene méi aarme Länner, an d'Entwécklung vun der Bevölkerungszuel si manifestement zwou Prioritéiten, wou muss gehandelt ginn.

En anere Problem, dee wichteg ass, ass dee vun der Urbaniséierung. Mir gesinn, dass speziell an deene méi aarme Länner d'Urbaniséierung ganz rapid Fortschrëtter mécht, mat der Konsequenz, dass d'Infrastrukturen net méi nokommen an datt sech eng ganz Abberzuel vu Problemer stellen, déi een an zahlreichen Etüde ka gesinn. Och do mengen ech, muss ee sech iwwerleeë wat fir eng Léisungen ee ka virbréngen, fir där massiver Urbaniséierung entgéint ze trieden, déi sonder Zweifel d'Problemer an deene méi aarme Länner nëmme méi grouss mécht an net méi kleng.

Mir schéngt et och wichteg, dass, an deem Mooss wou ons ONGen dat kënnen a wëllen, e muss kucke fir an de Pays cibles Projeten ze ënnerstëtzen, fir dass d'Leit sur place hir eege Betriber an Aktivitéite kënnen kreéieren. De President vun den ONGe sur place erlaabt sonder Zweifel, dass een do eng Selektioun mécht, wat fir Projeten ee kennt ënnerstëtzen. Ech weess och, dass bei ganz ville Leit hei zu Lëtzebuerg d'Bereetschaft besteet, fir bei esou Projete matzemaachen, ënnert der Konditioun natierlech, dass och diesbezüglichen Accompagnement sur place do ass.

Et misst ee sech d'ailleurs froen, ob net mat der Hëllef vun der Regierung kennt eng SICAV (Société d'investissement à capital variable) kreéiert ginn, fir iwwert dee Wee zousätzlech Fongen ze mobiliséieren. Ech ginn dat als Iddi un. Ech gesinn, dass esou Projete schonn an deem engen oder anere Land realiséiert gi sinn. Mir hunn Ëmweltfongen. Firwat sollte mer net och e Fong kréien, fir klenger Betriber an Entwécklungslänner ze schafen.

Dann eng Fro, déi duerch d'Aktualitéit bedéngt ass. Et geet Rieds vun Hëllef, déi misst um humanitäre Plang fir Afghanistan gemaach ginn. Ech wollt froen, wat den Apport vun der Lëtzeburger Regierung op deem Gebitt wäert sinn.

Eng aner konkret Fro, déi ech wollt stellen, betrëfft d'Visite vun der Mme Ausseminister zu Moskau, bei där versprach ginn ass, fir beim Amenagement vun engem Kannerspidol ze participéieren oder en eventuell esouguer ganz ze iwwerhuelen. Ech wollt wësse wéi wäit dee Projet gediehen ass, ob do eppes geschitt. Ech weess net, ob dat elo just an Äre Ministère mat erakënnt oder ob dat vum Ministère de la Santé ofhänkt. Sollt dat de Fall sinn, da wäert ech mech un den diesbezügliche Minister misse wënnen.

Da wollt ech op eng Initiativ agoen, déi mer konnten am Rapport liesen a wou ech och selwer present wor um Terrain. Dat wor déi Quinzaine du Chocolat an haaptsächlech dee Salon du Chocolat.

Ech wëll direkt soen, dass dat eng ganz gutt Initiativ ass. Ech hat och d'Freed fir zu Paräis e Salon du Chocolat ze besichen an ech mengen, dass et heiansdo gutt wier, wann een esou Initiative kennt nach e weéne

ausweiden, se all Joer als Salon weiderliewe loossen a kucken, fir iwwert dee Wee och den ONGe Suen zoukommen ze loossen.

Ech hunn zum Beispill gesinn, dass et zu Paräis net nëmme ëm de fairen Handel vum Kakao gaangen ass, mä dass se och all aner Confiseurs a Chocolatieren aus der Belsch, aus Frankräich, Däitschland an der Schwaiz komme gelooss hunn, fir justement e bësse Konkurrenz ze bréngen an Attraktioun, an dass iwwert dee Wee ganz vill Sue konnte gesammelt gi fir Projete fir den Tiers Monde a fir ONGen.

Mir hunn och de Rapport vun der Cour des Comptes gelies an ech mengen, et ass positiv, dass d'Cour des Comptes elo zu deem Ganzen en Avis ofgëtt. Deen Avis wor circonstancié. Dass eng Cour des Comptes op Problemer budgetstechnescher Natur hiweist, ech mengen, dass ass hire Rôle a mir als Chamber mussen och kucken, dass mer deene Recommandatiounen a Suggestiounen Rechnung droen.

Elo ginn et verschidden Adaptatiounen ze maachen. Ech hoffen, Här Minister, dass mer iwwert de Wee vun e puer Règlements grand-ducaux bei de Problemer vun deenen Accords-cadres an och beim Problem vun de Forfaits administratifs kënnen eng Léisung fannen. Ech mengen, dass de Forfait administratif eng praktesch Saach ass, déi ee muss zrëckbehalen. Et misst ee sech just iwwerleeën, ob een net vläicht nach e Montant maximum soll festleeën an d'ONGen obligéieren an engem kuerze Bericht ze soe firwat déi Sue gebraucht ginn. Dass ass méi formaljuristescher Natur, mä et ass awer wichteg, fir kënnen verschiddenen Abüen nozegoen, wann et eng Kéier sollt noutwendeg sinn.

Dat gesot, well ech als Konklusioun soen, dass mer mat der Orientation générale an och mat deene Montanten, déi an der Diskussioun stinn, d'accord sinn, dass mer et och wichteg fannen, dass déi Kollaboratioun mat den ONGe weidergefouert gëtt, well si en essentielle Beitrag leeschten zu der Entwécklungshëllef an zum gudden Numm vu Lëtzebuerg no baussen op deem Gebitt.

Ech hoffen awer och, dass um europäesche Plang an um Weltplang, do wou d'Regierung d'Méiglechkeet huet ze intervenéieren, se drop hiweist, dass d'Entwécklungshëllef ouni Augmentatioun vun de Fraerechter, ouni Gebuertekontroll malheureusement zu net vill wäert féieren à moyen et à long terme.

**M. le Président.** - D'Mme Renée Wagener huet d'Wuert.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President, ech hoffen, dass ech dann elo net déiselwecht Motiounen areeche wéi d'Mme Err.

Ech wollt a menger Interventioun, Dir Dammen an Dir Hären, kee Rundumschlag maachen iwwert d'Problematik vun der Kooperatioun, mä ech wollt éischter op verschidde Stéchwierder agoe par rapport zu engem

Rapport, deen all Joer méi exhaustiv gëtt an och an der Qualitéit sécherlech steigt, mä wou mir awer mengen net kënnen d'acord ze sinn, wann en Här Mosar hei seet, iwwert d'Politik vun der Entwécklungshëllef dierft een net diskutéieren. Do missten all Parteien anstandslos hiren Accord dozou ginn. Mir mengen, dass et eng Rei vu Kritikpunkte gëtt an op déi wäert ech och am Laf vu menger Interventioun zrëckkommen.

Ee vun deene wichtegsten dobäi ass d'Philosophie d'intervention vun der Regierung, de Geescht mat deem se un déi verschidde Projeten erugeet, déi se finanzéiert, respektiv de Geescht an deem se mat deene verschiddenen Entwécklungslänner zesummeschafft. Mir mengen, dass deen hei zu Lëtzebuerg nach net genuch präziséiert ass an dat och net aus deem Dokument ervirgeet, dat mer virleien hunn. Et gëtt zwar do vun enger Approche participative geschwat. Dat betrëfft awer dann zum gréissten Deel, wéi een et kann noliessen, d'Zesummespill tëschent dem Ministère an deene verschiddenen ONGen, mä et gëtt am Fong keng Note synthétique fir déi dräi Beräicher, wou Lëtzebuerg säi Schwéierpunkt drop leet, nämlech d'Santé, d'Education an den Assainissement, déi do méi eng präzis Philosophie géif definéieren.

Wann ee sech dann d'Annex vum Rapport ukuckt - an et gëtt och ausdrécklech op déi Annex higewisen, dass do en Dokument drasteet iwwert d'Lutte contre la pauvreté, wat am Fong eng Deklaratioun ass vum Comité de l'Aide au Développement -, da stellt een awer fest, dass grad dat Dokument extrem maartwirtschaftlech ausgeriicht ass. Mir hoffe jiddefalls als Gréng, dass dat net d'Philosophie vun der Lëtzebuerger Entwécklungspolitik erëmgëtt.

Fir méi konkret ze ginn och e puer Wuert zu de Pays cibles, déi haut de Mëtteg schonn Thema vun der Diskussioun woren. Den Här Mosar huet déi Thematik opgeworf an d'Mme Err huet eng ganz Rei vu Kritikpunkten abruecht.

Mir stellen eis och vill Froen iwwert d'Politik vun de Pays cibles. Déi alleréisch ass: Gëtt et eng Politik vun de Pays cibles? Wann ee kuckt, wéi do d'Entwécklung an deene leschte Jore wor, da fällt op, dass et Länner gëtt, déi de Moment net Pays cible sinn an awer beträchtlech Zomme kréien an dass de Volume global vun deene Gelder, déi net un d'Pays cibles ginn, extrem héich ass, wann net esouguer méi héich wéi dee fir d'Pays cibles. Do muss ee sech dann awer d'Fro stellen, ob dat an déi richteg Richtung geet, respektiv ob mer Feelentwécklungen, déi scho méi al sinn, wierklech gebremst kritt hunn.

Ech ginn ee Beispill. Dat ass dat vun der Île Maurice. Do kann ech mech erënneren, dass d'Mme Err deemools dat Land aus dem Grupp vun de Pays cibles erausgeholl hat. Mir mengen och mat Recht, well dat eigentlech e Land ass, dat net méi onbedéngt deen Entwéck-

lungsstand huet, dass et nach misst vun eis ënnerstëtzt ginn. Et stellt een awer da fest, dass d'Île Maurice weiderhin zu de Pays à projet gehéiert an dass Lëtzebuerg do 305 Milliounen engagéiert huet am Moment a 50 Milliounen am Joer 2000 débourséiert huet.

Ähnlech gëllt fir Tunesien, wou mer 524 Milliounen do stoen hunn an am Joer 2000 60 Milliounen débourséiert goufen.

Wann een dat da vergläicht mat engem Land wéi dem Mali, a wéi sécherlech och aneren, esou huet de Mali 196 Milliounen zougestane krut a krut dëst Joer 54 Milliounen débourséiert. De Mali ass awer ee vun eise Pays cibles. Da stellt ee sech e bëssen d'Fro wou wéi eng Kritäre spillen a wat et iwwerhaupt nach bedeit Pays cible ze sinn. Do menge mir jiddefalls, dass sech missten eng ganz Rei vu Froe gestallt ginn a vläicht och d'Entwécklung vun de Pays cibles missten an eng aner Richtung goen.

En anere konkrete Punkt ass dee vum Cap Vert, wou mir et ganz positiv fannen, dass deen zu de Pays cibles gehéiert. Ech wëllt vläicht drop hiweisen, dass de Cap Vert méi e spezielle Statut huet, well Lëtzebuerg mat deem Land eng ganz aner Relatioun huet wéi mat deenen anere Pays cibles. Et ass net einfach e Pays à projet, mä et ass e Land wou ganz vill Leit vun do aus op Lëtzebuerg immigréieren. Ech si mer bewosst, dass mer scho ganz vill Efforten um finanzielle Plang maachen, fir do eng Kooperatioun ze organiséieren, mä ech froe mech, ob een net grad mat deem Land kënnt e Schrëtt méi wäit goen. Ech wëllt an deem Kontext drop hiweisen, dass mer am Kader vun den Diskussiounen ronderëm d'Lëtzebuerger Immigratiounspolitik och e Pabeier virgestallt haten, wou mer expressément de Cap Vert erwähnt hunn, well mer mengen, dass sech hei vläicht d'Méiglechkeet géif erginn eng Bréck ze schloen tëschent Immigratiouns- a Kooperatiounspolitik.

Ech wëllt do just déi Iddien erwähnen, déi och d'europäesch Kommissioun schonn an hire Recommandatiounen op den Dësch geluegt huet, wou se seet, dass ee grad bei deene Länner, wou ee schonn e kulturellen Echange huet, respektiv wou scho Relatiounen um Niveau Immigratioun bestinn, sech sollt iwwerleeën, ob een déi Kooperatiounen net ausbaut an deem Sënn, dass eng Immigratiounspolitik net "one way" ass.

Dat heescht, dass de Flux vun de Ressourcen a vun de Gelder net just an eng Richtung geet, mä dass een déi Relatioun soll ausnotzen, fir dass och d'Ursprungsland eppes dovunner huet an dass zum Beispill déi Leit, déi op Lëtzebuerg immigréieren, net nëmmen en Deel vun deene Gelder, déi se hei erschaffen, zrëckschécke bei hir Familljen, mä dass se zum Beispill och kënnen Initiateuren oder Créateurs vu klengen Entreprises oder Projete sinn. Et sinn also esou Iddien, déi eis vir-

schwiewen, wa mer dovu schwätzen, fir eventuell driwwer nozedenken, ob een net kënnt eng Verbindung tëschent deenen zwou Thematiken hierstellen. Dat zum Thema Immigration.

Ech wollt awer nach e puer aner Saachen zum Cap Vert soen. Mir hu festgestallt, dass eng Rei vu Projeten och par rapport zu der Education bestinn um Cap Vert. Ech sinn der Meinung, et kënnten der vläicht nach e bësse méi sinn, an zwar och wann een dat an de Kontext setzt, dass ganz vill Jonker, déi op Lëtzebuerg kommen, Problemer hunn, well se net déi richteg Ausbildung hunn, fir sech hei erëmzefannen. Et kënnt ee sech do vläicht méi enk Kooperatiounen am schoulesche Beräich iwwerleeën. Mir hu jo och an anere Länner Programmer, wou mer Curriculum fir Schoulen ausschaffen. Wier dat net och sënnvoll um Cap Vert, wou jo méi en direkte Lien besteet?

En anere Beräich ass dee vun der Santé, wou ech eng Fro wollt opwerfen. Do ass am Rapport ze liesen, dass am Santéberäich eng Evaluatioun gemaach gi wier vun de Projeten. Et gëtt dann awer net gesot wat d'Resultater vun där Evaluatioun sinn. Dat géif eis interesséieren, genau esou wéi et eis géif interesséiere wéi de Minister d'Tatsach gesäit, dass de Fonds de lutte contre le trafic des stupéfiants zwar de Moment e Fliger bezilt, deen am Kampf géint d'Drogen agesat gëtt, mä awer bis elo keng Iddi schéngt ze bestoen, wéi een eventuell nach aner Gelder, déi de Fong bereet wier ze ginn, am Beräich vun der Drogenbekämpfung, an een dat awer vläicht méi fir Preventioun oder Hëllef fir jonk Toxikomaner kënnt asetzen, wat sécherlech an deem Land do eng ganz konkret Problematik gëtt.

Positiv ze erwähnen ass, dass am Rapport steet, dass e Coordinateur-résident soll agesat ginn um Cap Vert, fir Preparatiounsaarbecht vun deenen diverse Projeten ze maachen. Dat zum Thema Cap Vert, fir e konkret Lännerbeispill erauszegräifen.

Ech wollt dann awer och nach méi allgemeng e Wuert soen zu der Presentatioun vum Rapport an haaptsächlech och zu der Presentatioun vun den Zuelen.

Et stellt een engersäits fest, dass d'Regierung net fir all Land déiselwecht Method applizéiert. Wann ee sech de Rapport e bësse méi genau ukuckt, dann ass et relativ schwéier déi eenzel Beräicher matenanner ze vergläichen an et gëtt een och net ganz klug wéi et mat der Capacité d'absorption steet. Et gëtt all Kéiers bei all Land zwar e klengen Tableau gemaach, wou een da ka gesi wivill Gelder dass engagéiert gi sinn an och wivill Gelder während dem Joer 2000 débourséiert goufen, mä et gesäit een am Fong net, ob dat elo e Projet ass, deen iwwert dräi oder iwwer sechs Joer geet, esou dass ee sech eigentlech relativ schwierig do erëmfënnt.

Et stellt ee sech dann d'Fro, kommen déi Projeten net richteg weider oder si se einfach op laang Zäit geplangt,

mä heiansdo ass et emol net 1/6 vum Volume alloué, deen do am Joer en cours ausgi ginn ass, esou dass een d'Saach eigentlech ganz schlecht ka verfollegen. Wann een dat vergläicht mam Rapport vu Lux-Development, da gesäit een, dass déi eng besser Method fonnt hunn. Do gesäit ee wat pro Joer avancéiert ginn ass a wat ausgi gouf, wat d'Liesen dovunner da méi einfach mécht.

Et ass och net liicht d'Zuelen aus dem Ministère mat deene vu Lux-Development ze recoupéieren. Mir mengen awer, dass et ganz wichteg wär, dass dat géif geschéien, well awer e ganz enken Zesammenhank besteet tëschent deenen zwee Etablissementen, fir se emol esou ze nennen, an dass d'Fro sech esouguer stellt, ob een net misst e gemeinsame Rapport maachen oder zumindest en integréiert Dokument, wou een da kënnt besser gesinn, wat mat deene Gelder geschitt, déi de Ministère Lux-Development zoukomme léisst.

Well mer da scho bei Lux-Development sinn, wëllt ech och iwwert déi Organisatioun e puer Wuert verléieren. D'Mme Err huet virdu schonn ugeschnidden, dass et net duergeet en Audit financier iwwert déi Gesellschaft ze maachen, mä dass een och misst en Audit organisationnel maachen, an dass ee méi Transparenz an déi Verbindung tëschent Ministère a Lux-Development misst erabrénge. Dat geet aus deem Rapport, dee mer virleien hunn, net onbedéngt ervir.

Ganz wichteg schéngt eis dann awer an deem Kontext, dass mer emol eng Lëscht géife presentéiert kréie vun deenen Optrag, déi u Lëtzebuerger Firmen a Bureaux d'études ginn, déi mat Lux-Development an deem Kader schaffen an an den Entwicklungslänner Aarbechte maachen. Dat wier esouwuel fir déi Leit interessant, déi mengen, eis Economie hätt net genuch vun der Entwicklungshëllef, wéi et och fir aner interessant wär, an dozou gehéieren och déi Gréng, déi sech heiansdo d'Fro stellen, awéiwäit déi Hëllef, déi mer ginn, däréi interesséiert sinn, awéiwäit vläicht besser net. Op jidde Fall géif et dozou bäidroen, wann een esou eng Lëscht hätt, dass mer méi Transparenz an deem Beräich hätten.

D'Cour des Comptes ass schonn e puermol hei erwähnt ginn an och dee Rapport, dee se gemaach huet. Ech wäert net weider an den Detail vun där Problematik agoen, well sech jo ganz kloer erausschiet, dass déi Problemer do existéieren, dass am Fong all Mënsch d'accord ass fir déi ze behiewen an dass et éischter vläicht ëm eng Toilette de texte hei geet, fir d'Gesetz un d'Praxis unzepassen, wéi dass et elo grouss politesch Problemer hei géife ginn.

Natierlech muss een awer och feststellen, dass d'Cour des Comptes seet, et misst méi Systematik geschéie bei der Kontrolle vun den ONGen zum Beispill. An deem Kontext vläicht nach ee Punkt, deen der Cour des Comptes sécherlech manner Schwierigkeete mécht, mä den ONGe selwer, wa mer iwwert d'Accords-cadres schwätzen, déi jo hei ganz speziell ugeschwat woren.



Et ass anscheinend esou, dass oft Retarde bei der Liquidatioun vun de Montante bestinn, déi den eenzelnen ONGen zoustinn an dat geet esou wäit, dass déi ONGen heiansdo Trésoreriesproblemer kréien, well déi Retarden esou grouss sinn. Do wär et sécherlech wichteg, dass och Efforte géife vu Säite vum Ministère gemaach ginn, fir dass dat net d'Liewe vun enger ONG op d'Kopp werft.

En anere Beräich, dee vun der Cour des Comptes ugeschwat gir wor, sinn d'Frais administratifs, haaptsächlech vun deene klengen ONGen. Sécherlech muss een hei Léisunge fannen, fir dat méi transparent ze maachen. Allerdéngs si mir eis awer och bewusst, dass een ee Problem net wäert aus der Welt schafen. D'Kooperatiounspolitik wäert et kaum méiglech maachen de Flux vun de Gelder an de Pays cible bis an de leschten Detail ze suivéieren, mä si wäert et awer och net méiglech maache bei klengen ONGen iwwer e gewëssen administrativen Opwand erauszegoen, deen net méi a Proportiou steet mat deenen Efforten, déi se eigentlech maachen. Ech denken, dass déi nei Instrumenter, no deene mer do musse sichen, deem Prinzip vun der Proportionalitéit och musse Rechnung droen.

Ee Wuert zum Statut vun de Coopéranten, deen d'Mme Err och virdrun ugeschwat huet, wou et eiser Meenung net nëmmen drëms geet, dass fir déi Coopéranten, déi jo am Ennersched zu den Agents de coopération net direkt fir de Stat schaffen, mä fir ONGen, misste Parallellisme beim Bezuele geschafe ginn, mä op där anerer Säit, niewent de Paien, geet et einfach hei och ëm de Statut an do stinn déi Leit nach e Krack méi schlecht do wéi d'Agents de la coopération, wou jo iwwregens elo och e Règlement grand-ducal an Ausaarbechtung ass. Mir denken also, dass ee sech och iwwert d'Coopéranté muss Gedanke maachen, wéi een hir Situatioun ka konkret verbessern.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kéim dann zu enger Rei Altlaste vum leschte Joer, verschidde Punkten, déi mer hei opgeworf hunn a wou et vläicht interessant ass e Bléck zrëckzeweuerfen. Deen éischten dovunner ass den Thema Entschëldung. Den Här Goerens huet a senger Ried déi lescht Woch ganz vill vun der Problematik vun der Aarmutt geschwat an och vum Kampf géint déi Aarmutt. En huet och - ech hunn dat mat Freed festgestallt - eng gewësse Sympathie fir d'Manifestante vun Seattle, Genua oder Portoallegre un den Dag geluegt a sech Gedanken iwwert d'Problemer vun der Mondialiséierung gemaach.

Mä wann een dann awer e bësse méi konkret kuckt wéi d' Moyene kënnten ausgesinn, fir géint déi Aarmutt unzegoen, dann ass et vläicht awer e bëssen anesches an d'Beispill Entschëldung weist dat menger Meenung no. Ech hunn dat nach eng Kéier nogelies wat den Här Minister a senger Ried dozou gesot huet. Dat ass relativ knapps gehalen. Do hu mer e klengen Abschnitt, wou

gesot gëtt: "L'initiative de l'allègement de la dette en faveur des pays pauvres les plus endettés a trouvé un début d'application à une série de pays. Même si c'est un pas dans la bonne direction, il convient d'en poursuivre la mise en oeuvre rapide. Et pour réserver à cette démarche un impact réellement profond, d'autres mesures sont nécessaires".

Leider gëtt do net méi explizéiert wéi eng Mesuren dass dat da sinn a wéini dass mer se ze gesi kréien. Ech wëllt awer an deem Kontext drop hiweisen, dass d'lescht Joer zu mengem Bedauern, well ech hat eng Géigemotioun proposéiert, hei eng majoritär Motioun ofgestëmmt gi wor, wou awer verschidde Saachen zumindest festgehalé gi woren. Ech wëllt do just zwee Tirete liese beim "invite":

" - insister sur la perspective d'annulation de la dette des pays les plus pauvres;

- envisager favorablement le paiement par le Luxembourg à certains Etats créanciers des pays les plus pauvres d'une partie de leur dette; les moyens ainsi délibérés dans les pays où la dette est allégée devront être affectés à des investissements dans le domaine social."

Do wollt ech dann den Här Minister froen, a wéi wäit esou Saache scho méi konkret realiséiert goufen a méi allgemeng, wou mer da mat deem Thema Entschëldung a mat den Initiativen, déi Lëtzebuerg do wollt huelen, dru sinn?

### **(M. Jean Spautz prend la Présidence)**

E weidere Punkt, deen d'lescht Joer ugeschwat ginn ass a wou ee sech d'Fro ka stellen, ob et vläicht net grad esou gutt war, dass en dëst Joer net ugeschwat ginn ass, ass dee vum Corps civil. Et héiert een net méi ganz vill dovun. Et huet een den Androck dat wier en U-Boot, dat e bëssen ënnergaange wier. Mir sinn emol gespaant, ob et esou bleift oder ob dat U-Boot iergendwann erëm eng Kéier optaucht.

**M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.** - Mir hate jo awer doriwwer eng Interpellatioun vum Här Fayot, wou mer eis ganz kloer festgeluegt hu wat mer géife maachen domat, Mme Wagener.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).** - Da kënnt Der eis jo soe wat do scho Konkretes geschitt ass. Et erstaunt mech just, dass an där heiter Ried net drop zrëckkomm ginn ass.

D'Sensibiliséierung vun der Bevëlkerung hei zu Lëtzebuerg ass en Thema, dat mir als Gréng och ganz wichteg fannen. Mir hunn hei scho vill driwwer diskutéiert an ech mengen, mir hunn och schonn eng Rei vu Motiounen ofgestëmmt an ech wëllt do e bëssen den Historique maachen.

Mir haten 1997 ënnert dem Här Wohlfart eng Motioun heibannen unanime ofgestëmmt a mir haten och 1999 ënnert dem Här Goerens eng unanime ofgestëmmt a wéi d'Mme Err Statssekretärin wor, wor si och op déi Thematik higewise ginn, dass mer mëttlerweil mam Uwuesse vun deem Montant, dee Lëtzebuerg ausgëtt fir Entwécklungshëllef, vläicht net méi an de Rappore sinn, wann et drëm geet hei zu Lëtzebuerg d'Leit opzeklären iwwert d'Thematik vun der Kooperatioun.

Mir hunn zwar engersäits en Uwuesse vun deem Montant vun de Sensibiliséierungsaktiounen, mä mir hunn awer vläicht net déi begleetend Moossname fir de Leit ze erklären, firwat et wichteg ass och hei zu Lëtzebuerg Education au développement ze maachen.

Dee Problem, dee sech ëmmer erëm stellt a wat wahrscheinlech och de Grond ass dofir, dass déi Regierungen, déi scho méi wäit zréckleien, am Fong an deem Beräich ëmmer e bëssen timide woren, dat ass, dass d'Leit oft soen, déi Gelder sollen dach an d'Drëtt Welt geschéckt ginn, déi sollen dach op der Plaz benotzt ginn, fir do konkret Hëllef ze maachen. Et geet jo net drëms, fir déi Gelder hei ze behalen.

All d'ONGe soen lech natierlech, dass dat net richtig ass, dass d'Leit hei och mussen erkläert kréien, dass éischters Entwécklungshëllef wichteg ass, mä dass et zweetens awer och Rappore gëtt tëschent Nord a Süd, déi een heiansdo muss a Fro stellen an dass een natierlech och muss eng ganz Rei vu konkrete Campagnen, zum Beispill wéi déi vum Schockela, déi mer virdu genannt kritt hunn, um Terrain maachen, dass et drëms geet, dass d'Leit am Norden en anert Verhalen a verschiddene Beräicher kréien.

Dofir wor déi Motioun agereecht ginn, fir deen Effort vu Sensibiliséierung ze maachen, fir de Leit dat ze explizéieren a mir woren eis jo och all eens heibannen, mä leider stellt een awer fest, dass bis elo do nach net vill Konkretes komm ass. Dofir erlaben ech mer, Här President, déi Motioun dann nach eng Kéier anzereechnen.

### **Motion 6**

#### *La Chambre des Députés*

- *rappelant la conclusion du document «Coopération 2000» du Ministère de la Coopération du 29 mars 1995 qui dit: «De concert avec les ONG, le Ministère devra mettre en oeuvre une large campagne de sensibilisation continue pour faire comprendre à l'opinion publique la complexité de l'effort sans précédent dans le domaine de la coopération»;*

- *rappelant la motion invitant le Gouvernement à mettre en oeuvre le plus rapidement possible une telle campagne de sensibilisation et adoptée par la Chambre le 23 mars 1997;*

- *rappelant sa motion identique du 10 février 1999, également adoptée à l'unanimité;*

*invite le Gouvernement*

- *à mettre en oeuvre le plus rapidement possible une telle campagne de sensibilisation.*

(s.) *Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

Dat heescht net, Här President, dass hei zu Lëtzebuerg keng Education au développement géif gemaach ginn. Ech hunn elo schonn d'Schockelascampagne genannt. Et stellt ee fest, dass eng Rei vun neie Mesuren do sinn, dass ënner anerem och e Service gegrënnt ginn ass, de Service d'appui à l'éducation au développement, wat sécherlech eng ganz sënnvoll Saach ass am pädagogesche Beräich, oder och dass en Accord-cadre mat enger ONG geschloss ginn ass, déi an deem Beräich wëllt aktiv ginn. Do muss een esouguer soen, dass d'Budgeten, déi zur Verfügung gestallt ginn, substantiell och an d'Luucht gaange sinn. Mir louchen 1999 bei 9,5 Milliounen a mir schéngen am Joer 2000 bei 30 Milliounen ze leien.

Wann een allerdéngs déi Zuelen a Rapport setzt mat deenen anere Gelder, déi am Beräich vun der Entwécklungshëllef débourséiert ginn, dann ass awer nach ëmmer feststellen, dass hei eng enorm Diskrepanz ass a mir sinn och als Gréng der Meinung, dass onbedéngt nach méi Efforten an der Education au développement musse gemaach ginn an dass dofir och nach méi Projeten an och natierlech déi noutwendeg Gelder misste fir dee Beräich zur Verfügung stoen.

Ee Punkt, deen den Här Calmes virdrun ugeschwat huet, war dee vun den CDMen, de "Clean Development Mechanisms". Ech hat d'lescht Joer scho vun där Problematik geschwat, well mir als Gréng e bësse skeptesch sinn, wann et ëm dee Moyen do geet, engersäits well een awer a verschiddenen Evaluatiounstexten liest, dass et net ëmmer einfach ass mat deene Projeten op der Plaz, dass d'Resultater dovunner net ëmmer esou grandios si wéi ee sech dat kënnert erhoffen, mä op där anerer Säit awer och, well et natierlech hei ëm déi ganz Problematik vun den Emissiounen geet an ëm déi Fro, ob Lëtzebuerg sech dann déi dote Wäerter, déi da kënnen erreicht ginn an engem Entwécklungsland, op seng eege Bilanen opschreift. Do hu mer schonn eng Kéier driwwer diskutéiert wéi den Här Goerens ugetrueden ass am Kooperatiounsberäich an och als Émweltminister natierlech.

Deemools huet den Här Goerens gemengt, natierlech géife mer dat net maachen. Natierlech géife mer déi CDMe quasi gratis maachen, ouni dass mir eppes hei zu Lëtzebuerg dovunner hätten.

Wann een awer elo haut iwwert déi ganz Problematik schwätzt an d'Regierung och ëmmer méi schéngt an

Nout ze komme fir déi 28% CO<sup>2</sup>-Reduktiounen ëmzesetzen, déi se ugepeilt huet par rapport zu 1990, da mierkt een, dass eben den Tenor hei wierklech anescht ginn ass an dass d'Fro ëmmer méi konkret opgeworf gëtt, ob Lëtzebuerg sech dat net soll urechnen. Do si mir awer weiderhin, Här President, der Meenung, dass dat net richtig ass, dass Lëtzebuerg seng eegen Efforten hei muss maachen, fir seng CO<sup>2</sup>-Emissiounen an de Grëff ze kréien an net sech se op anere Plaze mat sengem ville Geld kafe goen.

Här President, e leschte Punkt, mä sécherlech net deen onwichtigsten, betrëfft och eng Altlast, an zwar eng laangjäreg Fuerderung vun den ONGen. Ech hunn hei verschidde Punkten opgeworf an enger Interventioun, déi drop hiweisen, dass et an enger Rei vu Beräicher vun der Kooperatiounspolitik Klärungsbedarf gëtt, dass et och an enger Rei vu Beräicher Kritikpunkte gëtt, wou ee ka verschiddener Meenung sinn.

Mir ënnerstëtzen dofir déi Fuerderung vun den ONGen, fir zu Lëtzebuerg en Observatoire ze maache vun der Kooperatiounspolitik. Mir sinn net déi éischt, déi dovunner schwätzen zu Lëtzebuerg. Dat gëtt et schonn a verschidden aneren europäesche Länner, zum Beispill an Holland. Bis elo hu mer net ganz vill Echoe gehéiert op déi Fuerderung. Mir mengen awer, dass et wichtig wär, fir der Lëtzeburger Kooperatiounspolitik, déi jo ëmmer méi muss kucke fir Gelder auszeginn, vu dass mer mat deem Deel vum Budget, dee mer ëmmer méi wëllen an d'Luucht dreiwe fir d'Lëtzeburger Kooperatiounspolitik, och konfrontéiert sinn domat, dass mer eis mussen iwwerleeën, wéi mer da mat deene Gelder ëmginn, esou dass et eis ëmmer méi wichtig schéngt, fir esou en Observatoire ze hunn, deen eben déi Politik vun der Regierung kritesch begleet.

Dofir hunn ech an deem Sënn och eng Motioun preparéiert, déi ebe genau déi Fuerderung wëllt ëmsetzen.

### **Motion 7**

*La Chambre des Députés*

*considérant*

- *l'évolution rapide du volume financier et du nombre de projets dans le cadre de la politique de coopération luxembourgeoise, ceci autant sur le niveau public que sur celui des ONG;*

- *soucieuse de garantir un suivi efficace, continu et indépendant de la qualité de la politique de coopération luxembourgeoise;*

- *renvoyant à la pratique d'autres pays qui ont créé des observatoires indépendants de la politique de coopération, centrés notamment sur les sujets clés de la coopération, comme par exemple l'impact sur les femmes;*

*invite le Gouvernement*

- *à élaborer des propositions relatives à la création d'une structure d'observation indépendante de la politique de coopération luxembourgeoise et de les soumettre à un débat au sein des instances et partenaires concernés.*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

Voilà, Här President, dat sinn déi puer Punkten zu deenen ech wollt Stellung huelen. Sécherlech si meng Wieder e bësse méi kritesch ausgefall wéi déi vu menge Virriednerinnen a Virriedner. Dat verhënnert net, dass mer mengen, dass eng ganz Rei vu Saachen an deene leschte Jore geschitt sinn an dass déi Professionaliséierung, besonnesch och am Beräich vun den ONGen, wou de Ministère eng ganz wichtig Roll spillt, eng duerchaus positiv Entwécklung ass an e Wee op deem ee sollt weidergoen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ganz kuerz a ganz punktuell no deenen e bësse planetareschen, internationalen an nationalen Ausflich vun de Virriedner, déi dat alles ofgedeckt hu wat ze soe war.

Ech wollt e puer Wuert verléieren iwwert d'Akzeptanz vun der Kooperatioun hei zu Lëtzebuerg a just zwee Weeër kuerz e bësse méi belichten, déi ee kënnt aschloen a wou een och kënnt Verbesserungen ubréngen, fir déi Akzeptanz bei de Leit méi grouss ze maachen.

Déi Milliarden, déi mer ausgi fir d'Kooperatioun, ginn acceptéiert vun de Leit dobaussen. Firwat? Well se net wéi dinn. Et spiert keen a sengem eegene Portmonni, dass Lëtzebuerg esou vill an d'Kooperatioun investéiert.

Zweet Ursaach: Et gëtt esou vill ONGen zu Lëtzebuerg, déi sech ëm den Développement vun ënnerentwéckelte Länner këmmen an deen Engagement vun de Leit ass a mengen Aen och immens wichtig fir d'Akzeptanz vun der Kooperatiounspolitik. Och wann déi ONGe kleng sinn, och wa se vläicht net gutt funktionnéieren, da si se awer e Steen an deem Gefüge vun der Kooperatiounspolitik a si hunn en erzéiereschen Aspekt a virun allem sinn et Multiplicateurs d'idées. Dat ass fir mech immens wichtig an dofir solle se och ënnerstëtzt a guidéiert ginn. De Kader dovunner hunn d'Virriedner jo virgezeechent an ech schlësse mech och do der Mme Err hunn.

Ech wëll da just zwee Weeër ganz kuerz uschneiden, déi näischt mat Geld ze dinn hunn. Dat éischt ass d'Zesummenaarbecht an der Educatioun tëschent de

Länner, déi mer ënnerstëtzen, an de Lëtzebuerger Schoulen op där anerer Säit.

An esou ville Länner baue mer Schoulen, an esou ville Länner probéiere mer déi Schoulen ze équipéiere mat Bicher, mat allen Instrumenter, déi se brauchen, fir raisonnablement Schoul ze halen. Mir misste munchmol op verschiddene Plazen et einfach méiglech maachen, dass e Fax an deene Schoule steet, fir dass iwwert dee Fax da kënnt mat deem Land kooperéiert ginn, dat déi Schoul gebaut huet.

Mir mussen op verschiddene Plazen d'Konditiounen fir Kontakter mat Lëtzebuerger Institutiounen a Lëtzebuerger Schouklasse schafen. Mir bauen domadder e wichtegt Element an eis Kooperatioun mat an, an dee Kontakt tëschent Kanner a Studenten op där enger an op där anerer Säit ass fir mech wichteg, fir eben datt d'Kooperatioun esou gedroe gëtt an och dee Stelleväert kritt an eise kulturelle Liewen, dee se muss hunn. D'Fro ass: Wie mécht dat? Dat ass d'Fro un de Minister: Gëtt et eng Struktur an Ärem Ministère, Här Minister, déi déi Kontakter do hierstelle kënnt? Et ass ganz einfach eng logistesche Fro, fir déi Uniounen tëschent Klassen hierzustellen an dann och weiderzeféieren.

Ech froen do wierklech eng Campagne an de Primärschoulen, eng Campagne an de Lycéeën, organiséiert a betreit vun Ärem Ministère, well do setzen d'Expären.

Den zweete Volet ass de Volet vun den Echanges culturels. Et wier falsch fir ze soen, déi Echanges culturels géifen et net ginn. Dat si Visites culturelles, et sinn Optrëtter, virun allem vu Musikanten, déi dann och erauskomme mat hire spezifesche Konschtoptrëtter, vun Artisten aus dem Togo, aus dem Senegal oder elo och nach aus dem Burkina Faso. Dat ass gutt esou.

Op där anerer Säit leeft wéineg a puncto Echanges littéraires. Mir wësse ganz genau, dass d'Literatur nach ëmmer de beschte Reflet vun enger Zivilisatioun ass. Mir wëssen och, dass verschidden afrikanesch Länner virun allem grouss Literaten ervirbruecht hunn. Dir kennt alleguer de Senegal. Den Här Minister an ech wësse wat fir eng grouss Auteuren am Mali doheem sinn.

Ech wollt dann d'Fro stellen, ob d'Kooperatioun an den Entwécklungslänner net just och d'spezifesch kulturellt Liewen an deene Länner fir d'éischt fördere muss, dat typescht onverwieselbar kulturellt Liewen, do wou d'Identitéit geprägt gëtt a virun allem, ob mer iwwert d'Kooperatioun och d'Literatur an deene Länner fördere kënnen?

Ech froen, wéi et mat méiglechen Echanges ass. Dat wier eng gutt Iddi an déi misst een onbedéngt harmoniséieren a gläichzäiteg exekutéieren mat där éischter Propos, fir an d'Primärschoulen an an d'Lycéeën ze goen.

Wann een dat do mécht, da bréngt ee bestëmmt en Element vun Développement durable an eis Entwécklungspolitik. Ech wollt de Minister froen, wéi seng Pläng dann am Domaine culturel sinn?

Merci.

**M. le Président.** - Et ass keen Diskussionsriedner méi do. Dann huet den Här Minister Charles Goerens d'Wuert.

**M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ka mech kaum enger Debatt erënneren, wou esouvill Froe gestallt gi si wéi an dëser. Ech erhiewen och net den Anspruch, dass ech op alles eng Äntwert hunn, op alles kann agoen.

**M. Ben Fayot (LSAP).** - E Minister kann alles!

**M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.** - Den Här Fayot huet d'Tendenz mech ze iwwerschätzen. Dat betruechten ech als e Kompliment fir mech an e Feeler vun him aus gesinn, well ech fäerte ganz, en iert sech do.

Ech wollt alle Virriedner merci soen, och wann eenzel Téin méi kritesch waren. Da solle se wëssen, dass ech mech an déi Rei vun de Kriticke selwer astellen, well ech hunn och eng kritesch Approche zu deene meeschten Aspekter, déi opgeworf goufen. D'Coopération au développement ass effektiv en Domän, dee mer musse mat Virsiicht, mat Déterminatioun, awer och mat Generositéit ugoen. Mir musse wëssen, datt déi Entwécklungshëllef sech an der Haaptsaach ofwéckelt an deene Länner, déi eis Hëllef kréien, wou mer eis Projete realiséieren. Si gëtt hei konzipéiert. Mir hunn et mat verschiddene Législatiounen ze dinn. Mir hunn et mat Approchen ze dinn, déi nach net ganz fäerdeg gestallt sinn, oder déi a voller Entwécklung sinn. Et ass e Problem vu Kohesioun, et ass e Problem vu Kohärenz, et ass e Problem vu Budget. Et ass och e Problem vu Kontroll an alles dat fléisst an déi Debatt hei an. Ech wëll versichen och op déi eenzel Froen anzegoen, déi meng Virriedner gestallt hunn.

Et ass iwwer SIDA Rieds gaangen, iwwert Développement durable, de Welthandel, d'Pays cibles, d'Situatioun vun den ONGen, de Bureau d'Assistance technique, den Audit, déi ganz Problematik ronderëm d'Evaluatioun, wéi een de Rapport annuel kënnt besser gestalten, d'ganz Sensibilisatiounspolitik, de Problem vun de Ressources humaines vum Ministère, d'Globalisatioun ass an deene meeschten Interventiounen zur Sprooch komm, d'Situatioun vu Lux-Development. D'Mme Err huet iwwer Aides liées geschwat, Désendettement, Corps civil, Clean Development Mechanisms, iwwer eenzel Länner, déi net Pays cible sinn asw.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll vläicht aleedend, fir emol scho generell eng Partie Froen



ze behandeln, nach eng Kéier erkläre wat d'Funktione vum eisen Acteur sinn.

De Ministère beschränkt sech am Fong an der Haaptsaach op d'Identifikatioun vum de Projeten. Dat ass eng eminent politesch Aufgab an e gëtt dann d'Formulatioun an d'Exekutioun un anerer weider. Dat ass de Fall bei alle Projeten, déi mer am bilaterale Beräich maachen, an der Haaptsaach mat de Pays cibles an doriwwer eraus och mat Länner, déi net de Statut vum Pays-cible hunn.

Bei den ONGen ass et nach méi einfach. Do beschränke mer eis am Fong op d'Kofinanzementer, op eng Bewäertung vum deem Projet, dee se eraginn, ouni awer d'ONGen ze schoulmeeschteren, well si si "par définition des organisations non gouvernementales" a mir beschränken eis do an der Regel op eng Bewäertung vum hirer Aarbecht à propos vum der Compatibilitéit mat der Lëtzebuerger Gesetzgebung, souwuel wat d'Kooperatioun ubelaangt, wéi och wat de Contrôle financier ubelaangt.

Dann hu mer Projekte mat Agences onusiennes, mat der Organisation Mondiale de la Santé zum Beispill, mam Programme des Nations Unies pour le Développement, mat dem Fonds des Nations Unies pour les Populations. Do kofinanzéiere mir oder mir finanzéieren e Projet eleng, mä do gëtt esouwuel d'Identifikatioun wéi och d'Formulatioun an d'Exekutioun vum deenen Agence selwer gemaach.

Dat beweist schonn eleng um Niveau vum den Acteuren d'Komplexitéit vum der ganzer Démarche. De Ministère huet fir déi Aarbechten, déi e mécht à propos vum der Identifikatioun, eng limitéiert Zuel vu Leit, déi fir e schaffen an déi Leit hunn net nëmme just zur Aufgab kucken ze goe wat fir eng Projeten dass kënne gemaach ginn, mä et as zu Recht gesot ginn, et muss een eng Strategie hunn, et muss een och wëssen, dass een déi Projeten, déi een ofwéckelt, an engem Geescht vu Partenariat mécht. Dat heescht, mir kënne kengem Land eng Strategie imposéieren, mä mir kënne nëmme just Projekte maachen, déi och vun aneren acceptéiert ginn.

Wa mir zum Beispill mam Burkina Faso e Projet bilatéral maachen, dann ass et esou, dass de Burkina Faso muss mat den Terme vum deem Projet d'accord sinn. Mir kënne hinnen näischt imposéieren a mir wëllen och näischt imposéieren, well mer net wëllen a Konflikt gerode mam Prinzip vum Partenariat.

Elo e Wuert zum Rapport annuel. D'Mme Err an och anerer hunn drop higewisen, dass dee Rapport annuel perfektibel ass. Ech sinn deen éischten, deen dat zougesteet. Dee Rapport annuel huet den Désavantage, dass en dëst Joer eréischt konnt elo diskutéiert ginn, well mer den Débat iwwert d'Politique de coopération eréischt elo konnte maachen. Dat huet säin Origine am Gesetz vum 1996, wat e gutt Gesetz ass, dat och

perfektibel ass, mä et kann een eréischt Diskussiounen hei féieren iwwert de Rapport annuel, wann de Rapport annuel komplett ass.

Dëst Joer huet d'Cour des Comptes sech ageschalt mat engem Audit a si huet eis och drop opmierksam gemaach, dass de Rapport eréischt e komplette Charakter hätt, wann deen Examen contradictoire, also d'Froen, déi d'Cour des Comptes stellt an och d'Äntwerten, déi mir geliwwert hunn, e komplett Dokument sinn.

Dat hu mer gemaach an ech hu mech och beméit, fir kënne dës Woch den Débat an der Chamber ze féieren, fir nach huerteg an d'Kommissioun vum Contrôle budgétaire ze goen an dann och an d'Commission des Affaires étrangères, fir ebe grad kënne der Chamber Ried an Äntwert ze stoen iwwert déi Froen, déi d'Cour des Comptes opgeworf huet. Déi Froe sinn net schrecklech dramatesch, mä si sinn awer pertinent, well se och op eng Partie Schwierigkeiten hiweisen, fir ëmmer an engem Beräich, deen esou sensibel ass wéi dee vun der Coopération au développement, kompatibel ze si mat de Regele vum der Comptabilité de l'Etat.

D'Cour des Comptes huet natierlech vun enger Partie Dispositiounen aus dem Gesetz vum 1996 eng aner Lecture wéi mir. Déi ass och ganz kloer de leschte Freideg an der Commission du Contrôle budgétaire évoquéiert ginn. Zum Beispill seet d'Cour des Comptes, et géifen eng Rei vu Finanzéierungsinstrumenter an eisem Gesetz iwwert d'Kooperatioun ginn, de Subsid, deen iwwert den ordinäre Budget ofgewéckelt gëtt, d'Donation globale, wat e Financement ass vun engem Ensembl vu klengere Projeten, déi am Kader vun enger Enveloppe globale et annuelle finanzéiert ginn, an dann natierlech och den einfache Kofinancement, deen am Fall wou de Projet vun enger ONG an engem Pays cible realiséiert gëtt mat 75% ka subventionnéiert gi vum Stat. Am Fall wou en an engem Pays non cible realiséiert gëtt, kann e mat 66% vum Lëtzebuerger Stat finanzéiert ginn. Dat ass en Ensembl vu Regeln, deen do zur Uwendung kënnt. Dat si Regeln, déi entweder esou am Gesetz preziséiert sinn oder déi mir eis a Form vun internen Direktiven oder Règlementatiounen ginn hunn.

Da kritiséiert d'Cour des Comptes de sougenannten Accord-cadre. Wat ass den Accord-cadre? Den Accord-cadre ass eng Äntwert op en neien Défi an der Entwécklungspolitik. Den Accord-cadre gëtt der Entwécklungspolitik d'Méiglechkeet, fir eng strategesch Orientatioun ze huelen an hirer Ausrichtung. Déi strategesch Dimensioun kënnt doduerch zum Ausdrock, well mer do mat ONGe kënne méi enk zesummeschaffe wéi dat bis elo de Fall war, well mer précisément wëllen deen Effort, dee mer mat hinnen zesumme leeschten; si maachen d'Identifikatioun, d'Formulatioun an d'Exekutioun vum de Projeten an de Lëtzebuerger Stat

mécht dann iwwert de Fonds de la Coopération de Kofinanzement. Déi Programmer lafen tëschent zwee a fënnef Joer an doduerch kënnen déi ONGen, déi virdu mussen e puer Konditiounen erfëllt hunn, och vill méi professionell a vill méi effikass an hirer Démarche ginn. Si mussen zum Beispill de Bewäis bréngen, datt se amstand sinn deene professionelle Kritäre Rechnung ze droen, datt se amstand si Projeten op eng Manéier ze maachen, déi absolut au-dessus de tout soupçon sinn. Dofir musse se während enger Rei vu Joren den Agrément hunn, dofir musse se och e gewëssene Volume vun Operatiounen an deene Jore virdu gemaach hunn a si kënnen da selwer ee Joer eraussichen, fir ze kucke wéi d'Enveloppe festgesat gëtt.

An dann ass an enger gradualistescher Approche et méiglech gemaach ginn, datt dee beschte vun deenen dräi leschten Exercicer zréckbehale gëtt an dorop ka sech dann en Accroissement annuel vu 7,5% am Finanzement vun deene Programmer erginn, esou datt ee gesäit, datt d'ONGen doduerch eng Planungs-sécherheet kréien. Dem Accord a priori gëtt net déi Bedeitung geschenkt, déi d'Cour des Comptes gär gehat hätt. Mir sinn eis däers bewusst, mä mir sinn eis awer och bewusst, datt an esou enger Approche pluriannuelle een net alles ka virausgesinn. Doduerch gëtt awer en revanche e "mid-term-review" gemaach an déi ONGe loosse sech selwer "auditen" an à la fin du programme gëtt e Rapport final gemaach an och e Contrôle vum Ministère.

Mir hunn och beschloss, datt alleguer déi ONGen, déi ënnert dem Här Wohlfart an der Mme Err nach keen Audit kritt haten an déi elo an den Accord-cadre komm sinn, eng Kéier en Audit financier kréien, fir deem Souci vu méi Kontroll Rechnung ze droen.

D'Cour des Comptes weist op eng Serie vu Bedenken hin, déi si huet à propos vun eiser Praxis wat d'Frais administratifs ubelaangt. Do hu mer eng Législatioun, déi schonn an der viregter Legislaturperiod arrêtiert ginn ass, weidergefouert, déi och an deenen zwou Kommissiounen - dat wëll ech betounen - net Ulass ginn huet zu enger gréisserer Kritik, mä et gëtt just eng Divergence de vue festgestallt tëschent der Cour des Comptes an dem Ministère de la Coopération.

D'Cour des Comptes stellt fest, datt et zwou Manéiere gi fir d'Frais administratifs vun den ONGen ze finanzéieren.

Déi éischt ass déi, datt een e gewëssene Prozentsaz hëlt. Dat sinn an der Regel 10% vun de Projeten, déi kënnen "sous forme de frais administratifs" un d'ONGe rembourséiert ginn. Déi kënnen dat nëmmen an där Héicht, wann alleguer déi Fräe beluegt sinn duerch Facturen, duerch Relevéen, wat domadder bezuelt ginn ass, wéi zum Beispill Loyer, Personalkäschten, d'Informatik, déi muss agesat ginn, fir vun den Zentrale vun den ONGen aus déi administrativ Aarbecht kënnen ofzewéckelen.

Da ginn et eng Partie kleng ONGen, déi net déi professionell Démarche hunn, déi keng Permanenten ustellen, déi dat alles à titre bénévole maachen doheem an hirer Stuff. Déi bezuele kee Loyer, well soss misste se de Loyer jo u sech selwer bezuelen. Déi bezuele keng Personalkäschten, well soss misste se sech selwer bezuelen. Déi ginn also net an d'Keess vun hirer ONG, fir déi Aarbecht ze bezuelen, déi si leeschten, mä do ass einfach gesot ginn, datt een deene soll e Forfait ginn, an zwar 4% vum Gesamtwäert vun de Projeten.

D'Praxis ass déi, datt déi 4% an der Regel och nach an d'Keess vun den ONGen zréckfléissen, domat d'Moyens propres vun der ONG verbessern an doduerch och enger klenger ONG eng gewëssen Dynamik verleien, fir kënnen viru Projeten ze entwéckelen. Et ass also näischt dobäi wat ee stéiert. Dat eenzezt wat stéiert ass, dass et net dem Buschtaf no konform ass zum Gesetz iwwert d'Comptabilité de l'Etat, an zwar am Artikel 81. Do huet d'Commission du Contrôle budgétaire gesot, mir wëllen lech net forcéieren dat do elo direkt ze änneren. Et kann een awer och net näischt maachen als Reaktioun op den Avis an d'Suggestiounen vun der Cour des Comptes. Mä loosst mer emol analyséieren, ob et net aner Situatiounen gëtt an aneren Departementer, wou den Artikel 81 och zu ähnleche Schwieeregkeeten an der praktescher Uwendung Ulass gëtt.

Et ass op deem Punkt wou mer sinn. Mir hunn als Departement vun der Kooperatioun deen Audit do begréisst, well ech muss lech ganz éierlech soen, an deem Domän wou mer hei sinn, wou ee ganz séier mat engem Fouss an enger Pann steet, sinn ech net Demandeur fir manner Kontrollen, mä ech sinn éischter Demandeur fir méi Kontrollen. Ech hunn Intérêt drun an och meng Fonctionnairen a Conseillere an der Kooperatioun, an ech mengen d'ganz Regierung an och d'Chamber, datt mer kënnen an deem doten Domän Patte blanche weisen. Mir sinn ni géint eng Pann, géint en Accident, eventuell géint en Détournement gefeilt. Dat ass an all System, an ech mengen, wann eng Kéier eng Pann géing reveléiert ginn, da wier dat d'Confirmatioun, datt de System vum Contrôle géing fonctionnéieren.

Dofir, an deem ganzen Dispositif vu Kontrolle wëll ech awer betounen, datt mer am Ministère selwer ganz vill Kontrolle maachen. Et ginn Audite gemaach. Elo kann ee sech d'Fro stellen, ob se systematesch genuch sinn, ob se breet genuch sinn an hirer Ampleur, mä et ass eng Appréciatioun, déi ëmmer suggestiv ass an egal wou een de Curseur finalement placéiert, gëtt deen ëmmer nach Ulass zu Kritik. Ob se berechteg ass oder net, dat sief dohinner gestallt.

Mir wëllen effektiv, esou wäit wéi et nëmme geet, der Cour des Comptes an och der Chamber Rechnung droen. D'Cour des Comptes ass en Organ vun der Chamber. Mir haten eng gutt Diskussioun an där

Kommissioun. Ech konnt an där vun den Affaires étrangères selwer net dobäi sinn, mä et ass mer awer gesot ginn, do wier et ähnlech gutt verlaf an ech soen och alle Membere merci fir dat Verständnis, dat se opbréngen.

Generell kann een och nach festhalen als Konklusioun, datt mer d'Gesetz vun 1996 mussen den neie Gegebenheeten upassen, fir nach vill méi fit ze sinn, fir déi nei Défiën, déi éischtens op d'Kooperatioun am allgemengen op eis duerkommen an zweetens, fir och deem atypeschen Uwuesse vun der Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik en termes de dépenses budgétaires Rechnung ze droen. Och do musse mer eis permanent iwwerleeën, ob mer an eiser Démarche strukturell staark genuch organiséiert sinn, fir an allen Domänen deenen Défiën do gerecht ze ginn.

D'Mme Err huet zu Recht betount, datt wa mer geséichen, datt d'Capacité d'absorption, souwuel vum Ministère, wéi och vu Lux-Development oder vun aneren Acteuren, déi an der Entwécklungspolitik tätég sinn, ze kleng wier, da géing ech léiwer manner séier am Accroissement en termes de déboursement budgétaire uwuessen, wéi elo à tout prix aus deem enge Prozent eng Fin en soi ze maachen. Deen ee Prozent Déboursement ass keng Fin en soi, dat ass e Moyen, deen esou gutt an esou effikass wéi méiglech soll agesat ginn.

Dat zu der Cour des Comptes. Mäin Departement an ech selwer si bereet à tout moment virun déi zwou Kommissiounen ze kommen, fir d'Analys nach méi ze affinéiere vun deene Suggestiounen, déi do gemaach goufen a fir ze kucke wéi mer eis besser kënnen équipéieren. Jiddefalls wäert d'Chamber am Laf vum nächste Joer befaasst gi mat Ännerungen um Gesetz vun 1996. Ech hätt am léifste mir kënnent dat an engem Esprit de partenariat maachen an ech kéim eng Kéier an d'Kommissioun selwer mat engem Avant-projet de loi, fir ze kucke wéi ee kënnt, esouwuel mat der Commission du Contrôle budgétaire, wéi och mat der Commission des Affaires étrangères, deenen Défiën, déi ech elo ugesprach hunn, Rechnung droen. Dat wier vläicht déi beschten Approche an duerno géing ech dann an d'Regierung goe mat Propositionen.

Mir maachen den Inventaire vun aner Lacunen a Karenzen, déi et wahrscheinlech nach an der Gesetzgebung gëtt an da kucke mer, wéi mer do weiderkommen.

Wat deem Problem am nächsten erukënnt ass dee vu Lux-Development, iwwert deen och d'Mme Err geschwat huet. Iwwregens sinn ech bereet hir Motiounen alleguer unzuhuelen, mat ganz mineuren Adaptatiounen.

Ech hat nach keng Zäit fir déi zwou Motiounen vun deene Gréngen ze liesen, well ech hu se just an d'Hand gedréckt kritt, wéi ech elo eropkomm sinn. Ech kucken,

ob ech dat net kann herno während enger Otempaus maachen.

D'Mme Err freet, fir en Audit organisationnel ze maache vu Lux-Development. Wann d'Chamber dat gären hätt, da soll d'Chamber dat kréien, well mir wëllen dat och. Ech fannen, et ass elo beim Direktiounswiessel e gudde Moment fir en dueblen Audit ze maachen. Et gëtt all Joer eng Evaluation externe gemaach vu Lux-Development, wéi och en Audit administratif. Mir hu wëlles dat an d'Wee ze leeden an ech fannen et gutt, datt d'Chamber eis do stäipt. Dat ass kee Mësstrauen, dat do vis-à-vis vu Lux-Development zum Ausdrock kënnt, mä mir sollen all eis Instrumenter, wa mir eis selwer als Ministère, als Regierung, als Chamber wëllen eescht huelen, kritesch a Fro stellen. Dat muss och fir all Acteure gëllen, mat deene mir konventionnéiert sinn am Kader vun der Lëtzebuerger Entwécklungspolitik.

Da géing ech stéchwuertaarteg, Här President, agoen op déi verschidden opgeworfe Froen. Et ass Rieds gaangen an deem ganzen Débat iwwert de SIDA. De SIDA ass eppes wéi e Kriibsgeschwier dat Ressourcen, Energien, Moyenen an Entwécklungslänner rongéiert. Dee Fléau hält nach ëmmer zou, obschonn och parallel eng Partie Léisungsméiglechkeeten opgebaut ginn. Ech hat selwer d'Éier fir d'Lëtzebuerger Regierung ze vertrieeden op der UNO-Konferenz iwwert de SIDA. Do ass och e Fong kreéiert ginn, fir net nëmmen de SIDA ze bekämpfen, mä déi dräi grouss Krankheeten, déi an den Entwécklungslänner sech praktesch als Brems erweisen, fir d'Entwécklung. Dat ass d'Tuberkulos, d'Malaria an de SIDA.

Beim SIDA kënnt en neit Element dobäi. Bis elo ass sech haaptsächlech aktivéiert ginn am Beräich vun der Preventioun, mä et sollen och elo am therapeutische Beräich Gelder bereitgestallt ginn, fir de SIDA ze bekämpfen. Dat ass eng Méiglechkeet, fir mat de groussen etheschen an deontologesche Froen eens ze ginn, déi mir haten. Mir hunn zum Beispill bis elo ëmmer e Programm finanzéiert - ech mengen, deen ass ënnert der Mme Err ugaangen -, deen heescht "prévention de la transmission du SIDA mère enfant". Wann een d'Kand gerett kritt duerch d'Administratioun vun AZT, an d'Praxis weist, datt 30% vun de Kanner, déi vun HIV-infizéierte Mamme gebuer ginn, HIV-fräi op d'Welt kommen, ass dat zwar nëmmen e relative Succès, mä ëmmerhin ass et en Erfolleg, wann 30% vun de Kanner net duerch d'Gebuert infizéiert ginn. Da stellt sech nach ëmmer d'Fro: Wat mécht ee mat der Mamm? A wann ee mat deene Mëttel, déi haut an der Tri-Thérapie zur Uwendung kommen, deene kann entgéintkommen, dann huet een an engems eppes fir d'Kand gemaach an aus deontologesche Grënn ass et jo och net ze vertrieeden, datt wann een d'Mëttel huet, datt een dann nokuckt, bis datt d'Mamm praktesch an engem oder an zwee Joer dout ass.

Mat deene Mëttel, déi et haut bei eis gëtt, ass et méiglech en HIV-Infizéierten an e "long survivor" ze transforméieren. Et gëtt Leit, déi kënnen nach 20 Joer mat der Uwendung vun der Tri-Therapie liewen, à condition datt déi Medikamenter zu präzisen Dosen, zu präzisen Zäiten all Dag administréiert ginn. Dat ass méiglech am Centre Hospitalier, dat ass och nach vläicht méiglech an deem engen oder anere Spidol. Dat ass an Afrika, wou d'Gesondheetsversuergung nach an de Kannerschong ass - dat ass dat mannst wat ee kann dovun soen -, wa se iwwerhaupt existéiert, net méiglech. Dofir wëll ech soen, datt et net nëmmen duergeet, datt een de Fonds international de lutte conte le SIDA opstockt, mä et muss een och d'Infrastrukturen op der Plaz hunn, fir kënnen eng Therapie ze maachen.

Da stelle sech natierlech ganz vill Froen. U wéi e grouse Prozentsaz vu Patiente kënnt een? Am Ufank ganz weeneg.

Wie sicht d'Patienten eraus? Mir kënnen se jo net eraussichen, mir kënnen net dem Ruanda soen, wie si eis sollen als Patiente liwweren an déi Programmer, déi mer maachen.

Dee Programm, dee mer elo wëlles hunn ze maachen, ass eng Innovatioun. Deen huet den Här Kouchner eis suggéiert a mir waren och direkt bereet do matzemaachen. Dee Programm heescht: "Solidarité thérapeutique hospitalière". Dee Programm konkretiséiert sech an engem Jumelage tëscht Spideeler aus dem Norden an dem Süden. Den Norde stellt eng Equipe vun Dokteren zur Verfügung, déi Dokteren an e Spidol am Süde forméiere geet. Dozou gehéieren en Apdikter, e Pharmacies d'hôpital, en Internist oder e Spezialist vum SIDA. Dozou gehéiert natierlech och dat néidegt paramedezinescht Personal. A wann eng Kéier déi Formatioun au point ass, da kann een och dee Programm ulafe loossen an deem Land.

De Reproche, deen een natierlech gemaach kritt, ass, ob dat net ze deier kascht. Effektiv ass et deier, mä déi Medikamenter kommen elo ongeféier zu 10% vun hirem Wäert an deene Länner un, wat ëmmerhi schonn e Fortschrëtt ass.

Dann hu mer als Lëtzebuerger Regierung beschloss fir 40 Milliounen an den éischte Joren an de Fong ze verséieren. Wann de Fong net sollt operationell sinn, géife mer déi 40 Milliounen natierlech an eis eege Projeten investéieren.

Esou wäit zum SIDA. Et wier nach enorm vill dozou ze soen, mä ech wollt nëmme just soen, datt d'Situatioun vill méi komplex ass, wéi dat op den éischte Moment schéngt. Mä et ass grad wéi bei der Uwendung vum Penizillin. Am Ufank ass mat engem Patient ugefaange ginn an duerno koumen der zwee, dräi, honnert, dausend. Mir ginn dovun aus, datt mer op eemol an der Lag sinn, fir méi vun deene bis 50 Milliounen HIV-Infizéierten kennen ze hëllefen. Dozou gehéiert natierlech och nach den Dépistage, Laboratoires asw.

D'Situatioun ass also extrem komplex a mir mengen, datt mer am Ruanda kënnen mat zwee Spideeler, dem Centre Hospitalier an och der Clinique St-Louis vun Ettelbréck, e Jumelage maachen. Da sténge mer net schlecht do als Lëtzebuerger.

Frankräich rechent, datt et mat 50 Spideeler kann ufänken an datt déi Relatioun zwee zu 50 jiddefalls vill besser ass wéi d'"Kräfteverhältnis" tëscht Lëtzebuerg a Frankräich ausgesäit.

Wat den Développement durable ubelaangt, wëll ech soen, Här President, datt mer déi verschidde Konferenzen an déi verschidde grouss Rendez-vousen, déi och Bezuch hunn op d'Situatioun an den Entwécklungslänner, mussen an enger Serie vun internationalen Démarché gesinn. Dozou gehéiert selbstverständlech d'Konferenz vun Doha, déi soll en neie Cycle de négociation iwwert de Welthandel initiéieren. Dat ass jo och gelongen. Et hunn och eng Partie Bedenke vun den Entwécklungslänner Agank fonnt an deen Négociationskatalog, an ech mengen och kënnen ze soen, datt wat d'Mise à disposition vu Medikamenter ubelaangt, jiddefalls fir de SIDA ze bekämpfen, e gewaltege Schrëtt no vir gemaach ginn ass, wat och vu Médecins sans frontières als dat unerkannt gëtt.

Eng aner Konferenz ass déi vum nächste Joer zu Monterrey a Mexiko, iwwert de Finanzement vun der Entwécklungshëllef. Ech wëll och do soen, datt déi verschidde Rendez-vousen, déi mer a leschter Zäit haten a wou mer eis als Lëtzebuerger konnten zu Wuert mellen, dozou benotzt goufen, fir d'Kommissioun vu Bréssel ze invitéieren eng Démarche ze maache bei deene 15 Regierungen an der Europäescher Unioun, fir si ganz kloer ze froen wat hiren Objektiv ass à court et à moyen terme.

### ***(Coups de cloche de la Présidence)***

Et ass effektiv penibel, Här President, wann een esou vill Froen gestallt kritt an et gëtt esou weeneg nogelauschtert. Ech hunn d'Impressioun, wéi wann d'Attention inversément proportionell wier zu der Zuel vun de Froen, déi hei gestallt goufen.

Ech wollt nëmme just soen, datt déi Konferenz vu Monterrey kann e Succès ginn, wa jidderee säin Apport mécht.

Dee Cadre de référence, an deem mir eis Politik matdefinéieren, zesumme mat aneren, ass de Conseil des Ministres du Développement vun der Europäescher Unioun. Mir hunn och do de Commissaire Nielsen invitéiert, fir den Tour ze maache vun de Regierungen. D'Regierung solle sech op e präzisen Echancier engagéieren, soe wivill datt se zu wéi engem Joer ustriewen als Aides publiques au développement a wéi



se dat wëlle progressiv opbauen. Et ass eng Method, déi sech inspiréiert vun aneren Démarchen, déi sech zum Beispill am sozialen an och am monetäre Beräich an der Europäescher Unioun bezuelt gemaach hunn.

Mir fanne jiddefalls, dat do ass eng vun de Méiglechkeeten, net déi eenzeg, fir déi national Regierungen virun hir eege Verantwortung ze stellen. Déi meescht hunn hir Hausaufgaben net gemaach. Wann een emol ofgesäit vun Holland, Schweden, Dänemark a Lëtzebuerg, dann hunn déi aner 11 Regierungen nach villes ze maache fir un 0,7% erunzekommen. Ëmmerhin ass et begréissenswäert datt e Land wéi Irland, dat, Gott weess, virun e puer Joer nach enorm Schwieregekeeten hat, sech engagéiert huet elo schonn am Joer 2007 0,7% öffentlech Zouwendunge fir d'Entwécklungspolitik erauszeginn.

D'Belsch hunn op enger Toile de fonds vu budgetäre Schwieregekeeten an héijer Schold och ganz appréciable Efforte gemaach. Déi Grouss, Frankräich an Däitschland, lappen natierlech, a besonnesch Italien huet nach um Assainissement des finances publiques ze knaen, an déi wäerte sech nach méi Zäit loossen, fir zu esou engen appréciable Resultater ze kommen.

Wat de Choix vun de Pays cibles ubelaangt, Här President, do muss ech soen, dorun erkennt ee vläicht am beschten, datt mer et hei net mat enger exakter Wëssenschaft ze dinn hunn. Ech hätt och léiwer, mir kënnte méi eng perkutant, prezis Presentatioun maache vun der Situatioun vun de Pays cibles. Ech hätt och gär, wa mer eis kënnten esou organiséieren, datt alles sech géing recoupiéiere mat deem wat Lux-Development publizéiert.

Mme Wagener, ech wollt lech just soen, datt dat net méiglech ass, well wann déi Déboursementer, déi mir maachen, aus dem Fonds de la Coopération eraus sinn, da gi se bei Lux-Development sous forme d'appel de fonds an eréischt wa Lux-Development déi Suen erausginn huet, kënne se och kontabiliséiert ginn au titre de déboursement d'aide au développement.

Ech sinn awer der Meenung, dass dat, wat mer maachen, perfektibel ass an ech wollt och do eng Suggestioun vun der Mme Err aus der Commission des Affaires étrangères zrëckbehale vum 6. September - déi mécht iwwerhaupt an der Regel gutt Suggestiounen -, wou gefrot ginn ass, ob mer net kënnten déi Déboursementer do an eng Perspective pluriannuelle setzen, ob mer net och kënnten aner Déboursementer kontabiliséiere wéi nëmme just déi, déi au titre d'aide bilatérale aus dem Budget erausginn, well et muss een natierlech kontabiliséieren ënnert den Ausgaben, déi fir ee Land geduecht sinn:

1. D'Déboursements bilatéraux.

2. Dat wat am Multi-bi geschitt, wa mer zum Beispill mam FNUAP e Projet maachen am Mali, dann ass dat

och eng Hëllef fir de Mali. Si gëtt just iwwer en anere Kanal ausbezuelt.

3. Dozou gehéieren natierlech d'ONGen, déi vill oeuvréieren, besonnesch an deene fënneg Länner a Westafrika, wou de Gros vun de Gelder vun den ONGen ausgi gëtt. Déi ONGe ginn natierlech encouragéiert fir méi an eise Pays cible, wat erëm en Insentiv ass, ze débourséieren duerch d'Tatsaach, datt se 75% Kofinanzement kréie bei Projeten, déi an deene Länner gemaach ginn an nëmme 66% a Pays non cibles.

Wann een dat alles zesammenzielt, da gesäit schonn d'Presentatioun, déi de Ministère aus eegene Moyene ka maachen, anescht aus. Ech gesinn an, datt een dat muss kënne besser presentéieren. Et sinn iwwerhaupt nach eng Partie aner Suggestiounen, déi och bei eis am Haus selwer komm sinn, wéi een de Rapport annuel kann anescht gestalten. Ech mengen, et soll een en och op englesch iwwersetzen. Dann ass en enger Partie Länner zougängelech. E gëtt nëmme vun engem ganz klengen Deel gelies, well déi franséischsproocheg Communautéit ass weltwäit net amgang zouzehuelen, au contraire, a wann ee wëllt allgemeng gelies ginn, esouwuel vun der Agence onusienne, wéi och vun Zillänner, déi net franséischsproocheg sinn, da muss ee weinegstens och eng Publikatioun op englesch maachen. Dat ass eng vun de Suggestiounen, déi bei eis aus dem Haus kënnt, déi, gekoppelt mat deenen, déi déi aner maachen, absolut hir Berechtigung huet.

De Choix vun de Pays cibles ergëtt sech aus dem Rapport annuel vum Programme des Nations Unies pour le Développement. Dee publizéiert all Joer en Indice du bien-être humain. En hält gewëssen Indicateuren zrëck, wéi zum Beispill d'Education an net nëmme de renger materielle Wuelstand, deen een en termes du Produit national brut ka moossen, mä hei kënnt zum Beispill zur Education och nach d'Santé dobäi. E Kritär, deen ëmmer méi Agank fënnt an déi Bewäertungen do, ass den TMM-5 (taux de mortalité des moins de cinq ans).

D'Mme Err huet eng Partie Suggestiounen gemaach, wéi een nach kënnt op aner Weeër goen. De PNUD huet ëmmerhin den Avantage, datt en eng Bewäertung mécht vu sämtlechen Entwécklungslänner an och sämtlechen industrialiséierten Natiounen, andeem datt en deeselwechte Kritär virgesäit.

Esou gesäit dann zum Beispill e Land wéi Kuba relativ gutt aus, obschonn datt de materielle Wuelstand schlecht ass. Firwat gesäit e Land wéi Kuba gutt aus? Mä well e Land wéi Kuba en extrem gudde Gesondheets-system huet an och e ganz performanten Educations-system. Par contre, gehäit d'Pauvreté matérielle dat Land erëm an der Statistik zrëck, mä et huet haut nach eng ganz appréciable Plaz op deem ganze Rating.

Ech hunn nach keng nei Pays cibles erausgesicht, well ech der Meenung sinn, datt mer solle viru mat enger

Serie vu Pays cibles fueren. Et ass ee Land, wou mer amgaang sinn eis ze iwwerleeën, ob een deem Land soll à moyen terme de Statut de pays cible loossen.

Wa mer zum Beispill géifen déi hollännesch Logik applizéieren, da misste mer direkt aus dem Cap Vert erausgoen. Or, ech fannen, et wier geféierlech fir aus dem Cap Vert erauszegoen au motif, datt dat Land de Moment méi wéi 1.000 \$ PNB pro Kapp vun der Bevëlkerung huet. Wa mer do géifen erausgoen, da géife mer natierlech mat dozou bäidroen, mat alleguer deenen aneren, déi amgaang sinn aus der Kooperatioun mat deem Land erauszeklappen, datt dat Land erëm eng Kéier an eng méi schwierig Situatioun kënnt zréckfalen.

Mir hunn och e relativ effikasse Lobbying gemaach bei eise Partenaires innerhalb vun der Europäescher Unioun an och bei eisen Agences onusiennes a mir hunn deene gesot, et ass net de Moment fir de Cap Vert falen ze loossen, well mir hunn eis do als Argumentaire op eng Etüd referéiert, déi vun der CNUCD (Conférence des Nations Unies pour la Coopération au Développement) ausgeschafft ginn ass an déi intituléiert ass "Le profil de vulnérabilité du Cap Vert", wou drop higewise gëtt, datt de Cap Vert net à même ass fir sech selwer ze ernieren, eng vun de grouse Carences structurelles an datt och par ailleurs ganz vill Secteurs, wéi zum Beispill dee vun der Santé, nach an de Kannerschong stécht an datt dat Land, bei alle Fortschrétt, déi et gemaach huet, nach net iwwert de Bierg ass. Dofir wier et onklug, fir elo mam Cap Vert ofzeschléissen an deem Land de Statut vum Pays-cible ewechzehuelen, wou et grad amgaang ass Fortschrétt ze maachen, déi een och kann an eng gewëssen Durabilitéit aschreiwen. Et ass schonn déi zweete Kéier noeneen, datt dat Land et fäerdegrëngt eng Transition démocratique ze réusséieren. Et ass e Land, dat d'Mënscherechter respektéiert an et ass och e Land, dat a puncto Gouvernance enorm Fortschrétt gemaach huet. Et ass ganz wéineg Korruptioun do. Ech fannen, ënnert dem Stréch ass dat Land op enger positiver Lancée an et wier net gutt, wann een et elo géing fale loossen.

Wat ech nach wollt soen à propos vun de Pays cibles, esou ass d'Situatioun nun eemol esou, datt mer musse Choix maachen. D'Prioritéit gesinn esou aus, datt mer versichen de Gros vun den Entwicklungsmoyenen iwwer räsonnabel a gutt Projeten an eisen Zillänner ënnerdaach ze kréien. Wann dat net de Fall ass a wa mer zum Beispill eng Kéier eng passagère Déficience d'absorption, bedéngt duerch Ëmstänn, déi sech och erkläre loossen, bei eiser Entwicklungsagentur hätten, da géif ech net zécke fir déiselwecht Gelder iwwer e Projet multi-bi engem aneren Entwicklungsland zegutt kommen ze loossen, wann dat dee pertinenste Projet ass, deen een dee Moment ka fannen.

Esou gesinn, liewen ech da léiwer mam Reproche, datt d'Suen net bal alleguer an en Entwicklungsland ginn,

mat deem mir en Accord de pays cible hunn, wann de Gros vun de Gelder richteg ukënnt an dat duerch d'Identifikatioun an d'Formulatioun, déi ënner anerem d'Organisation Mondiale de la Santé oder de FNUAP gemaach huet.

Da wollt ech e Wuert soen iwwert d'Situatioun am Afghanistan. Bedéngt duerch déi dramatesch humanitär Kris, déi do ass, hu mer och probéiert, fir mat deene bescheidene Mëttel, iwwert déi mir verfügen, eisen Deel vun der Äntwert ze liwweren.

Ech wëll nach eng Kéier rappeléieren, datt mer an eiser ganzer Ausgabestruktur am Prinzip net méi wéi 10% vun deenen eis zur Verfügung stehende Gelder ausgi fir Aides d'urgence humanitaires. Well dat ass e gudde Ratio: 90% fir den Développement proprement dit, well vun deene Suen, déi een an den Développement proprement dit investéiert, escomptéiere mer jo och en Effet à long terme. Well et muss ee wëssen, an dat gehéiert och zu der Bewäertung vun de Projeten, datt e Projet nëmmen eppes wäert ass wann e fënnf Joer nom Départ vun den Agents de la Coopération oder vun de Leit vu Lux-Development, déi de Projet ofgewéckelt hunn, nach deem Zil entsprécht fir dat e geduecht war.

Esou gesinn hu mer versicht och do eis in etwa un dee Schema ze halen. Mir hunn am Afghanistan esouwuel den HCR ënnerstëtzt wéi och de Plan alimentaire mondial, wéi och de Comité International de la Croix-Rouge. Déi Organisatiounen hunn zesumme ronn 80 Milliounen kritt, 30 Milliounen virum 11. September, 50 Milliounen additionnellement nom 11. September an dat als Hëllef fir d'Flüchtlingen, esouwuel am Pakistan wéi och am Iran a mir hunn e Projet vu 4,5 Milliounen Dollar an d'Wee geleet, deen de Fonds des Nations Unies pour les Populations (FNUAP) identifizéiert huet an dee soll ausschliesslech de Femmes enceintes an de Fraen, déi accouchéiert hunn, déi entweder déplacéiert Persounen sinn oder an enger Situation de détresse am Afghanistan liewen, respektiv op der Périphérie. Et ass e Projet, deen de FNUAP selwer zesummen ofwéckelt mat der Organisation Mondiale de la Santé, mat dem Haut Commissariat des Réfugiés an en erstreckt sech iwwert déi ganz Regioun, den Turkmenistan, den Tadschikistan, de Pakistan, den Iran an och den Afghanistan.

Mir mengen, datt elo eng reell Perspektiv besteet, fir kënnen eenzel Aktiounen am Afghanistan selwer ofzewéckelen, wëssend datt do e puer Honnerttausend Leit elo schonn als intern déplacéiert Persounen gëllen. Wat d'Flüchtlingen ubelaangt, sinn iwwer zwou Milliounen scho virum 11. September am Pakistan, respektiv am Iran gewiescht an déi sollen esou wäit wéi et geet mat deem dote Projet betreit ginn. Mir sinn net déi eenzeg, déi dee Projet finanzéieren. D'Amerikaner sinn och mat dran. Mir ginn allerdéngs emol fir eng Kéier de Gros vum Finanzement vun deem Projet, wat eis och net schlecht zu Gesiicht steet.

Wat elo déi allgemeng Iwwerleeungen iwwert d'Globalisatioun ubelaangt, esou kann ech mech deenen nëmmen uschléissen. D'Globalisatioun ass a sech e Phenomeen, deen zu verschiddene Kriticken Ulass gëtt an ech hunn och a menger Interventioun de leschten Donneschdeg hei gesot, d'Globalisatioun weist eis, datt de Gros vun de Länner net automatesch profitéieren dovun. Mir sinn an engem Land, dat vun der Globalisatioun massiv profitéiert huet. Jiddefalls kann een net beweisen, et hätt eis geschuet, mä dat wat ee muss kritiséieren um Phenomeen vun der Globalisatioun ass hiren exklusive Charakter. Et gëtt eng Partie Länner, déi op der Streck bleiwen an déi keen Accès zum Wëssen hunn, déi keen Accès zum Web hunn, déi keen Accès zu de Marchéen hunn, déi ganz grouss Ecarts de productivité hunn. Déi Länner mussen natierlech an d'Lag gesat ginn, fir emol iwwerhaupt kënnen dovunner ze profitéieren.

D'Entwécklungsinstrumenter, déi mer asetzen, kënnen een Deel vun der Äntwert sinn op deen doten Défi. Déi meeschten Diskussiounen, déi mir hunn am Kader vum Dialogue politique mat eisen Entwécklungslänner, beléieren eis, datt keen eenzege vun eise Partenaires der Meenung ass, datt d'Globalisatioun eppes Schlechtes ass, mä si soen alleguer, si ass net komplett. Mir mussen hir méi e komplette Profil ginn, fir datt si och kënnen dovun profitéieren. Dofir ass d'Konventioun vu Cotonou och erëm eng Kéier net déi Äntwert, mä en Deel vun der méiglecher Äntwert, déi ee ka fannen. Cotonou ass d'Fortschreidung vum Lomé-Prozess, vun der Lomé-Démarche, wou d'Relatiounen tëschent 74 ACP-Länner zesumme mat der Europäescher Unioun solle reguléiert ginn. Do gëtt et d'Méiglechkeet vun den Accords de partenariat régionaux.

A Westafrika zum Beispill ënnerstëtze mer d'Bauereverbänn an d'Landwirtschaften an de Länner vun der Union économique et monétaire ouest-africaine, fir sech emol d'éischt ënner sech eng Partie Echangingen ze erméiglechen. Wa se dann, gefestegt duerch déi Konkurrenz, déi se op der Dier selwer hunn, et gepackt hunn, kënnen se da vläicht lues awer progressiv vum Joer 2008 un déi éischt Schrëtt an en offenen Handel, dee méi wäit geet, deen am Fong déi gréisser Regiounen ëmfaasst, riskéieren. Et ass déi Wett op d'Zukunft, déi mer elo amgaang si mat deene Länner zesummen ze maachen. Mir menge jiddefalls, datt eenzel Elementer eis erlaben ze hoffen, datt Resultater an enger mëttelfristeger Perspektiv méiglech sinn.

E Land wéi de Mali huet eng gewësse Stabilitéit erëmfonnt, ass och amgaang Fortschrëtt ze maachen. Et ass och flott mat deem Land ze schaffen.

Ähnlech kann ee soe vum Niger. Dem Niger hu mer misse virun dräi Joer de Statut vum Pays cible ewechhuele wéinst dem Coup d'Etat. D'Land huet awer an der Tëschenzäit erëm eng Kéier zu méi normale

Verhältnissen zrëckfonnt an dofir hu mer och zesumme mat eisen anere Partenaires an der Europäescher Unioun dem Land de Statut vum Pays cible zrëckginn. Dat erkläert och, firwat datt mer zum Beispill an deem Land momentan net esou vill ausgi wéi dat normalerweis fir e Pays cible méiglech ass, well während der Suspensioun hält ee keng nei Accorden un a wann ee während enger Rei vu Joren nëmme just nach déi bestehend Projeten exekutéiert an et komme keng nei dobäi, da brauch een och erëm eng Ulafzäit vun zwee, dräi Joer, bis ee mat deem Land op de Régime de croisière kënnt.

D'Politik vum Développement ka villes, kann awer net alles, Mme Wagener. Wann ech soen, datt mer a puncto Désendettement eng onzefriddestellend Bilanz hunn, da moossen ech mer awer net zou, datt mir eleng à même sinn déi Bilanz ze verbesseren.

Ech wëll hei emol nach eng Kéier ganz däitlech un dat erënnere wat ech och d'lescht Joer gesot hunn. Mir als Lëtzebuerger kënnen keng Scholden tilge vun Zillänner oder vun Entwécklungslänner, well mir hu kengem Sue geléint. Eis Politik ass eenzeg an eleng op Doné baséiert. Mir léine kengem Geld.

Dat wat anerer oft als Effort de développement kontabiliséieren, si Suen, déi se ënner Form vu Kreditter gewährt hunn. Mir maachen dat net, well mir mengen, et soll een net och nach d'Länner, deene mer hëllefen, mat Zënse belaschten.

Dofir läit déi alleréischte Responsabilitéit bei deenen, déi d'Geld op eng relativ liichtfankeg Manéier geléint hunn. Oft ass mat deem Geld keng Entwécklung gemaach ginn, mä dat eenzege wat et mat Entwécklung ze dinn hat war, datt et an en Entwécklungsland gefloss ass. Déi absurd Situatioun vum Kongo, wou dem Mobuto säi Privatverméigen ee Moment méi grouss war wéi d'Auslandsschuld vun deemselwechte Land, weist eis, datt a puncto richteg a besser léine mer nach ganz vill Fortschrëtt kënnen maachen.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).** - Här Goerens, Dir hutt awer d'lescht Joer eng Motioun ugeholl, déi vun der Majoritéit abruucht ginn ass. Meng Fro war jo, a wéi wäit datt déi Saachen entaméiert gi sinn.

**M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.** - Dat ass am Kader vun der PPTE. Well eng Partie Gelder vum Fonds Européen de Développement net konnten op en anere Wee affektéiert ginn, ware mir mat déi éischt, déi gesot hunn, da loosst mer deene Reschtbestänn méi eng vernünfteg Affektatioun ginn. Mir sinn och der Meenung, datt wann déi Situatioun am Fonds Européen de Développement sech perpétuéiert, da soll een déi iwwregbleiwend Gelder fir esou en Zweck viru verwenden.

Ech muss lech och soen, datt et eng Partie Technique gëtt, fir domat eens ze ginn. Mir hunn den Know-how hei am

Land net. Déi rasonnabelst Manéier engem Land seng Schold nozeloossen ass déi fir mat Fonds de contrepartie ze schaffen. Dat heescht, d'Land kritt d'Schold zwar geschenkt an der Devis an där d'Geld geléint gouf, mä et kann awer en monnaie locale rembourséiert ginn.

Loosst mer emol soen, am Burkina Faso géif eng Schold nogelooss ginn an dat wieren 100 Milliounen onses Geld, da kënnen déi 100 Milliounen zrëckbezuelt ginn an der Monnaie locale. Dat wier de Franc CFA an déi Sue géifen dann an dee Fong verséiert ginn an dee Fong géif erëm fir sozial Zwecker an deemselwechte Land affektéiert ginn.

Ech muss lech soen, datt dat eng Technik ass, wou mer à ce stade gutt berode sinn, wa mer eis net dru ginn, well mir sinn, wat d'Ressources humaines ubelaangt, net iwwerbesat. Ech wëll net soen, datt d'Situatioun dramatesch ass, mä déi Leit, déi mer am Ministère hunn, sinn alleguer ausgelaascht an trotz der Aarbechts-andeelung, Identifikatioun am Ministère, Formulatioun an Exekutioun vun de Projekte bei Lux-Development, hu mir nach ganz vill aner Chargen, ënner anerem och d'international Politik ze suivéieren.

Mir hunn, fir eis méi Kohärenz ze ginn an eiser Démarche, Relatiounen mat den Agences onusiennes. Mir mussen am Comité de Développement zu Bréissel quasi permanent present sinn. Eis Desk-officer ginn an déi eenzel Zillänner, de Gros vun hinnen ass méintelaang, mat Ënnerbriechunge selbstverständlech, ënnerwee. Si kommen dann erëm zrëck an de Ministère fir Rapport ze maachen, fir Projeten auszeschaffen, fir d'Termes de référence auszeschaffen.

Et ass schwéier, fir nach Plagen ze fanne beim bestehende Personal, fir nei Aufgaben ze acceptéieren an nawell hu mer versicht a puncto Evaluatioun nei Schrëtt ze goen. Mir hunn och ee vun eise Beamte mat där Missioun do chargéiert.

Ech wëll och soen, datt et e risen Ënnerscheed gëtt tëschent Evaluatioun an dem Audit. Den Audit ass eng Bewäertung vun enger Politik, fir ze kucken ob se kompatibel ass mat der Comptabilité de l'Etat zum Beispill, soufern et sech ëm Suen handelt, déi iwwert de Statsbudget ausbezuelt ginn, während d'Evaluatioun eng Bewäertung ass vun der Effikassitéit vun der Politik an d'Bewäertung vun der Effikassitéit vun der Politik muss och nach op aner Froen Äntwerte ginn, déi vu menge Virriedner ugesprach goufen.

Eng vun de Froen ass zum Beispill déi: Ass de Projet pertinent? Mir versichen natierlech déi pertinenz Projeten erauszesechen.

Am Kader vun der Lutte géint d'Aarmutt: Ass de Projet mat effikasse Méttel realiséiert ginn?

Eng aner Fro ass: Wier et keng Alternativ ginn zu deem Projet?

Déi lescht Fro ass menger Meenung no déi wichtegst: Wéi soutenabel ass e Projet? Wat ass de Projet nach Wäert, wann d'Entwécklungshëllefer a fënneg Joer fort sinn? Ass eng Klinik, déi gebaut ginn ass, no fënneg Joer nach betribsfäeg?

Dat sinn zum Beispill déi kritesch Froen, déi ee sech muss stellen an dofir ass eng Evaluatioun net eng immediat Äntwert op e Projet, deen e Ministère am Joer 2001 gemaach huet, mä fir d'Evaluatioun vun enger Klinik, zum Beispill wéi déi am Laos, ze maachen, muss een am Joer 2010 kucke goen, ob do nach Patiente sinn, ob nach Dokteren do sinn, ob de Projet amstand ass sech selwer ze droen, ob déi Sécurité sociale, déi d'Land selwer an Aussicht gestallt hat, och à même ass fir de Patienten d'Moyenen ze ginn, fir sech déi Soinen ze bezuelen.

Iwwert d'Ressources humaines hunn ech geschwat. Mir hunn der effektiv net genuch a mir wëllen dat och ausbauen.

Wat d'Carrière vum Agent de la Coopération ubelaangt, wëll ech betounen, datt e Projet de règlement grand-ducal scho méintelaang beim Statsrot läit. Dee Projet de règlement grand-ducal gesäit vir, datt een d'Carrière vum Agent de la Coopération soll assimiléieren un déi vum Employé de l'Etat. Dat ass vläicht nach net dat wat eis Agents de la Coopération gär hätten, mä et ass ëmmerhi schonn ee Schrëtt a Richtung Verbesserung.

### **(Interruption)**

Da musse mer d'Gesetz vun 1996 änneren, Mme Err. Mir änneren et souwisou, mä mir sollen eis och emol eng Kéier konsultéieren, fir ze kucke wéi wäit datt mer ginn. Déi Agents de la Coopération, déi beim Stat sinn, ginn no enger Partie Kritäre rekrutéiert, déi natierlech anerer si wéi dat de Fall ass bei de Coopéranten.

Ech beichten lech meng Modestie an deem Beräich. Ech sinn à ce stade iwwerfrot, ob mer kënnen op dee Wee goen, deen d'Mme Err proposéiert huet. Et ass eng Suggestioun, déi ech mer duerch de Kapp goe loossen, mä wann Der awer elo direkt vu mir verlaangt, datt mer de Statut vum Coopérant mat deem vum Agent de la Coopération solle gläichstellen, och a puncto Rémunératioun, kann ech beim beschte Wëllen net à ce stade äntworten. Mir sollen dat eng Kéier à tête reposée, mat allen Avantagen an Désavantages, an enger Kommissiounssëtzung diskutéieren.

Et deet mer leed, Här President, wann et laang dauert, mä et si vill Froen gestallt ginn.

Wat de Corps civil ubelaangt, hunn ech eng Interpellatioun vum Här Fayot acceptéiert, wou mer gesot hunn, datt mer d'Gestaltungsfräiheet vun den ONGen wëllen total respektéieren. Et sinn ONGen, déi eis gesot hunn, datt se eventuell interesséiert wiere fir am Corps civil matzeschaffen. Anerer hu gesot, si wieren e bëssen interesséiert an anerer, wéi MSF zum Beispill, hu gesot, si wiere guer net interesséiert fir mat eis ze



schaffen, well déi selwer hire Réseau hunn, well déi selwer an enger internationaler Vernetzung hir Projeten identifizéieren an och realiséieren. Déi brauchen de Corps civil net, fir sech kënnen ze aktivéieren. De Corps civil soll a mengen Aen eng Äntwert ginn op dat wat d'Europäesch Unioun vun eis verlaangt am Kader vun der Gestion civile des crises. Ech hunn och dofir den Här Wolter gefrot, e soll mir soe wat d'Limiten an d'Possibilitëite si vun der Protection civile, fir iwwert d'Grenzen eraus Aktiounen am Beräich vun der Gestion civile des crises ofzewéckelen.

Ech ginn dovun aus, datt ech a relativ kuerzer Zäit déi Äntwert kréien. An déi vun den ONGen, déi eng ähnlech Fro gestallt kritt hunn an déi bereet sinn eis op hir Limiten a Possibilitëiten hinzeweisen, wäerten och am Kader vun enger Diskussioun, déi mer ofschléissend mat hinne wäerte féieren, Agank fannen an dee Corps civil.

Et ass e Corps, zu deem mir kee wëlle forcéieren, mä mir sinn awer als Land gutt beroden, wa mer net als dat eenzegt do sténgen an der Europäescher Unioun, dat keng Äntwert géif ginn op d'Gestion civile des crises à l'échelle européenne, déi sech nëmme just kann am Zesummespill mat deene 15 Memberstate vun der Europäescher Unioun ofwéckelen.

**M. le Président.-** Här Minister, Dir hutt Är Riedezäit schonn 12 Minutten iwwerschrott!

**M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.-** Ech kann ophalen, Här President.

**M. le Président.-** D'Deputéierte sinn amgaang sech ëm hiert Reglement iwwert d'Zäitanhalen, dat se sech selwer ginn hunn, vill ze beméien an ech mengen, fir d'Minister zielt datselwecht wéi fir d'Deputéierten.

**M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.-** Här President, ech entschëllege mech, datt ech esou laang war. Ech géif da menge Virriedner nach eng Kéier merci soen, fir déi kritesch konsultativ Approche.

Déi fënnef Motioune vun der Mme Err kann ech acceptéiere mat mineuren Ofstréch.

Däerf ech da kuerz Stellung huelen zu deene Motiounen, Här President?

**M. le Président.-** Jo, maacht dat nach!

**M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.-** Bei där éischter Motioun géif ech just eng redaktionell Ännerung virschloen a schreiwen "vu le rôle actif que le Ministère des Affaires étrangères et de la Coopération", an dann am Dispositiv "invite le Gouvernement à renforcer de manière adéquate les ressources humaines du Ministère des Affaires étrangères et de la Coopération..."

**(Interruption)**

Et heescht jo awer "Ministères des Affaires étrangères et de la Coopération". Mir hunn net e Ministère de la Coopération. Mir hunn en Département vun der Coopération am Ministère des Affaires étrangères, de la Coopération et de la Défense. Dat ass d'offiziell Dénomination vum Ministère. Dir kënnt et vu mir aus och ewechloossen, mä ech wollt nëmme just soen, datt et méi korrekt wier, wann ee géif den offizielle Libellé huele vum Ministère.

Bei där zweeter Motioun wëll ech soen, datt deen Audit envisagéiert ass.

**(Interruption)**

Et ass jo dat wat mer amgaang sinn ze maachen. D'Chamber ënnerstëtzt eis do. Mir sinn amgaang de Statut vum Agent de la Coopération ze änneren duerch dee Règlement grand-ducal. Mir sinn awer och bereet nach aner Méiglechkeeten an d'A ze faassen, well dee Projet de règlement grand-ducal, dee schonn eng Verbesserung ass, geet vläicht nach net wäit genuch. Mir jiddefalls geet en net wäit genuch. Ech sinn Demandeur fir do nach d'ganz Struktur vum Ministère an d'Diskussioun ze bréngen an ze kucken inwiefern ee kënnt mat engem Stack vu Leit, déi haaptsächlech op den Développement spezialiséiert sinn, deen Département vun der Coopération méi strukturell ënnermaueren.

**(Interruption)**

Zu der Motioun 3 wëll ech soen, datt dee Bureau d'assistance technique fir sämtlech ONGen do ass. Ech ginn aus Zäitgrënn net op d'Opportunitéit an. En ass net ge-out-sourced ginn, well en hätt virdru missten am Ministère sinn, mä et ass geduecht als eng Interface vun ONGen a Ministère, fir den ONGen ze erlaben op méi eng einfach Manéier kënnen hir Projeten ze maachen, besonnesch deenen ONGen, déi net dee professionellen Touch hu wéi déi ganz grouss, déi op Permanente kënnen zrëckgräifen, fir hir Projeten ze formuléieren.

Zu der Motioun 4 wëll ech nëmme just soen, datt am Dispositiv d'Tireten 1, 2, 3, 4 a 5 am Fong op dat erauskomme wat an deem sougenannte PIC-Programm steet, dee mer mam Cap Vert amgaang sinn ze maachen. An deem Zesummenhank wëll ech soen, datt een net mat all Land déiselwecht Strategie ka fueren, well all Land nach ëmmer Meeschter ass iwwer seng eege Strategie. Eenzelner sinn aamgaang se ze maachen, anerer hu se ofgeschlossen. An dann ass een am Partenariat e bësse condemnéiert, fir eng Approche projet par projet ze praktizéieren, während eise Wonsch deen ass, datt ee mat all Partnerland kann op eng Approche-programme zrëckgräifen. Esou wäit si mer nach net, mä den Dispositiv ass jo esou formuléiert, datt dat net a Widdersproch steet zu deem wat mer souwisou wëllen, esou dass ech déi Motioun kann unhuelen.

Wat d'Motioun 5 ubelaangt, do frot Der "à accompagner l'aide d'urgence par une véritable politique de réhabilitation à moyen terme en tenant compte plus particulièrement de la situation spécifique des femmes dans le contexte donné". Mir maachen enorm vill. D'Gender issues hunn eng Éiereplaz an eiser ganzer Démarche. Ech sinn der Meenung, datt de Rôle vun der Fra esou incontournable an esou kruzial ass, datt een an där doter Hinsicht ni genuch ka maachen.

Ech wëll och dofir dem Auteur vun där Motioun merci soen, datt se awer och nach guer kee Relâchement an hirem Effort erkenne gelooss huet.

Da kënnt d'Motioun 6 vun der Mme Wagener. Dir invitéiert d'Regierung esou séier wéi méiglech eng Campagne de sensibilisation ze starten. Mir maache Sensibilisatioun a mir hunn deene Motiounen, déi d'Chamber gestëmmt huet virun e puer Joer - ech mengen, et war nach ënnert der viregter Regierung - Rechnung gedroen. Wa meng Erënnerunge richteg sinn, dann hu mer am Budget vun der Coopération zwee Artikelen, ee fir Sensibilisatioun ze maache vum Département vun der Coopération aus an deen anere fir d'ONGen. Deen ee bedréit 30 Milliounen an deen aneren 20 Milliounen. Ech froe mech wierklech, ob et opportun ass, fir nach doriwwer erauszegoen.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Här President, dierf ech do awer vläicht e Wuert vun Erklärung liwweren.

Wann Der lech deen éischte Considérant ukuckt, da geet et net drëm einfach eng Campagne de sensibilisation ze maachen, mä "une sensibilisation continue pour faire comprendre à l'opinion publique la complexité de l'effort sans précédent dans le domaine de la coopération". Et geet ëm déi Fro, déi ech och virdu versicht hunn ze erklären, dass d'Leit net agesinn, dass een zu Lëtzebuerg Sensibiliséierungsaarbecht mécht, fir dat eriwwer ze bréngen.

**M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.**- Mme Wagener, et ass elo net ironesch gemengt, mä och ouni Är Motioun besteet e Raum, fir deem dote Charakter Rechnung ze droen, mat dem Kredit vu 50 Milliounen.

Mir hunn déiselwecht ageschriwwen fir d'nächst Joer. Do kann een deem doten Imperativ gerecht ginn.

Mir hunn zum Beispill en Accord-cadre mat der ASTM. D'ASTM mécht esouwuel Entwécklungsprojete wéi och Sensibilisatioun an deem dote Kader. Déi mécht eng Aarbecht, déi extrem positiv ze bewäerten ass. Dir sidd jo selwer eenzel Acteure vun där Politik. Den Débat hei ass e Moyen, fir de Leit dobaussen d'Politik nozebréngen.

Mme Wagener, ech géif lech virschloen, mir sollen den Dispositif esou ëmänneren, datt en heescht: "invite le Gouvernement à étudier l'opportunité de la mise en oeuvre d'une telle campagne de sensibilisation".

Dir laacht! Ech weess net ob dat Laachen als Zoustëmmung oder als Ofleenen vu menger Proposition ze interpretéieren ass.

Da kommen ech zur Motioun 7. Wann déi an där Versioun bestoe bleift, muss ech se ofleenen. An der Praxis hu mer all Joer esou vill Débats mat den ONGen, wéi si der wëllen, wou se d'Méiglechkeet hunn an deene villen individuelle Gespréicher, mä och an hirer Assemblée générale zum Beispill dat ze soe wat si um Häerz hunn a mir sinn op fir all Suggestioun. Mir kënnen och op d'Suggestiounen vun den ONGen agoen, ouni datt mer deen Observatoire do hunn.

Iwwregens gëtt et de Cercle des ONG, dee jo awer ganz utilement d'Positiounen vu sengen ugeschlossenen ONGen duerleet.

Ech géing d'Motioun 7 ofleenen an d'Motioun 6 mat deem Amendement, deen ech proposéiert hunn, acceptéieren, grad wéi déi fënnf anerer vun de Sozialisten. Mat deene kann ech d'accord sinn, och compte tenu vun deene ganz mineuren Amendementer, déi ech do proposéiert hunn.

**M. le Président.**- Den Här Garcia freet d'Wuert.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Den Här Goerens huet virdu d'Fro gestallt, firwat ech gelaacht hunn. Dat war net e Laache vun Zoustëmmung, mä en historiescht Laachen.

1995 stong an deem Dokument, dat d'Mme Wagener och schonn zitéiert huet: "De concert avec les ONG le Ministère devra mettre en oeuvre une large campagne de sensibilisation continue pour faire comprendre à l'opinion publique la complexité de l'effort sans précédent dans le domaine de la coopération."

Dat war nämlech d'Suerg, déi vu verschiddene Bänke geäussert war ginn, an och vum Ministère de la Coopération, dass verschidde Leit sech Froe gestallt hunn, ob et och néideg wär, dass Lëtzebuerg géif esou e groussen Effort an der Coopération maachen an et dofir och néideg an nützlich wär esou eng Campagne ze maachen.

Ech hat dunn am Joer 1995 eng éischt Motioun gemaach, déi am Wortlaut identesch ass mat där heiter an déi ass unanime hei ugeholl ginn.

Dunn hunn ech 1997 déiselwecht Motioun nach eng Kéier déposéiert an du war scho vergiess ginn, dass se virdu ugeholl war ginn an dunn ass se hei nach eng Kéier begeeschtert unanimement ugeholl ginn.

1999 hunn ech fir d'drëtte Kéier déiselwecht Motioun abruucht an dunn ass déi Motioun mat däerselwechter Begeeschterung ugeholl ginn an deemools sin ech op d'Tribün komm an hu gesot, elo hutt Der déi Motioun fir d'drëtte Kéier ugeholl an ech hoffen, dass dann elo eppes passéiert.

Elo ass déi Motioun fir d'veierte Keier presentéiert ginn an elo gëtt aus dem "à mettre en oeuvre la possibilité", "à étudier la possibilité de mettre en oeuvre" gemaach. Dofir erlaabt mer wann ech gelift doriwwer ze laachen.

Erlaabt mer och doriwwer ze laachen, dass déi Motioun 7 och scho virun zwee Joer, nämlech den 10. Februar, hei ofgeleent ginn ass an zwar mat de Stëmme vun den deemolege Regierungsparteien CSV an LSAP, mä fir déi Motioun hu gestëmmt ënner anerem eis Fraktioun an och d'Fraktioun vun der DP.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Här Mehlen, frot Dir och "parole après ministre"?

**M. Robert Mehlen (ADR).**- Här President, nëmme ganz kuerz. Maacht lech keng Suergen.

Am zweete Considérant vun der Motioun 2 vun der Mme Err steet: "considérant que le changement au niveau de la direction au début de 2002".

**Mme Lydie Err (LSAP).**- De "que" ass zevill!

**M. Robert Mehlen (ADR).**- Dir considéiert also just de Changement.

**M. Président.-** Den Här Minister wëllt nach eppes soen.

**M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.**- Här President, mir kënnen natierlech iwwert déi do Saach laachen an ech muss och soen, et kann een dem Här Garcia net e gewëssent Talent ofsprieche, fir d'Saachen esou ze formuléieren, datt e gewëssenen Amusement sech hei breet mécht.

Mir sinn der Meenung an der Regierung, datt ee soll déi Sensibilisatioun net nëmme vun der Regierung aus maachen. Dofir hu mer jo och den ONGen de Gros vum Kredit ginn. Et ass net vun ongeféier, datt d'ONGen 30 Milliounen kréie fir Sensibilisatioun ze maachen an d'Regierung sech der nëmme 20 hält a vun deenen 20 mécht se och nach en Deel vu Sensibilisatioun am Zesummespill mat den ONGen.

Et ass och net um Ministère, fir ëmmer nëmme, well e Juge et Partie à la fois ass, seng Politik selwer ze erklären. Ech sinn der Meenung, datt ee muss eppes soen iwwert deen Accroissement, mä deen Objet, deen an den Dispositif vun der Motioun erakomm ass, ass zu engem ganz groussen Deel erfëllt, Här Garcia. All déi Campagnen, déi mer gestart hunn, zum Beispill d'Semaine cap-verdienne, d'Semaine nigérienne, d'Campagne fir de Chocolat pur, dat sinn alles Aktiounen, déi sech an deem dote Kader erëmfannen.

Den Objet vun deem wat Dir frot ass zu engem ganz groussen Deel realiséiert. Ech muss och soen, datt d'Press sech ganz vill bedeelegt un deem Explikatiounseffort, dee gemaach gëtt an deem doten Zesummenhank.

Wann Dir natierlech gär eng breet Campagne de sensibilisatioun hätt, dann hätt ech och gär, datt Dir géift prezisiere wéi déi Campagne de sensibilisation soll ausgesinn.

**M. le Président.-** Domat wier d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zum Vote vun der Motiounen.

Ech wollt d'Chamber froen, ob se d'accord ass mat deenen dräi kleng Korrekturen.

**(Assentiment)**

**Motion 1 modifiée**

*La Chambre des Députés*

- *vu le rôle actif que le Ministère des Affaires étrangères et de la Coopération joue dans la promotion de la politique de coopération comme élément important de la politique luxembourgeoise;*

- *consciente de la nécessité d'une politique de coopération luxembourgeoise avec tous les partenaires des pays en voie de développement;*

- *inquiète du manque de ressources humaines qui touche le bon fonctionnement de la politique de coopération et l'agencement de cette politique avec les actions des ONG et d'autres acteurs de la coopération;*

- *constatant le nombre inquiétant de départs inopinés notamment parmi les agents de la coopération qui affecte une continuité souhaitable du personnel de la coopération au développement;*

*invite le Gouvernement*

- *à continuer à renforcer de manière adéquate les ressources humaines du Ministère des Affaires étrangères et de la Coopération parallèlement avec l'augmentation constante de l'aide publique au développement;*

- *à améliorer le statut de l'agent de coopération, par la création d'une base légale menant à un statut unique, cohérent et clair.*

(s.) *Lydie Err, Mady Delvaux-Stehres, Ben Fayot, Jos Scheuer, Georges Wohlfart.*

**Vote**

Dee fir d'Motioun 1 ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

D'Motioun 1 ass eestëmmeg ugeholl.

**Motion 2 modifiée**

*La Chambre des Députés*

- *soucieuse d'une efficacité optimale des activités de la société anonyme "Lux-Development", exécutant quasi-exclusif de la coopération bilatérale luxembourgeoise,*

*d'un bon agencement dans la philosophie générale de la politique de coopération, d'une transparence dans les actions sur le terrain et d'une mise en oeuvre sans failles ni retards des projets de coopération;*

- *considérant le changement au niveau de la direction au début de 2002;*

*invite le Gouvernement*

- *à élaborer un audit fonctionnel et organisationnel de cette société.*

(s.) *Lydie Err, Mady Delvaux-Stehres, Ben Fayot, Jos Scheuer, Georges Wohlfart.*

#### **Vote**

Dee fir d'Motioun 2 ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

D'Motioun 2 ass eestëmmeg ugeholl.

#### **Motion 3**

Mir kommen elo zum Vote vun der Motioun 3.

#### **Vote**

Dee fir d'Motioun 3 ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

D'Motioun 3 ass eestëmmeg ugeholl.

#### **Motion 4**

Da komme mer zur Motioun 4.

#### **Vote**

Dee fir d'Motioun 4 ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

D'Motioun 4 ass eestëmmeg ugeholl.

#### **Motion 5**

Elo stëmme mer iwwert d'Motioun 5 of.

#### **Vote**

Dee fir d'Motioun 5 ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

D'Motioun 5 ass eestëmmeg ugeholl.

#### **Motion 6**

Da komme mer zur Motioun 6.

Do ass eng Modifikatioun virgeschloen, an zwar "étudier l'opportunité de la mise en oeuvre d'une telle campagne de sensibilisation".

Ass d'Chamber och domat d'accord?

#### **(Négation)**

Ah, d'Madame Wagener ass net d'accord. Da stëmme mer elektronesch of.

#### **(Interruptions)**

Jo, da stëmme mer iwwert déi original Versioun of. Also, ech mengen: Wa schonn, da schonn!

#### **(Hilarité)**

De Vote fänkt un.

#### **Vote**

Déi fir d'Motioun 6 si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

D'Motioun ass verworf mat 35 Neen-, 20 Jo-Stëmmen an 3 Abstentionen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Georges Wohlfart), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Ben Fayot), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jean Asselborn), Mme Lydia Mutsch (par Mme Lydie Err), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Gast Gibéryen et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Patrick Santer), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Jean-Pierre Koepp.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombero (par M. Jacques-Yves Henckes), Fernand Greisen et Jacques-Yves Henckes.*

#### **Motion 7**

An da komme mer zur Motioun 7.

Do maache mer och e Vote électronique.

#### **Vote**

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi der géint si mat Neen.

De Vote ass ofgeschloss. D'Motioun ass verworf mat 48 Neen-, 8 Jo-Stëmmen an 1 Abstention.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen et Robert Mehlen;*



MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Patrick Santer), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Georges Wohlfart), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jos Scheuer), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart;

MM. Jacques-Yves Henckes et Jean-Pierre Koepp.

S'est abstenu: M. Fernand Greisen.

Kolleginnen a Kolleegen, domat wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mëtten um halwer 3.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 18.56 heures)**

Communications .....	pages 161-162	de Gasperich" avec reconstruction de l'ouvrage d'art 216 sur la A6 et réaménagement du carrefour formé par la route nationale 4 et le chemin repris 186 .....	pages 190-196
Ordre du jour .....	pages 162-163	Question avec débat N° 17 de M. Alex Bodry sur l'évaluation des recettes fiscales .....	pages 197-199
Dépôt d'une proposition de loi .....	page 163	Débat d'orientation sur la politique de la restau- ration collective, et en particulier de la restau- ration scolaire, demandé par le groupe Déi Gréng .....	pages 199-222
Heure de questions au Gouvernement		Dépôt d'une proposition de loi .....	page 209
- Question 157 de M. Marco Schank relative aux stratégies de promotion et d'introduction des maisons passives sur le marché .....	pages 163-164	Dépôt d'une motion par M. Ben Fayot concer- nant les chargés de cours .....	page 223
- Question 158 de M. Jos Scheuer relative à la formation des chargés de cours .....	pages 164-165	<b>Déclaration sur la Politique de Coopération et d'Action humanitaire présentée par M. Charles Goerens, Ministre de la Coopé- ration et de l'Action humanitaire</b> .....	pages 224-232
- Question 159 de M. Gusty Graas relative aux décisions prises lors de la Conférence de Marrakech .....	pages 165-166	Proposition de loi 4823 de M. Robert Garcia visant à modifier la loi du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets ...	pages 232-240
- Question 160 de M. Camille Gira relative à l'accord sur la convention collective dans le secteur social .....	pages 166-167	Projet de loi 4829 modifiant l'article 2 de la loi du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti .....	pages 240-252
- Question 161 de Mme Marie-Josée Meyers- Frank relative à l'harmonisation des rythmes scolaires .....	pages 167-168	Communications .....	page 253
- Question 162 de M. Ben Fayot relative à la Conférence ministérielle de l'Orga- nisation Mondiale du Commerce (OMC) à Doha (Qatar) .....	pages 168-169	Ordre du jour .....	pages 253-254
- Question 163 de M. Jacques-Yves Henckes concernant l'implantation future des Archives nationales suite aux discussions sur l'emplacement de la Cité judiciaire .....	page 170	Heure de questions au Gouvernement	
- Question 164 de M. Jos Scheuer relative à l'annulation des mesures compensatoires pour la construction de la Zone industrielle "Le triangle vert" entre Hellange-Gare et Mondorf-les-Bains .....	pages 170-171	- Question 166 de M. Patrick Santer relative à la loi du 22 frimaire de l'an VII et l'accès libre à la justice .....	pages 255-256
- Question 165 de M. Jean Colombero relative au rôle à assumer par le Ministère de la Santé en cas de catastrophe majeure .....	pages 171-172	- Question 167 de M. Mars Di Bartolomeo relative à la renégociation des parités d'échange entre l'ARBED, Aceralia et l'Usinor .....	pages 256-257
Projet de loi 4418 modifiant		- Question 168 de M. Jean Huss relative au projet de construction du nouveau Lycée technique Mathias Adam dans le PED de Rodange sous l'aspect du risque d'accidents survenant dans les firmes proches du site projeté .....	page 257
a) la loi du 17 juin 1994 concernant les services de santé au travail,		- Question 169 de M. Jos Scheuer sur l'abolition des prix maxima pour les produits de boulangerie .....	pages 258-259
b) la loi modifiée du 20 mai 1988 concernant la protection des travailleurs contre les risques liés à une exposition à des agents chimiques, physiques et biologiques pendant le travail,		<b>Débat sur la Politique de Coopération et d'Action humanitaire</b> .....	pages 259-295
c) la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail .....	pages 172-189	Noriichten „aus der Chamber" .....	pages 13-36
Dépôt d'une motion par Mme Renée Wagener concernant les modalités des consultations complémentaires pouvant être exécutées par les sages-femmes .....	pages 189-190	Questions au Gouvernement .....	pages jaunes 25-48 au milieu du compte rendu
Projet de loi 4835 autorisant le Gouvernement à faire procéder au réaménagement de la "Croix			